

INFO °02 26 BLAT

Den analytesche Bericht von der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 18. MÄERZ 2026

Conseil communal du 3 juin 2026

ACCUEIL > CONSEIL COMMUNAL DU 3 JUIN 2026

A- A+ 

Conseillers présents

ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP)

CEMAN Emina (CSV)

MULLER Erny (LSAP)

ULVELING Tom (échevin, CSV)

CILLIEN Eric (DP)

OLTEN Claude (CSV)

WAGNER Thierry (échevin, LSAP)

DA SILVA Elisabeth (DP)

PREGNO Laura (déi gréng)

HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV)

DIDERICH Gary (déi Lénk)

SCHEUREN Michel (LSAP)

CHARLÉ Zenia (échevine, LSAP)

HUBERTY Caroline (LSAP)

SCHÜTZ Manon (déi gréng)

AGUIAR Paulo (déi gréng)

MEISCH François dit Fränz (DP)

TEMPELS Guy (CSV)

Absents et excusés

ENGEL Morgan (LSAP)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{02 26}

COMPTE-RENDU DU 18 MARS 2026**5-70**

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Claude Piscitelli

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 03/2022, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

DU MERCREDI 18 MARS 2026

CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Zenia Charlé, échevine (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)

Morgan Engel (LSAP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Caroline Huberty (LSAP)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

Absents/excusés: Claude Olten (CSV)

ORDRE DU JOUR

SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège échevinal.
2. Présentation par le conseiller externe du bilan 2025 relatif au Pacte climat.
3. Finances communales : comptes administratif et de gestion de l'exercice 2024.
4. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers :
 - a. Modifications ponctuelles du PAG à Differdange — vote du conseil communal suivant article 14 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain — contenant : le classement d'une zone de sports et de loisirs (REC-1) d'une envergure d'environ 0,62 en zone d'habitation 1 (HAB-1) soumise à un plan d'aménagement particulier Nouveau Quartier (PAP NQ OB10 — rue de l'Eau) le long de la rue de l'Eau à Oberkorn, le classement partiel de la parcelle 224/4758 (510 m²) située à Differdange, rue de Hussigny, actuellement située en zone verte en zone d'habitation 1 (HAB-1), la superposition de plusieurs maisons situées le long de la rue de Belair en tant que constructions à conserver, le classement comme patrimoine culturel national des immeubles sis aux 157 et 159, avenue de la Liberté à Niederkorn et la suppression de la zone délimitant le PAP approuvé Wuelemswiss 2;
 - b. Projet de modification du plan de repérage et de la partie écrite du plan d'aménagement particulier Quartier existant (PAP QE) concernant des fonds situés à Differdange, Niederkorn et Oberkorn, présenté par le collège échevinal pour le compte de la Ville de Differdange;
 - c. Demande de morcellement de terrains situés rue Saint-Pierre à Niederkorn;
 - d. Demande de morcellement de terrains situés rue des Champs à Oberkorn.
5. Projets communaux :
 - a. Devis actualisé avec analyse comparative accompagné du deuxième avenant au contrat de conception, construction et exploitation d'Aquasud dans le parc des Sports à Oberkorn — article budgétaire 4/823/221313/19038;
 - b. Travaux de transformation de la maison 2a, rue du Kirchberg à Niederkorn en structure de dépannage pour accueillir des personnes sinistrées — devis et crédit spécial, article budgétaire 4/261/221312/26001;
 - c. NetZeroCities — modernisation de l'éclairage public (DEL) — devis, article budgétaire 4/624/222100/23001;
 - d. Hall sportif de Niederkorn — installation de panneaux photovoltaïques — devis, article budgétaire 4/822/222100/26053;
 - e. École Saint-Pierre de Niederkorn — installation de panneaux photovoltaïques — devis, article budgétaire 4/910/222100/26054;

- f. Ferme Lommel — étude et développement du projet — décompte, article budgétaire 4/132/221311/19001;
 - g. Parc Terrain-AS — mise en place d'une pergola sur le terrain de pétanque — décompte budgétaire 4/625/221313/25003;
 - h. Église de Lasauvage — travaux de rénovation — devis supplémentaire et décompte, article budgétaire 4/850/221312/12017;
 - i. Église de Lasauvage — travaux d'aménagement extérieur — décompte, article budgétaire 4/850/221311/20011;
 - j. Travaux de transformation d'une maison unifamiliale au 12, avenue du Parc-des-Sports — devis et crédit spécial, article budgétaire 4/611/221312/26074.
- 6. Personnel communal : ajustement des indemnités versées aux collaborateurs de l'équipe Animateam.**
- 7. Actes et conventions :**
- a. Acte notarié visant l'acquisition de terrains sis à Niederkorn au lieudit rue de Longwy d'une superficie totale de 12,29 a;
 - b. Acte notarié visant l'acquisition de quatre constructions légères/garages sis à Differdange, rue du Chemin-de-Fer;
 - c. Contrats de bail établis suivant les dispositions relatives au logement abordable pour les logements locatifs à Differdange;
 - d. Contrats de bail et avenants concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub;
 - e. Contrats de bail visant la location de terrains sis aux abords de la rue Waterloo à Differdange;
 - f. Convention relative à l'exploitation d'une structure semi-fixe sise à Niederkorn, parking Haneboesch;
 - g. Convention de participation financière conclue avec la Croix-Rouge luxembourgeoise visant la prise en charge des frais du foyer de l'épicerie sociale de Differdange;
 - h. Convention relative à la médiathèque numérique du Luxembourg MéNuLu;
 - i. Premier avenant à la convention avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg relative à la participation financière au centre culturel Aalt Stadhaus ainsi qu'au Sonotron à Differdange;
 - j. Deuxième avenant au contrat de bail commercial d'un local situé dans l'immeuble connu sous la dénomination maison Moderne situé au 30, avenue de la Liberté à Differdange;
 - k. Deuxième avenant à la convention de service en matière de mobilité électrique (Bestcharge).
- 8. Règlements communaux : règlements temporaires de circulation.**
- 9. Changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.**

1. Communications

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäfferot an dem Gemengerot, léif Vertrieeder vun der Press, léif Nolauschterer dobaussen, ech si frou, Iech an der Sitzung vum Gemengerot vum 18. März 2026 ze begréissen.

Entschëllege léisst sech den Här Olten Claude, deen am Ausland ass an eis eng Procuratioun zoukomme gelooss huet, fir dass d'Madamm Ceman Emina säi Vott kann iwwerhuelen.

Ech géif direkt ufänke mat de Froen. Op den Ordre du jour géife mer déi bähuelen, ier mer an d'Séance non-publique géife goen. Wien huet eng Fro unzemellen? Den Här Meisch, den Här Cillien, d'Madamm Pregno an d'Madamm Schütz. Ech schreiwe mer dat op. Wann am Laf vun der Sitzung nach eng Fro sech géif stellen oder eng Fro néideg wier, da géife mer déi nach bähuelen, ier mer an d'Non-publique géife goen.

Da géife mer op den Ordre du jour iwwergoen. De Punkt 1, dat sinn d'Kommunikatioun vum Schäfferot. Do géif ech d'Wuert un den Här Ulveling ginn, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Bonjour, Dir Dammen, Dir Hären, léif Kollegen, zwou ganz kuerz Matdeelungen. Dat eent ass de Chantier vum neie Stadhaus. Do si mer amgaangen, relativ gutt virunzekommen. De Mëtteg wäerte mer déi lescht affinéiert Pläng kréie vun der Fassad.

Mir hunn decidéiert, dass mer ënner dem Gebai e gréissere Parking wäerte bauen, mat ëm déi 150 Parkplazen. Dee Parking soll dann dee Parking ersetzen, deen op der Place Nelson Mandela hätt solle gebaut ginn. Dat géif eis erméiglechen, am plaz zwee Chantieren nëmmen een ze hunn.

Dat géif eis och erméiglechen, deene Leit, déi do wunnen, vill manner Stress ze maachen, wa mer nämlech nëmmen op enger Plaz buddelen an net esou no bei de Leit, dann ass dat och eng gutt Saach. An natierlech rechne mer och domat, dass mer do awer en Deel vun

de Käschte wäerten erëm aspueren, déi mer dann an deenen zwee Chantieren hätte missen ausginn.

Wéi gesot, mir sinn amgaangen, dat ze affinéieren. An ech hu wëlles, an ongeféier zwou Wochen, den Datum kritt Der matgedeelt, nach eng Kéier eng informell Gemengerotssëtzung ze maachen, fir Iech déi Pläng e bëssen am Detail virzestellen. Fir dass mer nach kënnen, wann do gréisser Dissonanze wieren oder wann nach een eng aner, besser Iddi hätt, déi direkt kënnen abauen. Fir dass mer elo an der Planung dat kënnen dann direkt final maachen, ouni dann erëm vu vir, an hei an do, dat erëm mussen ze changéieren.

Dat Zweet ass eng Informatioun, dass tëschent dem 26. an dem 29. Abrëll Aarbechte vum Waassersyndikat SES hei zu Déifferdeng geplangt sinn. Eng wichteg Drénkwaasserleitung, déi de Bassin Ratterem speist, gëtt fir ronn 50 Stonnen ausser Betrib geholl. Fir datt et net zu engem Waassermanktem kënn, gëtt d'Drénkwaassernetz an där Zäit ëmgestallt an iwwer de Bassin Nidderkuer versuergt. Dobäi kann et zu liichten Drockschwankunge während der Ëmstellung kommen. Mee et ass ëmmer Waasser do.

Dat Ganzt gëtt an de kommenden Deeg getest, fir dass mir dem SES kënnen gréng Luucht ginn, fir déi Aarbechten am Abrëll dann ze realiséieren. Wann den Test net zefriddestellend ass, mussen mir no anere Léisunge sichen. D'Versuergungssécherheet geet vir. Wéi gesot, jiddweree wäert Waasser hunn, mee et ka sinn, dass et Problemer mam Drock gëtt, während mer déi Ëmleedung maachen. Dat wollt ech Iech haut matdeelen.

Dat wär alles, wat ech à ce stade matzedelen hätt. Ech soen Iech villmools Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Da géif ech d'Wuert un den Här Wagner ginn, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP) ouvre la séance du conseil communal du 18 mars 2026. Il indique que monsieur Olten, qui est actuellement à l'étranger, a donné une procuration à madame Ceman pour qu'elle vote en son nom.

Il propose d'intégrer les questions au programme avant de passer à la séance non publique et note les demandes d'intervention de monsieur Meisch, monsieur Cillien, madame Pregno et madame Schütz, en précisant que d'autres questions pourront encore être ajoutées en cours de séance.

Il passe ensuite aux communications du collège échevinal et donne la parole à monsieur Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) présente deux communications. La première concerne le chantier du nouvel hôtel de ville, qui progresse bien. Les plans définitifs de la façade doivent être livrés le jour même. Le collège échevinal a décidé de construire, sous le bâtiment, un parking d'environ 150 places, destiné à remplacer celui initialement prévu sur la place Nelson-Mandela. Cette solution permet de regrouper deux chantiers en un seul, de réduire les nuisances pour les riverains et de réaliser des économies. L'échevin annonce qu'une séance informelle du conseil communal se tiendra dans environ deux semaines afin de présenter les plans en détail et de recueillir d'éventuelles suggestions avant la finalisation du projet.

La seconde communication porte sur des travaux du syndicat des eaux (SES) prévus du 26 au 29 avril à Differdange. Une conduite d'eau potable importante, qui alimente le bassin du Ratterem, sera mise hors service pendant environ cinquante heures. Le réseau sera temporairement réorganisé afin d'être alimenté par le bassin de Niederkorn. De légères variations de pression sont possibles, mais l'approvisionnement en eau reste garanti. Un test sera effectué dans les jours qui viennent; si les résultats ne sont pas satisfaisants, d'autres solutions seront recherchées, la sécurité d'approvisionnement étant prioritaire.

1. Communications

THIERRY WAGNER (LSAP) présente une nouveauté dans le domaine du sport. La Nuit du sport, projet mené conjointement par le ministère des Sports, le Service national de la jeunesse et les communes participantes, prend une nouvelle forme cette année. L'objectif est de faire découvrir le sport et le mouvement à un large public, y compris à celles et ceux qui ne sont pas encore physiquement actifs.

Lancée en 2009 par 4 communes, l'initiative compte 49 communes partenaires en 2025, dont Differdange pour l'édition du 6 juin 2026. Plutôt que de concentrer les activités au parc des Sports, la Commune choisit cette année de se rapprocher des habitants en répartissant les animations dans le centre-ville, notamment au parc Gerlache, où se tient le même jour l'événement Live am Park. La maison des jeunes prendra en charge une partie de l'organisation, sous la coordination du service des sports.

JERRY HARTUNG (CSV) annonce avec enthousiasme que la bibliothèque de Differdange participe pour la première fois à la Nuit des bibliothèques, une initiative nationale au cours de laquelle les bibliothèques du pays ouvrent leurs portes en soirée dans une atmosphère particulière, avec des lectures, des ateliers et diverses activités. L'événement aura lieu le vendredi 27 mars, de 18 h à 21 h 30, avec certaines activités qui débiteront dès l'après-midi.

Le programme comprend un atelier d'écriture créative pour adultes, une animation spéciale pour les enfants, un concours de dessin ainsi que du temps libre pour feuilleter des livres et découvrir de nouvelles histoires. L'inscription préalable à la bibliothèque est recommandée. Jerry Hartung se dit heureux que la commune de Differdange participe cette année à une initiative à laquelle neuf autres bibliothèques à travers le pays prennent également part.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, schéine gudder Moie vu menger Säit. Ech hunn eng Neiegekeet aus dem Sport fir Iech: Ab dësem Joer kritt d'Nuit du sport eng nei Nues. D'Nuit du sport ass jo ee Projet tëschent dem Sportsministère an dem Service national de la Jeunesse an de verschiddene Gemengen, déi matmaachen.

Sënn an Zweck vun där Organisatioun ass, kuerz resüméiert, Jonker a manner Jonker Sport a Bewegung méi no ze bréngen an dëst, andeems een nei Aktivitéiten entdeckt an ausprobéiere kann.

Et ass och ee Moyen, dass Associatiounen sech kënnen dem breede Public virstellen.

Véier Gemengen hunn 2009 déi éischt Editioun vun der Nuit du sport lancéiert. 2025 ware mer bei 49 Partnergemengen, an och Déifferdeng ass dobäi fir d'Editioun 2026, de 6. Juni.

Mir sinn awer der Meenung, dass mer de Sport bei d'Leit solle bréngen an net, dass d'Leit bei eis kommen, wéi dat elo am Parc des Sports de Fall war. Ënner dem Stréch kommen esou éischter Awunner, déi souwisou scho sportlech aktiv sinn, mee et geet jo haaptsächlech och dorëms, nei Leit iwwerhaapt fir Sport a Bewegung ze begeeschteren.

Dowéinst versiche mer, dëst Joer méi am Zentrum ze sinn, verdeelt op verschiddene Plazen, respektiv och am Parc Gerlache, wou deen Dag och Live am Parc ass. Dat kann een da flott kombinéieren.

Nieft de Veräiner an dem Live am Parc iwwerhëlt d'Jugendhaus een Deel vun der Organisatioun, chaponéiert vun eise Service des sports.

Also ee sportleche Rendez-vous fir eis all de 6. Juni. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Här Hartung, wannechgeeft.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Här Buergermeeschter. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen aus dem Schäffchen- a Gemengerot, léif Matbierger, Verrieder vun der Press, gudder Moien.

Ech freet mech, Iech haut eng ganz besonnesch flott Noriicht matzedeelen: D'Bibliothék vun Déifferdeng mécht dëst Joer fir d'éischt bei der Nuecht vun der Bibliothéike mat. En änleche Pendant, wéi mer elo grad héieren hu vum Här Wagner, d'Nuit du Sport, gëtt et och eng Nuit des bibliothèques.

Mir hunn hei zu Déifferdeng jo wierklech eng ganz schéin a modern Bibliothék. Eng Plaz, wou d'Leit sech treffen, liesen, entdecken a kreativ kënnen sinn. Do hu mer eis gesot, wann een esou eng flott Bibliothék huet, da mussen mer einfach bei esou enger landeswäiter Initiative matmaachen.

D'Nuit des bibliothèques ass eng Aktioun, bei där d'Bibliothéiken uechter Lëtzebuerg owes hir Dieren opmaachen an de Visiteuren d'Méiglechkeet ginn, d'Bibliothék an enger ganz besonnescher Atmosphär ze entdecken. Mat Liesungen, Workshops an aneren Aktivitéiten weisen d'Bibliothéiken, wéi vill fäleg hir Offer ass.

Dëst ass e Freideg de 27. Mäerz vun 18:00 bis 21:30 Auer. Direkt uschléissend un eis normal Öffnungszäiten.

E puer Aktivitéiten fänken natierlech och schonn am Virfeld am Nomëtteg lues un.

Fir dësen Owend hu mir e flotte Programm zesummegestallt. Am beschten ass et, sech am Virfeld an der Bibliothék dofir anzeschreiwen. Et gëtt een Atelier d'écriture créative fir Erwuesener, e Bib fir Kids Special, e Concours de dessin an natierlech och vill Zäit, fir an de Bicher ze bliedern an nei Geschichten ze entdecken.

Mir si frou, dëst Joer Deel vun dëser Initiative ze sinn. Zesumme maachen nach néng aner Bibliothéiken uechter d'Land mat. Mer hoffen, datt vill Leit d'Geleeënheet notzen, fir eis Bibliothék op dësem Wee nei kennenzeléieren.

Mir géifen eis freeën, Iech de 27. Mäerz an der Bibliothék am Ale Stadhaus zu

1. Communications

Déifferdeng begrüessen ze dierfen. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung, fir déi Erklärungen. Et ass un der Madamm Charlé, wannechgeleft.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Villmools merci fir d'Wuert. Gudde Moie jiddwerengem heibannen, an natierlech och dobaussen, deen haut no lauschtert.

Ech hätt verschidde Kommunikatiounen. Ech fänken un domat, wat am Beräich Ekologie usteet oder matzedeele ass. Wéi Der wësst, oder hoffentlech wësst, ass dës Samschdeg eis Bëschbotzaktioun, déi, wéi all Joer, um 9:00 Auer moies lassgeet, Rendez-vous um 9:00 Auer, an da geet et viru bis 13:00 Auer, mat engem klengen Iessen dobäi, an natierlech och enger Foto, fir ze weisen, wat mer alles asammele konnten.

An deem Kader probéiere mer schonn e Samschdeg d'App, DARLIn heescht déi. Dat ass eng App, wou et ëm Littering geet, dat heescht, wou ee fotograféiert, wann ee Knascht ënnerwee gesäit, sief et am Bësch oder op soss Plazen. Esou kënne mer ufänken, e bëssen eng Kategoriséierung ze maachen an natierlech och op der Kaart erauszefannen, wou sech am meeschte Knascht bei eis an der Gemeng befënnt. Mir versichen, dës App e Samschdeg als Éischt ze testen, mat de Leit, déi bei der Bëschbotzaktioun dobäi sinn. Ob mer zu 100 % prett sinn, wësse mer net, mir gi jiddfalls Gas, dass dat klappt.

Déi App, dat ass iwwregens am Kader vun engem Appel à projets vu Smart Cities gewiescht, wou mer eng Subvention vum Ëmweltfong kréien. Dofir si mer mat deem Projet amgaangen.

Eng aner Informatioun ass, wéi Der vläicht op eise Soziale Medie gesinn hutt, hate mer e bëssen, ech soen elo mol, net Reklamm gemaach, fir déi asiatesch Horniss, wou jo aktuell hei am Land an och doriwwer eraus relativ vill Problemer sinn. Dat ass eng Aart,

déi sech ëmmer méi ausbreit an eigentlech hei net vill verluer huet an eis eenheemesch Beie futti mécht. Ech mengen, jiddwereen huet bestëmmt schonn dovunner héieren.

Mir hunn an de leschte Wochen a Méint vill doru geschafft, am Fong en Aktiounsplang opgestallt, wéi mer als Gemeng hei kënnen handeln: Wat kënnen mer maache fir de Bierger? Wat kënnen mer maachen, wann d'Leit iwwerhaupt mengen: Ass et eng, ass et dat elo net, ass et vläicht awer just eng Harespel? An esou weider. Do hu mer e puer Saachen opgestallt.

Et ass awer elo esou, dass mer waarden, well den Ëmweltministère kommunizéiert huet, datt si bis Enn Abrëll en eegenen Aktiounsplang entwéckelt hätten. Deemno waarde mer natierlech, well dat soll sech jo och net iwwerschneiden oder net sënnvoll zesumme funktionéieren.

Mir hoffen, Iech Enn Abrëll e bësse méi kënnen ze soen, wéi mer elo ganz genau de Leit hei hëllef kënnen. D'Iddi wär awer schonn, dass et eng Aart Subvention gëtt fir déi Leit, déi betraff sinn. An och natierlech, dass mer hinnen hëllef bei der Berodung an eventuell och beim Ewechmaachen. Mee dat wär dann deen zweete Schratt.

Dann, wéi Der vläicht och alleguerten héieren hutt, den 10. Mäerz war den Ofschloss vun der Botzaktioun an de Flëss Uelzecht a Kor. Do war och de Minister dobäi. Do waren 13 Gemengen, déi iwwer zwou Woche matgemaach hunn, fir 78 Kilometer Baachen ze botzen.

Hei goufe 47 Kubikmeter Dreck erausgezunn aus eise Baachen. Do si mer natierlech och ganz frou – pardon, ech hunn eppes Falsches gesot, ech hunn hei eppes falsch gelies. Sechs Tonne Knascht gouf aus de Baachen erausgezunn. Mir sinn natierlech ganz frou, dass mer konnten deelhuelen, dass mer als Gemeng vertruede waren.

Eng aner Saach, wéi och schonn d'lescht Joer ëm déi selwecht Zäit kommunizéiert, ass erëm eis Moukesammelaktioun zu Lasauvage amgaangen, wou mer iwwer 50 Benevollen hunn, a wou natierlech och all Benevole nach wëllkomm ass dobäizestoussen. An

Il espère que de nombreuses personnes saisiront l'occasion de redécouvrir la bibliothèque par ce biais et invite chacun à se rendre le 27 mars à l'Aalt Stadhaus de Differdange.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) salue l'assemblée ainsi que les personnes suivant la séance à distance, puis présente plusieurs communications.

En matière d'écologie, elle rappelle que l'action annuelle de nettoyage de la forêt aura lieu samedi prochain, de 9 h à 13 h, avec une collation et une photo de groupe pour montrer les déchets collectés.

À cette occasion, la commune compte tester pour la première fois l'application DARLIn, consacrée au « littering » : elle permet de photographier les déchets repérés en forêt ou ailleurs, afin de les catégoriser et de localiser sur une carte les zones les plus touchées. Cette application s'inscrit dans le cadre d'un appel à projets Smart Cities financé par le Fonds pour l'environnement. L'échevine évoque ensuite le problème du frelon asiatique, espèce invasive qui se répand de plus en plus et décime les abeilles locales. La commune a élaboré un plan d'action pour accompagner les citoyens, mais attend la publication, prévue fin avril, du plan d'action du ministère de l'Environnement, afin d'assurer la cohérence entre les deux démarches. L'idée serait notamment de proposer une aide financière aux personnes concernées, ainsi qu'un service de conseil et, le cas échéant, d'élimination des nids. Zenia Charlé mentionne également la clôture, le 10 mars, de l'opération de nettoyage des cours d'eau de l'Alzette et de la Chiers, à laquelle 13 communes ont participé pendant 2 semaines : 6 t de déchets ont été extraits sur 78 km de ruisseaux. Elle signale par ailleurs que la collecte annuelle de crapauds à Lasauvage est en cours, avec plus de cinquante bénévoles déjà engagés.

L'échevine passe ensuite à la mobilité. Plusieurs chantiers importants sont concentrés pendant les vacances de Pâques afin de limiter les perturbations liées au trafic scolaire et professionnel.

1. Communications

Du 30 mars au 3 avril, l'accès au centre-ville depuis le boulevard Émile-Krieps sera fermé pour des travaux de canalisation.

Du 28 mars au 11 avril, des travaux similaires auront lieu à Nidderkorn, au Haneboesch, où un nouveau centre commercial avec un Delhaize doit ouvrir. Le Haneboesch lui-même rouvre le 1er avril, ce qui entraîne un chevauchement de trois jours entre les deux chantiers.

L'échevine annonce aussi le réaménagement du carrefour de la Woiwer fin avril : les feux seront reprogrammés de manière classique, avec une onde verte simple et des phases piétonnes individualisées, afin de mettre fin aux situations de confusion actuelles. La rue de la Woiwer sera en outre limitée à trente kilomètres par heure, et des surfaces de blocage seront tracées pour empêcher le stationnement abusif, source de danger, notamment le soir.

Enfin, Zenia Charlé indique que le lancement du nouveau parcours du Diffbus, initialement prévu début avril, est reporté au 13 avril en raison des chantiers.

deenen, déi elo schonn dobäi sinn, e ganz grouse Merci.

Da komme mer zum zweeten Deel, dat wär alles méi a Richtung vun der Mobilitéit. Hei hu mer verschidde gréisser Chantieren an Ännerungen an eise Stroosseraum déi nächst puer Wochen, virun allem an der Ouschtervakanz.

Viruszesoen ass, datt mer all déi Chantieren, alles an déi selwecht Richtung eragedréckt hunn an zwar an déi Ouschtervakanz, fir datt mer einfacher Perturbatiounen am Trafick hunn, wéi wann den normale Berufsverkéier ass plus d'Schoulen dann och nach un- an ausginn, fir dat e bëssen ze evitéieren.

Vum 30. März bis den 3. Abrëll ass den Deel zou, wann ee vum Boulevard Émile Krieps an den Zentrum wëll fueren, wou et eropgeet bei eisen Zuchquai erop. Do ass zou fir eran an eraus. Dat ass wéinst Kanalarbechten. Mir kommen net wierklech dolaanscht. Et ass net cool, mee et gehéiert awer leider dozou. Dee Moment geet dann all Accès uewen, no der Police, lénks eran. Oder iwwer de PN15 natierlech, ass och eng Optioun.

Vum 28. März bis den 11. Abrëll ginn zu Nidderkuer am Haneboesch, wou den neie Centre commercial wäert sinn, do wäert den Delhaize opgoen, Kanalarbechte gemaach. Während zwielef Deeg ongeféier wäert do zou sinn. Wat natierlech net cool ass, wéinst dem Haneboesch. An do komme mer bei den Haneboesch. Dee geet den 1. Abrëll – an et ass kee Witz, et ass keen Abrëllsgeck – erëm op.

Esou dass effektiv et sech leider ëm dräi Deeg iwwerschneit, déi zwee Chantieren. Mee vu datt soss den Delhaize net ëm den Datum kann opmaachen, wäert dat sech leider dann do dräi Deeg iwwerschneiden. An dann den 1. Abrëll geet den Haneboesch op. An dann hoffe mer, dass, alles wat den Trafick an der Rue Pierre Gansen ass, och erëm sech verbessert.

Et war jo och d'leschte Kéier eng Fro, déi hei am Raum gestallt ginn ass, fir wéini den Chantier fäerdeg wär. Dann hutt Der do och direkt déi Äntwert.

Dann nach d'Informatioun: Enn Abrëll wäerte mer d'Woiwer Kräizung nei gestalten. Dat heescht, dat soll net méi esou weidergoen, wéi et elo ass. Mir wëssen all: Et ass net ideal. Et gouf och schonn no ville Léisunge gesicht, fir et iergendwéi ze verbessern.

Mir wäerten déi Kräizung ganz normal eigentlech schalten, dass een ëmmer eng gréng Well huet oder eng rout Well. Entweder et bleift ee stoen oder et fiert een. Et steet net iergendee matzen an der Strooss. Et ass och net eng Virfaartstrooss, déi ëm den Eck geet. Et ass einfach riichtaus. A wann ee Foussgänger gréng freet, da kritt e gréng an net véier Foussgänger gläichzäiteg. Esou versiche mer, d'Situatioun op jiddede Fall ze verbessern.

Dozou wäerte mer dann och an der Woiwer Strooss – dat kënne mer awer schonn e bëssen éischer maachen, dat heescht an der Ouschtervakanz wäerte mer d'Woiwer Strooss erofsetzen op 30 km an der Stonn.

An och oppassen, datt mer verschidde Spärflächen zeechnen, fir datt do net méi Abus gedriwwen gëtt, virun allem owes, wou d'Autoen e bëssen egal wou stinn an oft ganz geféierlech Situatiounen sech erginn.

Nach zwou kleng weider Informatiounen: De Start vum neien Tour vum Diffbus sollt uganks Abrëll sinn, opgrond vun deene ville Chantieren, déi Der dann elo matkritt hutt, mussen mer dat ëm zwou Woche verleeën. Dat heescht den neien Diffbus-Tour geet den 13. Abrëll mam Chantier Haneboesch an de Start.

A schonn am Virus, fir alleguerten déi, déi eng Diffcard hunn oder sech nach eng wollten zouleeën: Mir kommen un en Enn vun der Diffcard. Ech hat dat och schonn e puermol kommunizéiert am Virus, datt, soubal mer mat Indigo Neo starten, dass de System Diffcard net méi wäert funktionéieren. Dat heescht: Schaaf Iech keng nei un.

Jiddweree kann déi elo nach benotze bis Enn Juli. Dat heescht, dat ass nach e Strapp. Ab dem 1. August wäert den neie System lassgoen. Ech wäert méi eng detailléiert Presentatioun am Juni am Gemengerot maachen. Ech mengen, déi ass den 3. Juni, wann ech mech net

2. Pacte climat

ieren, fir do alles e bësse méi ënner d'Lupp ze huelen: d'Tariffer, d'Méiglechkeeten, déi mer hunn.

Dat kënnt och nach alles an d'Kommissiounen. Dofir haut net ze vill Informatiounen. Leit, déi do nach Informatiounen wëllen, mat der Diffcard, wéi se wat solle maachen, déi kënne sech gär beim Mobilitéitsservice oder och beim Service clients natierlech mellen.

Dat war et vu menger Säit. Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé, fir déi Informatiounen. Punkt 2 um Ordre du jour ass eng Presentatioun a Relatioun mam Klimapakt. Do géif ech nach eng Kéier d'Wuert un d'Madamm Charlé ginn. Ech begrëssen anengems eisen externe Conseiller, deem eis wäert technesch Detailer zu deem Punkt ginn. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci. Déi grouss Parole loossen ech dem Här Thierry Schaack, deem eis elo eng Presentatioun heiriwwer wäert maachen. Hie wäert eis de Bilan 2025 vum Klimapakt haut virstellen.

Soubal hie prett ass.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):

Gudde Moien alleguerten. Mäin Numm ass Thierry Schaack. Merci fir d'Aféierung. De Klimapakt 2.0 gesäit vir, dass mer eemol d'Joer am Gemengerot de Bilan maachen. Deen hu mer och schonn e puermol gemaach gehat. D'lescht Joer war dee leider e bësse ausgefall.

Ech géif dann duerch de Powerpoint goen, fir eng Kéier de Resümmee ze maachen.

Fir d'éischt allgemeng Informatiounen zum Klimapakt, da wat de Stand vum Klimapakt 2.0 an der Gemeng Déifferdeng ass, duerno ginn ech op d'Indicateuren an, dat heescht: Wéi gesinn déi

verschiede Kennzuelen aus hei an der Gemeng? Da kucke mer iwwer d'Zertifikater an d'Subsiden an dann déi nächst Stéchdatumer.

Allgemeng Informatiounen: De Klimapakt baséiert op engem Gesetz vum 2021. Seng Lafzäit geet bis 2030. D'Gemeng kritt fir d'Ëmsetzung vum Klimapakt eng finanziell an eng technesch Ënnerstëtzung. Eng technesch Ënnerstëtzung a Form vum engem Klimaberoeder, dat heescht vu menger Wéinegkeet.

De Vertrag fir de Klimapakt 2.0 ass op fräiwëlleger Basis. D'Hauptobjektiver vum Klimapakt, ob et elo de Virgängerpakt 1.0 war oder elo den 2.0, sinn, dass d'Gemeng eng Virreiderroll iwwerhëlt an der Energie- an an der Klimaschutzpolitik. Dat heescht: global denken, lokal handeln. Wou mer mat Climate City a Smart Cities de richtege Wee ageschloen hunn.

Doduerch kréie mer eis CO₂-Emissiounen reduzéiert a mir stimuléieren domadder eis lokal a regional Wirtschaft.

Wat sinn d'Flichte vum der Gemeng? Dat ass eemol d'Ëmsetzung vum European Energy Award. Dat heescht um Klimapakt 2.0 hänkt ee ganze Moossnamekatalog drun, wou d'Gemeng sech verpflichtet huet, deem ëmzesetzen.

Deen zweete Punkt ass d'Energie-Comptabilitéit. Dat heescht d'Gemeng Déifferdeng huet ongeféier eng 120 Gebaier. Fir déi 120 Gebaier leien an der Software Enercoach den Energieverbrauch dran, de Waasserverbrauch an och den Hëtze-Verbrauch dran.

Et gött e Klimaschäffen, mir hunn och e Klimateam, wou mer eis reegelméisseg gesinn. Mir hunn dann och Objektiver mat Haaptindicateuren. Op déi Haaptindicateure wäert ech nach drop zrëckkommen. An dann hu mer natierlech och d'Virstellung vum dem EEA-Programm, dat heescht vum Rapport annuel eemol d'Joer am Gemengerot.

Ganz wichteg ass natierlech och déi regional Zesummenaarbecht.

Wéi gesot, eng finanziell Ënnerstëtzung gött et vum der Klima-Agence an eng technesch Ënnerstëtzung eemol duerch de Klimaberoeder, verschidden Instrumenter a Softwares, déi vum der Klima-

Elle annonce aussi la fin programmée de la Diffkaart : celle-ci restera utilisable jusqu'au 31 juillet, avant l'entrée en service du nouveau système Indigo Neo le 1er août. Une présentation détaillée des tarifs et des modalités sera donnée lors du conseil communal du 3 juin. D'ici là, les citoyens peuvent s'adresser au service mobilité ou au service client pour toute question.

GUY ALTMEISCH (LSAP) remercie madame Charlé pour les informations précédentes et introduit le deuxième point de l'ordre du jour, consacré à une présentation relative au Pacte climat. Il passe la parole à madame Charlé et salue la présence du conseiller externe, qui apportera des précisions techniques.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) indique qu'elle laisse la parole à monsieur Schaack, qui présente le bilan 2025 du Pacte climat.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS) explique que le Pacte climat 2.0 prévoit un bilan annuel devant le conseil communal. Il rappelle que le Pacte climat repose sur une loi de 2021 et court jusqu'en 2030. La Commune bénéficie d'un soutien financier et technique, qui prend la forme d'un conseiller climat — en l'occurrence, lui-même. Le contrat est conclu sur une base volontaire.

L'objectif principal est que la Commune serve de précurseur en matière de politique énergétique et de protection du climat, en respectant le principe « penser global, agir local ». Cette voie est parfaitement celle empruntée par les démarches Climate City et Smart Cities. Cela permet de réduire les émissions de CO₂ et de stimuler l'économie locale et régionale.

Thierry Schaack détaille ensuite les obligations de la commune : la mise en œuvre de l'European Energy Award, qui implique un catalogue complet de mesures, ainsi que la comptabilité énergétique portant sur environ 120 bâtiments communaux, dont la consommation d'énergie, d'eau et de chaleur est enregistrée dans un logiciel dédié.

2. Pacte climat

La commune dispose d'une échelonne au climat, d'une équipe climatique qui se réunit régulièrement, d'objectifs assortis d'indicateurs principaux et d'un rapport annuel présenté au conseil communal.

La coopération régionale revêt également une grande importance. L'Agence pour le climat fournit un soutien financier, des outils logiciels et un service d'assistance.

Le Pacte climat se divise en six chapitres : la planification du développement et l'aménagement du territoire, qui couvre le plan d'aménagement général et les règlements de construction; les bâtiments communaux et leur comptabilité énergétique; l'approvisionnement et l'élimination, incluant l'eau potable et la gestion des déchets; la mobilité, allant de la mobilité douce au parc automobile communal en passant par la mobilité combinée; l'organisation interne, portant sur la structure organisationnelle et la formation continue; enfin, la communication et la coopération, qui concerne la collaboration avec les communes voisines et la sensibilisation des citoyens.

Concernant l'état actuel, Thierry Schaack précise que la commune se situait à 52,4 % en janvier 2024 et en est désormais à environ 61,1 %, avec un objectif d'au moins 65 % d'ici 2030. Il estime possible d'atteindre ce seuil dès l'année prochaine afin d'obtenir la certification suivante. Il signale toutefois que le chiffre de 61,1 % reste provisoire, la comptabilité énergétique de l'année dernière n'étant pas encore finalisée.

Sur les six chapitres, la planification du développement et les bâtiments communaux progressent de 10 %, notamment grâce à de nouveaux bâtiments alimentés par des énergies renouvelables et au projet de forage géothermique en cours.

Le chapitre « Approvisionnement et élimination » connaît une légère amélioration, avec des mesures prévues dans le cadre de NetZeroCities (notamment relatives au concept de gestion des déchets).

En matière de mobilité, quelques points ont été perdus, car le catalogue de mesures et son évaluation sont révisés environ tous les deux ans selon des critères de plus en

Agence zur Verfügung gestellt ginn. D'Software fir d'Energie-Comptabilité. An dann och en Helpdesk, wann ech oder d'Gemeng Froen huet, un dee mer eis kënne wenden.

De Klimapakt selwer ass a sechs Beräicher opgedeelt. Den éischte Beräich ass Entwécklungsplanung, Raumuerdnung. Dat ass alles, wat de PAG ugeet, d'Bauereglementer, wéi d'Gemeng als Virbildfunktoun do steet.

Dat zweet Haaptkapitel sinn déi kommunal Gebaier. Dat betrëfft déi ganz Energie-Comptabilitéit vun de Gemengebaier. Wat hält d'Gemeng sech vir bei neie Gebaier? Wat ass do vu Standardde geplangt?

Dat drëtt Kapitel ass Versuergung, Entsuerung. Do fält zum Beispill d'Drénkwaasserversuergung drënner an d'Entsuergung vum Offall.

Dat véiert Kapitel ass d'Mobilitéit. Dat geet vun der Mobilitéit douce iwwer de Fuerpark vun der Gemeng bis, leider och, soen ech emol, déi kombinéiert Mobilitéit zu Déifferdeng, wou an de leschte Joren och immens vill geschitt ass.

Dann hu mer déi intern Organisatioun. Do geet et drëm, wéi d'Gemeng allgemeng opgestallt ass, vum organisatoreschen hier. Wéi gesäit et punkto Weiterbildung aus? Wéi ass d'Klimateam opgestallt?

Dat sechst Kapitel ass d'Kommunikatioun an d'Kooperatioun. Dat heescht: Wéi ass d'Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemengen? Wéi kommunizéiert d'Gemeng iwwer de Klimapakt? Wéi kréie mer et mat, also och d'Bierger vun Déifferdeng, an der Iddi mat no virbruecht, fir dass mer d'Ziler vum Klimapakt agehale kréien an allgemeng eis CO₂-Emissiounen reduzéiert kréien?

Den aktuelle Stand vum Klimapakt 2.0. Am Januar 2024 ware mer mat 52,4 % dotéiert ginn. Mir sinn elo aktuell ongeféier bei 61,1 %. D'Zil ass, fir 2030 op d'mannst bei 65 % ze landen. Ech mengen, do kënne mer da vläicht och scho kucken, dass mer d'nächst Joer op 65 % kommen. Fir dass mer d'nächst Joer déi nächst Zertifikatioun erreechen.

Ech hu bei 61,1 % ee kleng Stärichen dobäi gesat, well mer mat der Energie-Comptabilitéit vum leschte Joer nach net ganz fäerdeg sinn. Do feelen eis nach e puer Zuelen. Dat heescht, dat kann nach liicht änneren.

Hei gesi mer d'Gesamtiwwersiicht vun deene sechs Kapitelen.

Entwécklungsplanung, Raumuerdnung, do hu mer eis déi lescht zwee Jore verbessert ëm 10 %. An de kommunale Gebaier och. Well do nei Gebaier déi lescht Joren a Betrib gaange sinn, déi och mat erneierbaren Energie gehézt ginn. Wou jo elo nach weider Projete lafen, wéi zum Beispill mat der Geothermiebuerung, wou mer eis dann nach wäerte staark verbessern.

D'Kapitel Versuergung, Entsuerung hu mer eis liicht verbessert. Do ass virun allem nach, soen ech emol, alles, wat ëm d'Offallkonzept handelt. Ech mengen, do hat Der virun zwou Wochen am Kader vun NetZeroCities virgestallt kritt, wat do u Moosname virgesi sinn. Dat wäert eis an deem Kapitel och nach weiderbréngen.

Genau sou bei der Mobilitéit. Do hate mer e puer Punkte verluer. Et muss ee wëssen, ongeféier all zwee Jore gëtt dee Moosnamekatalog an d'Bewäertung iwwerschaft. D'Bewäertung gëtt natierlech ëmmer méi streng, fir dass d'Gemege sech och weider druginn. Dat heescht Gemengen, déi keng weider Moosnamen ëmsetzen am Klimapakt, déi verléiere vu Jore zu Jore. Dat heescht, et muss ee sech wierklech druginn an ëmmer eppes derzou schaffen, fir seng Punkten ze hale respektiv méi Punkten ze kréien.

Intern Organisatioun, do hu mer derbäigewonnen. Kommunikatioun, Kooperatioun hu mer méi verluer. Dat wäert sech awer och mat der Ëmsetzung vun NetZeroCities staark verbessern.

Riets gesi mer e Spannen-Diagramm. Do gesäit een, bei de kommunale Gebaier hu mer eis staark verbessert. Ech wäert awer och nach weider op den Detail komme vun deene verschiddene Kapitelen.

Dat éischt Kapitel, wat eis vill Punkten dobäibruecht huet, dat ass de Climate City Contract. Dat heescht, dat ass de

2. Pacte climat

Kontrakt vun NetZeroCities, deen ënnerschriwwen ginn ass. E weidert Potenzial ass, wa mer d'Energiekonzept bis fäerdeggestallt hunn.

Punkto erneierbar Energien an Energieversuergung gëtt et jo am Kader vun NetZeroCities vill Iddien. Et gëtt och scho vill Projeten. Éischt Projekte sinn och schonn an der Ëmsetzung; do muss mer kucken, fir d'Energiekonzept dann och nach finaliséiert ze kréien.

Dann hu mer d'Klimaupassungskonzept. Dat heescht, wéi kritt d'Gemeng Déifferdeng sech déi nächst Joren un de Changement climatique ugepasst? Do gëtt gekuckt: d'Hëtzt-Inselen, wéi ass et mat der Brandgefor, wéi ass et mat der Drénkwaasserversuergung, wat gëtt et allgemeng vu Risiken am Kader vum Klimachangement, op wat muss d'Gemeng sech do prett maachen?

An dann hu mer nach ee leschte Punkt, dat ass d'Iwwerpräiwung vun de Baugeneemegungen an der Baukontroll. Dat ass nach e bëssen ausbaufäeg. Do missten dann natierlech och nach méi Leit agestellt ginn, fir dat dann och wierklech kënnen duerchzeféieren.

Da kënnen mer weidergoen op den nächste Slide. Dat ass d'Kapitel Kommunal Gebaier. Wéi gesot, do hu mer eis staark verbessert, duerch nei respektiv sanéiert Gebaier, wou dann och den Energieverbrauch pro Quadratmeter am Schnëtt erofgeet. Hei hu mer déi effentlech Beliichtung, déi och konsequent elo op LED ëmgestallt gëtt, wou mer och vill Energie kënnen spueren.

D'Potenzial ass do eng Kéier bei der Telegestioun vun de Gebaier, haapt-sächlech beim Hëtzeverbrauch. Et muss ee wëssen, dass ongeféier déi 120 Gebaier, déi mer mam Enercoach hunn, dat heescht un der Software vun enger Energie-Comptabilitéit, de Stroumverbrauch, dat leeft mëttlerweil alles iwwer digital Compteur. Dat heescht, déi Wäerter si mat engem Mausklick do. D'Hëtzt muss awer ëmmer nach manuell ofgelies ginn.

Dat heescht, do ass eng extern Firma, déi an d'Gebaier geet an d'Compteur manuell ofliest. Dee Wäert gëtt manuell an en Exceltablo iwwerdroen. An dee Wäert iwwerhuele mir manuell an den

Enercoach. An ech mengen, do ass nach Potenzial.

Do gëtt et jo och Iddien, fir d'Gebaier mat Wäermezieler auszustatten, déi dann de Verbrauch automatesch kënnen weider funken. Dee Moment gesäit d'Gemeng och iwwer d'Vakanz verschidde Gebaier, déi vläicht nach voll gehëtzt ginn, wat vläicht net onbedéngt néideg ass, wou een dann och kéint de Verbrauch optiméieren.

D'Kapitel 3: Versuergung, Entsuerung. Do hunn, ënner anerem, Punkte bruecht déi Waasserspenderen, déi duerch d'Gemeng schonn opgeriicht gi sinn, ënner anerem am Parc AS. Ech mengen, et sinn awer nach weider Waasserspenderen geplangt.

Dann hu mer déi digital Waassercompteuren, déi eis d'Aarbecht och staark vereinfachen, wou een d'Fuitte ka méi schnell detektéieren. Potenzial ass nach an der Offall- an an der Wäertstoffwirtschaft, wou et jo och Projekte gëtt am Kader vun NetZeroCities.

Véiert Kapitel ass Mobilitéit. Do si verschidde Studien déi lescht Joren ofgeschloss ginn, déi elo an d'Ëmsetzung ginn. D'Potenzial ass natierlech an der Ëmsetzung och vun deene verschiddene Konzepter. An dann och d'Reduzierung vum Autostrafick an d'Steigerung vun der Mobilitéit douce. Wat jo och eng grouss a wichteg Moossnam ass am Kader vun NetZeroCities.

Kapitel 5. Wat eis dat bruecht huet, dat ass déi kommunal Klimapakt Governance am Kader vun NetZeroCities, wou et jo och ewell ee grössere Moossnameprogramm gëtt. Dat ass dann och mëttlerweil an de Moossnameprogramm vum Klimapakt geholl ginn. Soudass mer do zwee Moossnameprogramme parallel lafen hunn.

D'Potenzial besteet do nach an den Akafsrictlinnen. Dat heescht, do ass e Büro amgaangen, Akafsrictlinne fir d'Gemeng auszeschaffen, zum Beispill wat d'Neiuschafungen ugeet.

Mir hunn eng Kéier de Punkt Weiderbildung, wou mer amgaange sinn, e kleng Programm opzestellen, fir dass mer do méi Werdegang drakréien. Dann hu mer de Klimapaktcheck, deen ass wichteg bei neie kommunale Bau-

plus stricts : les communes qui n'adoptent pas de nouvelles mesures reculent mécaniquement d'année en année et doivent donc fournir un effort continu pour maintenir, voire améliorer leur score.

Thierry Schaack explique que l'organisation interne a permis de gagner des points, tandis que la communication et la coopération ont reculé, une situation qui devrait toutefois s'améliorer sensiblement grâce à la mise en œuvre de NetZeroCities.

Il présente ensuite un diagramme en toile d'araignée montrant les progrès notables réalisés dans les bâtiments communaux, avant d'annoncer un examen détaillé, chapitre par chapitre.

Il indique que le premier chapitre ayant rapporté le plus de points est le Climate City Contract, signé dans le cadre de NetZeroCities. Il précise qu'un potentiel supplémentaire existe une fois le concept énergétique finalisé, d'autant plus que plusieurs projets liés aux énergies renouvelables sont déjà en cours de réalisation.

Il évoque également le concept d'adaptation climatique, destiné à préparer la commune aux défis des prochaines années, notamment les îlots de chaleur, les risques d'incendie, l'approvisionnement en eau potable et d'autres risques liés au changement climatique. Il mentionne enfin la vérification des autorisations et le contrôle des constructions, un domaine encore perfectible, qui nécessiterait des recrutements supplémentaires.

Concernant les bâtiments communaux, il se félicite de la forte progression réalisée grâce aux nouvelles constructions et rénovations, ainsi qu'au passage systématique de l'éclairage public aux DEL.

Il souligne l'important potentiel de la télégestion, en particulier pour la consommation de chaleur. Actuellement, sur les 120 bâtiments suivis avec le logiciel EnerCoach, les relevés électriques sont automatisés grâce aux compteurs numériques, alors que les relevés de chaleur doivent encore être effectués manuellement par une entreprise externe, puis importés dans un tableur Excel avant d'être saisis dans

2. Pacte climat

EnerCoach. L'installation de compteurs de chaleur communicants permettrait d'optimiser la consommation, notamment en détectant les bâtiments chauffés inutilement pendant les vacances.

Pour le chapitre consacré à l'approvisionnement et à l'élimination, il cite les fontaines à eau installées par la Commune, notamment au parc AS, ainsi que les compteurs d'eau numériques qui facilitent la détection rapide des fuites. Des marges de progression subsistent dans la gestion des déchets et des matières valorisables.

Concernant la mobilité, il rappelle que plusieurs études récemment achevées entrent désormais en phase de mise en œuvre, avec pour objectifs la réduction du trafic automobile et le développement de la mobilité douce.

Dans le chapitre consacré à la gouvernance du Pacte climat, il mentionne l'élaboration de directives d'achat, la mise en place d'un programme de formation continue et l'importance du Klimapaktcheck pour les nouveaux projets de construction communaux.

Le sixième chapitre présente un potentiel d'amélioration des conseils et des programmes scolaires.

Il aborde ensuite les indicateurs, d'environ 78, dont les 10 principaux doivent être transmis annuellement à l'Agence du climat. La consommation de chaleur, exprimée en kilowattheures par mètre carré, respecte la trajectoire de réduction prévue, la commune se situant même en deçà de celle-ci en 2023.

La consommation électrique reste plus difficile à maîtriser en raison de la croissance démographique, mais une réduction a été constatée entre 2022 et 2023.

Enfin, concernant le parc automobile, il rappelle l'objectif étatique d'atteindre 49 % de véhicules électriques d'ici 2030. Cette tâche considérable demeure complexe pour les camions, malgré les subventions, car les modèles électriques n'égalent pas encore les performances des véhicules traditionnels. Il souligne néanmoins que Differdange suit la bonne voie en privilégiant systématiquement l'électrique pour les nouvelles ac-

projeten, dass mer kucke par rapport zu deem, wat mer eis virgeholl hu punkto Baurichtlinien: Wéi kréie mer dat dann och ëmgesat?

Da kënne mer op d'Kapitel sechs, wannechgelift, iwwergoen. D'Kapitel sechs, do hate mer liicht Punkte verluer. Dat heescht, do hu mer nach Potenzial bei de Berodungen, an och fir Programmer mat de Schoulen ze maachen.

Da kommen ech zu den Indikatoren. Am Klimapakt gëtt et ongeféier eng 78 Moossnamen, a fir all Moossnam gëtt et praktesch een Indikator. Mir géifen elo déi zéng wichtegst Indikatoren kucken, déi och, egal wéi, all Gemeng muss erhiewen an och eemol d'Joer muss un d'Klima-Agence weiderginn.

Hei hu mer den Hëtzt-Verbrauch. Deen ass ausgedréckt a Kilowattstonne pro Meterkaree. Do hu mer eng Grafik: A rout gesi mer, soen ech emol, deen „Absenkpfad“, dee mer eis virgeholl hunn, dee mer anhale mussen. A blo hu mer ongeféier deen aktuelle Verbrauch.

Wéi gesot, do feelen elo nach d'Wärter vun 2024 an 2025, déi wäerten awer déi nächst Wochen ageschafft ginn. Wou mer awer gesinn, dass mer deen „Absenkpfad“ agehale kréien. 2023 ware mer do drënner. Dat heescht, do hu mer gutt geschafft.

Deen nächste Slide, wannechgelift. Do hu mer de Stroumverbrauch. Stroumverbrauch ass net esou einfach, hei am Land allgemeng, well déi meescht Gemenge wuessen. Dat heescht, de Stroumverbrauch hält am Fong ëmmer zou. Dofir dann och d'Ëmrechnung op Kilowattstonn op Quadratmeter, wou mer gesinn, mir mussen e liichten „Absenkpfad“ anhalen. Wou et schwéier ass, hei scho Konklusiounen ze zéien. Do muss mer kucken, wat mer elo bis 2024 aginn hunn, wéi et do ausgesäit.

Et huet een awer och festgestallt, dass mer vun 2022 op 2023 erëm eng Reduzéierung hikritt hunn. Ech mengen, d'nächst Joer gesi mer dann do weider.

Dann hu mer de Fuerpark. Am Kader vum Klimapakt hu sech d'Gemengen am Fong verpflichtet, respektiv dat ass och d'Zil vum Staat, dass bis 2030 all Gemeng 49 % vun de Gefierer op Elektro ëmgestallt huet. Dat betrëfft net nëm-

men d'Autoen, mee och d'Camionen. Dat ass eng Mammutaufgab, déi och punkto alles, wat d'Camionen ugeet, am Moment net grad einfach ëmzesetzen ass.

D'Gemenge kréien zwar Subsiden, mee en Elektrocampion kann awer nach ëmmer net dat, wat een normale Camion kann. Mir gesinn awer, dass mer an de leschte Joren déi richteg Richtung ageschloen hunn. Dat heescht, dass wa Gefierer nei ugeschaaft ginn am Fuerpark vun der Gemeng Déifferdeng, dass do, zemoos bei den Autoen a bei de Camionnetten, konsequent op Elektrogefierer gesat gëtt.

Dann hu mer d'PV-Leeschtung, dat heescht d'Photovoltaik-Installatiounen, déi et allgemeng an der Gemeng gëtt, wou och Gemeng Subside gëtt an och de Staat Subside gëtt, fir dass dat ausgebaut gëtt. A rout hu mer d'Minimal-Zil an do gesi mer och, dass mer do driwwer leien. Dat heescht, dass mer do um gudder Wee sinn.

An ech mengen, elo mat de steigenden Energiepräisser an der Lescht ass dat do och erëm méi interessant ginn. Och mat der Moossnam vum Staat, dass d'Leit deelweis d'Anlagen direkt finanzéiert kréien an d'Anlagen net virfinanzéiere mussen. An dann ee Joer laang op hire Subsid musse waarden.

Dann hu mer de Klimapakt selwer. Do gesi mer a blo wat mer eis virgeholl hunn, wou mer a grénge Faarf gesinn, dass mer do gutt leien an iwwer der Trajectoire leien, mat eisen 61 %.

Den Drénkwaasserverbrauch. Do gesi mer, dass den Drénkwaasserverbrauch déi lescht Joren och konsequent erofgaangen ass. 2022 war en eng Kéier an d'Luucht gaangen, mee do leie mer awer och ënner dem „Absenkpfad“, dee mer eis virgeholl hunn.

Dann hu mer d'Berodungen. D'Berodungen, déi ginn duerch d'Klima-Agence ausgefouert. Dat heescht: Wann Dir wëlles hutt en Elektroauto ze kafen, eng PV-Anlag op den Daach ze installéieren, respektiv Iech fir eng nei Heizung interesséiert, kënnt Dir bei der Klima-Agence e Rendez-vous ausmaachen – iwwer Telefon, Dir kënnt awer och bei si laanscht goen. An do fuerdert d'Klima-Agence, dass ee mindestens

2. Pacte climat

zéng Berodunge pro dausend Awunner pro Joer huet.

Menges Wëssens no ass keng Gemeng, déi dat erreecht. Mir haten do relativ gutt geschafft 2023 an 2024 mat der Quartierssanéierung, wou immens vill Energieberodungen duerchgefouert gi sinn, wou mer do musse kucken, och weider, soen ech emol, Reklamm dofir ze maachen, fir den Niveau héich ze halen. Fir zéng Berodunge pro dausend Awunner ze erreechen, fannen ech vläicht och e bëssen onrealistes. Dat ass net einfach.

Ech hoffen, dat waren elo net ze vill Zuelen! Ech hätt nach vill méi Indikatoren kënne weisen, mee ech mengen, esou interessant ass dat och net.

Als Konklusioun gesi mer awer, dass mer zu Déifferdeng dee richtege Wee ageschloen hunn an eis Ziler gréissten-deels agehale kréien.

Vläicht nach kuerz d'Zertifikatiounen an d'Subsiden. Am Moment hu mir eng 50 %-Zertifikatioun. D'Iddi wär fir d'nächst Joer déi 65 %-Zertifikatioun unzefroen, well mer dann och méi Subside kréien. Mir gesinn hei riets eng Kaart, wéi déi verschidde Gemengen am Moment klasséiert sinn, wou d'Gemeng Déifferdeng bei 50 % läit.

Da gëtt et nach e puer Stéchdatum. Den éischte Stéchdatum ass de Rapport annuel, dee mer am Mäerz ofginn hunn. Dee muss am Gemengerot ofgestëmmt ginn. D'Gemeng muss och nach eng Offallmatrix bis Enn Mäerz dëst Joer liwweren.

Da musse mer dem Waasserwirtschaftsamt reegelméisseg, eemol am Joer, den Tableau des fuites weisen. Dat heescht, fir dass d'Gestion de l'Eau gesäit: Wéi gesäit et mat de Waasserverloschter zu Déifferdeng aus? Do gëtt awer och dru geschafft.

Dann hu mer den Enercoach, dat ass dann d'Energie-Comptabilitéit, fir déi och fir d'lescht Joer fäerdegstellen. D'Indikatoren musse mer updaten an dann natierlech eisen Aktiounsplang upassen an ëmsetzen. Dat heescht: Den Aktiounsplang dat ass da méttlerweil och deen nämmlechten Aktiounsplang wéi fir NetZeroCities, fir dass mer do all un engem Strang zéien.

Si vläicht Froen? Ech hoffen, ech sinn elo net ze séier duerchgefoun, well dat mat den Indikatoren ass elo net esou einfach verdaulech, mee ech muss se awer virstellen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi flott Erklärungen an déi Presentatioun am Detail. Mer géifen dann zu de Wuertmeldunge kommen. Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Villmools merci fir dës Presentatioun. Ech hätt eng Fro. An der Mobilitéit si mer ëm 3 % erofgaangen. Wat ass do de Grond? Merci.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):

Ma dat ass doduerch, et ass allgemeng sou, de Moosnamekatalog gëtt vu Joer zu Joer méi streng, an zemools am Kapitel vun der Mobilitéit. Dat heescht fir d'Kapitel 4 huet d'Klima-Agence d'Schrauwen ugezunn, soudass mer do verschidde Saache geschafft hunn, verschidde Studie sinn ëmgesat gi respektiv si fäerdeggestallt ginn, mee doduerch, dass allgemeng Studie méttlerweil am Klimapakt manner bewäert ginn, mee dass d'Ëmsetzung ewell méi bewäert gëtt, hu mer do Punkte verluer.

D'Iddi ass: D'Klima-Agence wëll verhéieren, dass d'Gemengen allgemeng Konzepte a Konzepte maachen an et gëtt awer näischt ëmgesat. Dofir ginn d'Konzepte ëmmer manner bewäert an et kënnt da méi op d'Ëmsetzung un. Wat natierlech och méi Zäit beusprocht.

ERIC CILLIEN (DP):

Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Madamm Schütz, wannechgelift.

quisitions de voitures et de camionnettes.

Thierry Schaack présente les performances de la commune en matière de photovoltaïque. Il explique que les installations bénéficient de subsides communaux et étatiques, et que la commune dépasse l'objectif minimal fixé, ce qui la situe sur la bonne voie. Il souligne que la hausse récente des prix de l'énergie rend ces installations plus attractives, d'autant que l'État finance désormais partiellement les équipements directement, évitant aux citoyens une avance de fonds d'un an.

Concernant le Pacte climat, la commune, avec 61 %, dépasse la trajectoire fixée. La consommation d'eau potable diminue régulièrement, à l'exception d'une hausse ponctuelle en 2022, et demeure en deçà du seuil de descente prévu.

Il évoque ensuite les consultations énergétiques menées par la Klima-Agence, accessibles sur rendez-vous téléphonique ou sur place, pour tout projet de voiture électrique, d'installation photovoltaïque ou de chauffage. L'objectif imposé est de dix consultations par mille habitants et par an, un seuil qu'aucune commune n'atteint, selon lui. Differdange a obtenu de bons résultats en 2023 et 2024 grâce à l'opération de rénovation de quartier, mais juge ce chiffre réaliste reste difficile.

En conclusion, il estime que Differdange suit la bonne voie et respecte globalement ses objectifs. La commune détient actuellement une certification à 50 % et l'idée est de solliciter l'année prochaine une certification à 65 %, ce qui donnerait droit à davantage de subsides.

Il énonce ensuite différentes dates butoirs : le rapport annuel, qui doit être soumis en mars et approuvé par le conseil communal, la matrice des déchets, qui doit être envoyée avant la fin mars, le relevé des fuites, qui doit être transmis chaque année à l'Administration de la gestion de l'eau, ainsi qu'EnerCoach pour la gestion de l'énergie. Les indicateurs doivent être actualisés et le plan d'action adapté, désormais harmonisé avec celui de NetZero-Cities.

2. Pacte climat

ERIC CILLIEN (DP) remercie monsieur Schaack pour sa présentation et demande la raison de la baisse de 3 % dans le domaine de la mobilité.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS) répond que le catalogue des mesures du Pacte climat devient plus exigeant chaque année, particulièrement au chapitre 4 consacré à la mobilité. La Klima-Agence a resserré ses critères : plusieurs études ont été menées et finalisées, mais, comme elles sont désormais moins valorisées au profit de la mise en œuvre concrète, la commune a perdu des points. L'objectif est d'éviter que les communes multiplient les concepts sans application concrète, ce qui demande toutefois davantage de temps.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) salue l'assemblée et les auditeurs, remercie monsieur Schaack pour la présentation et demande si celle-ci peut être déposée sur le Diffcloud afin d'être consultée ultérieurement.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS) accepte volontiers.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) souligne qu'en tant que commune NetZeroCities, il est essentiel de poursuivre le travail sur le Pacte climat. Differdange a démarré avec un taux déjà élevé, proche de 50 %, et stagne aujourd'hui autour de cet objectif de 61 %, alors que plusieurs communes, notamment du sud, dépassent 80 %. Elle estime donc qu'il est grand temps d'accélérer.

Elle regrette de ne trouver aucune information de l'équipe climat sur le Diffcloud, alors que la communication rapporte des points, et souligne qu'outre l'absence de présentation au conseil communal l'année dernière, aucune réunion de l'équipe climat n'a été tenue, hormis une cette année.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS) rectifie les propos de madame Schütz en affirmant que des réunions ont bien eu lieu l'année dernière.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien heibannen an och d'Nolauschterer dobaussen. Villmools merci, Här Schaack, fir déi flott Presentatioun. Ech wollt froen, ob mer dat vläicht herno kéinten op d'Diffcloud gesat kréien. Well da kann ee sech dat awer nach méi genau doheem ukucken.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):

Ganz gären. Jo.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Da wëll ech op e puer Saachen agoen. Als NetZeroCities-Gemeng ass et natierlech immens wichteg, dass mer weider un deem Klimapakt do schaffen. Wou en ugaangen ass, do ware mer scho relativ bei engem héije Prozentsaz, wann een do erasteigt bei an déi 50 %. A mir sinn awer elo nach ëmmer do an eist Zil ass 61 %.

Wann ech mer dann awer um Klimapakt ukucken, dass wierklech vill Gemengen an och Südgemengen iwwer 80 % leien, soen ech mer, et ass awer dann héich Zäit, dass hei weider weider weider dru geschafft gëtt. Well eng vun deene Saachen, déi mer elo opgefall ass, dat ass, dass ech eigentlech näischt fannen op eiser Diffcloud vun dem Klimatteam, wat jo awer eis vill Punkte bréngt, well déi Kommunikatioun gehéiert derzou.

A leider ass dat d'lescht Joer, dat hutt Der jo gesot, net am Gemengerot virgestallt ginn, mee et sinn awer och weider keng Versammlungen ofgehalen gi vum Klimatteam. Elo dëst Joer war eng.

Thierry Schaack (Conseiller climat, bureau d'études Schroeder & Associés):

D'lescht Joer waren awer och Versammlungen.

ENG STËMM:

Véier Stéck!

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Okay. Mee trotzdeem, mir fannen näischt op der Cloud. Eis Kommissiounen, déi stinn awer all op der Cloud. An et wär vläicht flott fir eis, dass mer dat kënnen nolauschteren.

THIERRY SCHAACK (CONSEILLER CLIMAT, BUREAU D'ÉTUDES SCHROEDER & ASSOCIÉS):

Gutt, da musse mer dat drop setzen. Dat war mir elo net bewosst.

(Ënnerbriechung)

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Dach, mir hunn e Verrieder am Klimatteam.

D'Beliichtung ass natierlech och – duerch eis NetZeroCities ass dat cool, dass déi zwee Punkte sech iwwerschneiden. An dann hutt Der gesot an der Mobilitéit, do wäeren Etüde gemaach ginn, déi ëmgesat géife ginn elo. Et wär awer och interessant, d'Auswärtung vun den Etüde mol eng Kéier hei virgestallt ze kréien a wéi dat dann ëmgesat gëtt.

Well mir hu schonn e puermol nogefrot, wéi déi Etüden ausgaange sinn, a bis elo hu mer nach keng Äntwert kritt.

Dat war et vu menger Säit. Ech soen Iech Merci.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):

Merci och.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Den Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci och fir d'Presentatioun. Wat wichteg ass, datt ee gesäit, dass déi ganz Saach, déi déi lescht Joren oder déi vun NetZeroCities, dee ganze Programm,

2. Pacte climat

deen do opgestallt gëtt, hei ferm wäert zum Droe kommen.

Et ass e bësse schued, dass déi Donnéeën nach net dra sinn. Well ech mengen, dee leschten Dénge, 2023, dass mer do awer vläicht méi ee grouse Sprong kënne maache wéi geduecht, oder komme mer do awer vläicht e bësse méi an déi richteg Richtung. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP)

Merci, Här Tempels. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech sinn e bësse verwonnert, dass mer net méi schnell virukomme mat de Pro-zenter.

Well ech jo awer der Meenung sinn, dass eis Servicer, wéi gesot, bal alles, wat LED ass, wat Photovoltaik ass, wat Luedestatioun ass, do si mer jo praktesch vu bal null op 100 elo dëst Joer gaangen.

Mir sinn amgaangen, iwwerall e Monitoring opzerichten, op all Kräizung, fir Geräisch, Temperatur an Allméigleches ze moossen. Dat heescht, och an eise Gebaier kënne mer weiderhin d'Consummatioun – also ab d'nächst Joer wäert dat richteg fonctionéieren, dat heescht, dat ass alles awer en cours fir agericht ze ginn.

Also ech hätt awer och gär méi wéi 61 % do d'nächst Joer. Well ech mengen, dass deen Effort, dee mer maachen, an déi vill Suen, déi mer do investéieren, wou mer net ëmmer Subside kréie vum Ministère, an et awer maachen – wéi gesot, mir si jo och amgaangen déi gréng Couloiren ze maachen, gréng Plaze si mer amgaangen opzerichten an all Quartier –, soudass mer awer do, mengen ech, e risege Sprong misste maachen.

Dofir, ech weess net, ob mir eis vläicht mussen eng Kéier mat Iech treffen. Vläicht schaffe mir op deene falsche Saachen, wou mer keng Punkte kréien an op anere Saachen, déi vläicht vill manner géife kaschte kréiche mer méi Punkten? Ech weess et net, vläicht

misste mer eis do eng Kéier berode loossen. Mee wéi gesot, ech sinn e bësse enttäuscht, dass dat mat deene Prozenter do net méi schnell an d'Luucht geet. Merci.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):

Ech deelen Är Meenung. Also ech wär och ganz gäre schonn iwwer 65 %. Wéi Der gesot hutt, immens vill Saache sinn an de leschte Joren ugekéiert ginn, déi elo ugefaangen hunn, ëmgesat ze ginn. A wou mer dann och d'nächst Joer da méi Punkten drop wäerte kréien.

D'Gemeng Déifferdeng huet sech och immens vill virgeholl, mir gesi jo och, dass immens vill Projeten ugefaangen hunn, dat wäert och Punkte bréngen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Mee, wann ech richteg verstanen hunn, dat do si jo d'Chiffere vun 2024, déi mer elo hei presentéiert kruten. An alles, wat mer 2025 realiséiert hunn, dat gëtt jo am Fong geholl eréischt 2026 analyséiert.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):

Neen. Also hei ass schonn 2025 dran. Et ass just den Energieverbrauch. Et ass 2024 op 2025. Dee Moment, wou méi op erneierbar Energien ëmgestallt ginn ass, wa mer dann e Verbrauch hu vun 2024 op 2025, gëtt dat dee Moment och vläicht méi Punkten.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Okay. Dat kann och dann d'Ursach sinn, firwat mer an de Punkten nach net grad esou héich sinn, wéi den Ist-Zoustand vun haut ass.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):

Voilà.

(Interruption)

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) fait remarquer qu'elle ne trouve rien sur le nuage, alors que les documents des commissions y sont habituellement déposés. Elle souhaite que ces éléments soient mis en ligne afin que les conseillers puissent en prendre connaissance.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS) répond qu'il n'en avait pas conscience et qu'il veillera à les y déposer.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) précise ensuite que la commune dispose bien d'un représentant au sein du Klimateam.

Elle se réjouit que l'éclairage public et l'initiative NetZeroCities se recoupent sur deux points.

Concernant la mobilité, elle rappelle que plusieurs études ont été annoncées et qu'il serait pertinent de présenter leurs résultats ainsi que leurs modalités de mise en œuvre au conseil, puisque plusieurs demandes en ce sens sont restées sans réponse jusqu'à présent.

Elle remercie l'assemblée.

GUY TEMPELS (CSV) remercie monsieur Schaack pour la présentation et souligne l'importance du programme NetZeroCities, dont les effets se feront pleinement sentir dans les années à venir. Il regrette que les données les plus récentes ne soient pas encore intégrées, estimant qu'un progrès notable aurait pu être constaté pour 2023 et que la trajectoire pourrait se révéler plus favorable qu'il n'y paraît.

TOM ULVELING (CSV) s'est étonné que les pourcentages ne progressent pas plus vite. Il rappelle que les services communaux sont passés de 0 % à 100 % cette année en matière de DEL, de photovoltaïque et de bornes de recharge.

Un dispositif de monitoring est en cours d'installation à chaque carrefour pour mesurer le bruit, la température et d'autres paramètres, tandis que le suivi des consommations dans les bâtiments communaux deviendra pleinement opérationnel l'année prochaine. Il espère dépasser largement les 61 %

2. Pacte climat

compte tenu des efforts consentis et des sommes investies, souvent sans subventions ministérielles.

Il mentionne la création de couloirs et d'espaces verts dans chaque quartier et propose une rencontre avec le consultant pour vérifier que la Commune ne travaille pas sur de mauvais axes, certains investissements moins coûteux pouvant peut-être rapporter davantage de points. Il exprime sa déception face à cette lente progression.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS) partage cet avis et aurait, lui aussi, souhaité dépasser les 65 %. Il rappelle que de nombreux chantiers lancés ces dernières années commencent à être mis en œuvre et généreront des points supplémentaires l'an prochain, la commune s'étant fixé des objectifs ambitieux.

GUY ALTMEISCH (LSAP) demande si les chiffres présentés concernent 2024, les réalisations de 2025 n'étant analysées qu'en 2026.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS) précise que 2025 est déjà inclus dans la consommation énergétique, la conversion aux énergies renouvelables devant apporter davantage de points.

GUY ALTMEISCH (LSAP) comprend que cela explique le score actuel. Il ajoute qu'une étude de mobilité est menée à l'échelle du bassin de la Chiers avec les communes voisines, son influence dépassant le territoire differdangeois. Cette étude, finalisée au printemps, sera présentée conjointement au conseil communal et aura une incidence positive sur la mobilité locale.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) commence par remercier monsieur Schaack pour sa présentation et souligne que les actions menées dans le domaine du climat sont particulièrement pertinentes aujourd'hui, notamment pour le portemonnaie des citoyens. Il regrette toutefois que le climat, en tant que thème, passe quelque peu à l'arrière-plan de la conscience collective.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nach eng Erklärung zousätzlech. Do war elo vun der Mobilitéitsetüd geschwat ginn. Mir sinn amgaangen, am Rahme vum Kordall – well mer jo wessen, wa mer eng Mobilitéitsetüd maaichen, dass déi Mobilitéit sech net nēmen op den Territoire vun der Stad Déifferdeng bezitt an Afloss hēlt, mee déi huet en Afloss op dee ganze Kordall. Mer sinn an där gudder Situatioun, dass mer mat eisen Nopeschgemengen amgaange sinn, déi Etüd ofzeschlēissen.

Soubal mer déi hunn, dat wāert Fréijor ginn, wāerte mer déi am Gemengerot hei presentéieren. Mee dat ass eng Etüd, déi déi véier Gemenge matenee presentéieren. Dat ass eng Etüd, déi dee ganze Kordall betrēft an déi och en immens positiven Afloss wāert hunn op eis Gemeng Déifferdeng, an Zesummenaarbecht mat deenen anere Gemen-gen. Dofir presentéiere mer dat gār zesummen, wa mer do e globaalt Konzept hu fir dee ganze Kordall, wat e positiven Afloss wāert hunn op eis Mobilitéit hei an der Gemeng an an der Stad.

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt och nach Merci soe fir d'Presentatioun. Ech mengen, dat, wat mer maachen am Beräich vum Klima, dat ass besonnesch an den Zäiten haut méi wēi relevant. Och ganz konkret fir d'Leit a fir hire Portmonni.

Et gētt vill vum Klima geschwat, an dat ass och ganz richtig. Awer ech bedauren, dass d'Klima als Thema e bēssen an d'Hannertreffe gerēit, och am Bewosstsäi vun de Leit. Mee u sech mierke mer ēmmer erēm, wann esou Krise sinn, wēi ofhāngeg mer si vu fossillen Energien.

Mir hunn et scho beim Ukrainkrich gemierkt wēi, ēischtens, d'Gemegefinanzen dovunner direkt betrāff waren, an och hei elo riskēiere wāerte betrāff ze ginn an deenen nächste Méint. A wēi dat eeben och fir d'Privatstēit elo schonn direkt op der Pompel ass. Dat läit och dorunner, dass mir ze spēit u si mat enger Rei Efforten, déi mer als Gemeng maachen.

Ech sinn e gutt Stēck méi optimistesche zēnter der informeller Sētzung iwwer NetZeroCities, dass mer awer eng Schēpp bāileeē an e bēsse méi grouss gesinn. Mee mir müssen eis bewosst sinn, dass all Zēcken, all Hesitéieren an deem Beräich eis laangfristeg wierklech wāert Sue kaschten. An de Leit och wāert Sue kaschten.

Dat heescht, et ass méi wēi wichtig, dass mir als Politik hei an der Gemeng, an der Regioun, mee och national wierklech de Courage hunn esou ēmzebauen, dass mer punkto Mobilitéit, punkto Gebaier wierklech déi Transitioun hīkrēien a méi onofhāngeg gi vun deene fossillen Energieträger.

Well mir bezuelen et als Gemeng an d'Leit bezuelen et, wa mer dat net maaichen, ēischtens, elo direkt, wann et drēm geet, eeben d'Energiepräisser ze bezuelen, a virun allem laangfristeg, wann et ēm d'Klima geet a wann et och ēm d'Upassung un déi Klimaverānnerunge geet.

Dofir ass et gutt, a verschiddene Beräicher Progrēsen ze gesinn. Mee ech denken, dass souguer déi Ziler zum Deel ze niddreg tabléiert sinn, fir dat, wat mer reell brauchen, fir, ēischtens, NetZero-Cities-Ziler ze erreechen, zweetens fir iwwerhaupt dat ze erreechen, wat mer brauchen.

An ech mengen, mir brauchen a verschiddene Beräicher, wēi der Sanéierung vun de Gebaier – do hu mer leider gesinn, de Projet mat der Klima-Agence war e Versuch, et ass gutt, dass mir e probéiert hunn als Gemeng Déifferdeng, mee mir wēssen all, dass en net esou gelaf ass, wēi en hātt kēnnen a wēi en hātt sollen.

An ech mengen, mir müssen do wierklech nach ganz aner Weeër goen. Mir müssen do e Wee fannen, dass, änlech wēi bei der Photovoltaik, eng Virfinanzierung méiglech ass vun esou energeetesche Sanéierungen. Do musse mer iergendwēi e Wee fannen, iwwer en externen Träger, dee mer vlāicht selwer matgrēnnen, e Groupement oder eng Société coopérative oder eng Fondatioun, fir dass mer kēnnen de Leit quasi Prête maachen am Viraus, déi ouni Zēssaz sinn. Oder änlech Mesurē musse mer do onbedēngt fannen. Ech soen Iech Merci.

2. Pacte climat

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Och vun eiser Säit Merci fir déi Presentatioun. Ech sinn der Meenung, dass ganz vill hei an der Gemeng gemaach gëtt an an Zukunft nach gemaach wäert ginn. Der Gemeng oder deene Responsabele si Grenze gesat. An den Här Diderich huet et jo och gesot, do sinn aner Initiativen néideg. Dat heescht, et si Finanzementer, déi musse gemaach ginn. An do stousse mer dann u Grenzen als Gemeng.

Ech mengen, do mussen op nationalem Niveau, wéi Der och richteg sot, Mesuren ergraff ginn, déi et jiddwerengem erméiglechen, déi wichteg Klima-Initiativen ze huelen, déi néideg sinn an dofir och iwwerhaapt Präten ze kréien.

Dir wësst jo, wéi schwéier et haut ass, e Prêt ze kréien, egal fir wat fir Mesuren. Et sinn extra Prête fir d'Transformatioun am Klimaberäich, dat muss nach weider ausgeschafft ginn.

Wat Déifferdeng selwer ubelaangt kann ech nëmme soen: Et ass vill gemaach ginn, an et ass och vill gemaach gi fir d'Informatioun an d'Motivatioun vun de Leit, fir se mat op de Wee ze huelen. Ech mengen, dat ass jo och wichteg, dass dat an de Käpp vun de Leit ukënnt. An dass d'Leit och prett sinn, fir déi Transformatioun matzemaachen. Fir déi Engagementer an déi Käschen, wat jo am Fong oft Käsche sinn, déi, wéi ee seet, e gewëssene Payback hunn, also déi iwwer d'Zäit sech rembourséieren. Mee et muss een au départ e Kapital hunn, fir kënne materanzeklammen.

Mee nieft deene groussen Investier gëtt et jo och nach eng ganz Partie méi kleng Initiativen hei, wa mer d'Leit emol alleguer hunn op deem Niveau, dass se do komplett hannendru stinn, da kënne mer vill zesummen erreeche mat eiser Populatioun.

Mir ass et net baang. Also ech mengen, mir sinn hei zu Déifferdeng an enger Virreiderroll, ech géif souguer bal soen elo fir d'ganz Land, awer honnertpro-

zenteg fir dee ganze Süden. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Den Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wollt dat ergänzen, wat den Här Muller gesot huet. Mir ginn de Leit immens vill Subside fir all Saachen. Ech mengen, eng vun deene Gemengen, déi warscheinlech am meeschte Subsidien iwwerhaapt gëtt.

Dat anert, wat ech wollt uschwätzen dat ass, wat Der virdru gesot hutt, d'Mobilitéit. Do maache mer jo ee risegen Effort, mat Autoen, Camionnetten. Mee mat de Camionen, do komme mer net virun, well wa mer gesinn, wat de Präis ass: Dee kascht duebel esou vill wéi een normalen; du kanns hallef esou laang fueren domat.

Dat heescht, du misst d'Unzuel vun de Camionen dann nach verduebelen, d'Ekippe verduebelen. Dat mécht einfach ekonomesch kee Sënn. An ech mengen, do muss een awer och kucken, dass een do pragmatesch virgeet.

Iergendwann wäert iergendeen eng Léisung warscheinlech fannen, fir dass dat besser geet. Mee mer hunn och, zum Beispill, elektresch Schüttungen elo op eise Müllween, well dat manner Kaméidi mécht a well mer do eeben awer nach kënne esou laang fueren, well dat zäitlech ausgeet. Mee ganz Elektresch fueren, à ce stade geet dat net. Dat ass ekonomesch net realiséierbar.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Wa mer weider keng Wuertmeldunge méi hunn, da géif ech Iech Merci soe fir déi interessant Bemierkungen. An ech géif och eisem Expert Merci soen, nach eng Kéier, fir déi interessant Virféierung.

Mir géifen da weider um Ball bleiwen, fir dat Zil, wat mer eis gesat hunn, fir dass mer dat wierklech géifen dann

Il rappelle que chaque crise révèle la dépendance aux énergies fossiles : la guerre en Ukraine a déjà affecté directement les finances communales, et il craint que les mois à venir n'entraînent de nouveaux impacts, tant pour la Commune que pour les ménages privés à la pompe. Cette situation résulte, selon lui, d'efforts de la Commune entrepris trop tard.

Il se dit néanmoins plus optimiste depuis la séance informelle sur Net-ZeroCities, estimant que la Commune voit désormais plus grand. Il insiste sur le fait que toute hésitation coûtera cher à long terme, à la Commune comme aux citoyens. Il appelle donc au courage politique, aux niveaux communal, régional et national, pour réussir la transition en matière de mobilité et de bâtiments et réduire la dépendance aux énergies fossiles.

Il se félicite des progrès observés dans plusieurs domaines, mais estime que certains objectifs sont fixés trop bas par rapport aux besoins réels et aux exigences de Net-ZeroCities. Concernant la rénovation des bâtiments, il rappelle que le projet mené avec la Klimaagence n'a pas donné les résultats escomptés. Il propose donc d'explorer de nouvelles voies, notamment un mécanisme de préfinancement des rénovations énergétiques, similaire à celui existant pour le photovoltaïque, grâce à un porteur externe — un groupement, une société coopérative ou une fondation — qui accorde des prêts sans intérêts aux citoyens.

ERNY MULLER (LSAP) remercie également monsieur Schaack pour sa présentation et estime qu'énormément a été fait dans la commune et que cela continuera d'être le cas. Il reconnaît toutefois que les responsables communaux se heurtent à des limites, notamment en matière de financement, et que des initiatives complémentaires sont nécessaires au niveau national. Il souligne la difficulté actuelle à obtenir un prêt, y compris pour la transition climatique, et juge indispensable de développer des prêts spécifiques.

Concernant Differdange, il salue le travail accompli en matière d'infor-

3. Finances communales

mation et de motivation des citoyens, soulignant l'importance que cette prise de conscience s'ancre dans les esprits afin que la population s'engage dans ces transformations, qui comportent souvent des couts qui se remboursent avec le temps, mais exigent un capital de départ. Au-delà des grands investissements, de nombreuses petites initiatives existent et, avec l'adhésion complète de la population, beaucoup pourra être accompli. Il affirme sa confiance et considère Differdange comme un modèle pour le sud du pays, voire pour l'ensemble du territoire.

TOM ULVELING (CSV) complète les propos précédents en rappelant que la Commune accorde un nombre considérable de subsides, probablement plus que n'importe quelle autre commune.

Sur la mobilité, il évoque les efforts réalisés avec les voitures et les camionnettes, mais explique que les camions électriques couteraient le double et auraient une autonomie réduite de moitié, ce qui obligerait à doubler la flotte et les équipes, ce qui n'a aucun sens économique. Une approche pragmatique s'impose donc. Il mentionne l'installation de systèmes de lavage électriques sur les camions-poubelles, moins bruyants, en attendant qu'une solution globale émerge.

GUY ALTMEISCH (LSAP) conclut en remerciant les conseillers pour leurs remarques et annonce la poursuite des efforts visant à atteindre les objectifs fixés.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS) remercie, à son tour, le conseil communal.

GUY ALTMEISCH (LSAP) rappelle que, comme chaque année, les finances communales sont transmises au ministère de l'Intérieur pour analyse. Aujourd'hui, le compte administratif et de gestion de l'exercice 2024 figure à l'ordre du jour.

Le ministère pose diverses questions à la Commune de Differdange, auxquelles les services répondent, et les conseillers disposent de l'ensemble de ces échanges dans

nach méi gutt maachen. An da géife mer eis dann erëmgese mat nach besse- ren Zuelen, dass mer iwwerall am Grénge sinn, an dass mer eis déi Luuchten net méi mat där rouser Faarf da brauchen unzekucken.

THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):

Ganz gären. Villmools merci och men- gersäits.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Villmools merci fir déi Explicationen. Da kéime mer zum Punkt 3 vum Ordre du jour, dat sinn d'Gemengefinanzen. Wéi all Joer ëmmer erëm gi mer jo d'Gemengefinanzen op den Interieur eran. Déi ginn dann do analyséiert an esou hu mer elo haut de Compte administratif et de gestion vum Exercice 2024 um Ordre du jour.

Vum Interieur komme verschidde Froen un d'Gemengen an och un d'Gemeng Déifferdeng dann eran. Déi ginn da vun eise Servicer beäntwert. Déi Äntwerten, déi hutt Der an Ärem Dossier leien. D'Froen hutt Der an Ärem Dossier leien. Ech géif elo net méi op all Fro an op all Äntwert am Detail agoen, ech géif just e puer Saachen erausgräifen, déi ee vläicht kéint eng Kéier kommentéieren a wou ee kéint ee Wuert driwwer verléieren. Respektiv wou ech och frou wier, wann ech Är Meenung géif dozou héieren.

Dat Éischt, wat ech emol wollt soen, dat ass déi Bemierkung betreffend d'Gemengepersonal iwwer d'Frais de route. Do war eng Distanzkaart. Do muss een normalerweis, wann ee Frais de route mécht, also wann ee sech mat sengem Privatauto deplacéiere muss zum Wuel vun der Gemeng, Distanzen androen. An do gëtt et national eng Kaart, wou d'Distanzen drop stinn.

Ech ginn e Beispill: Wann ech Déifferdeng – Esch fueren, dat sinn dann op där Kaart fënnef Kilometer. Et si Leit, déi hunn da véier Kilometer oder sechs Kilometer, déi hunn net ëmmer déi Kilometerzuele wéi op där Distanzkaart. Do hu mer gesot, mir géifen eis där Distanzkaart alliéieren a mir géife just eng

Distanzkaart applizéieren, fir dass mer do uniform an och d'selwecht wiere wéi déi aner Gemengen. Net méi deier an net méi bëlleg.

Eppes anescht, wat e bësse méi heikel ass a wat och e bësse méi vun deenen anere Gemengen kommentéiert ginn ass – ech hunn dat héieren, wann ech d'Kollegen esou gefrot hunn – a wat e bësse méi un d'Perséinlechkeet an un d'Autoritéit vun de Gemenge geet, dat sinn déi Jours de compensation, déi mer ginn un eis Salariéen oder un eis Fonctionnaires. Verschidde Gemenge ginn och nach supplementar Congés-deeg bäi respektiv eng Majoratioun vun der Schaffzäit, wa se Auer drécken oder eng aner Gestiou vum Compte épargne temps.

Well ech do d'Chance hunn, och am Syvicol mat iwwer déi Froen, déi och aner Gemenge kritt hunn, matzediskutéieren, si mer eis eens ginn, dass mer als Syvicol, also als Verrieder vun deenen 100 Gemengen hei am Land, eng Entrevue am Interieur géifen ufroen, fir dass mer do national géifen eng Léisung fannen. An och national géifen eppes fannen, wat all Gemengebesoinen an alleguerten deene Leit entsprécht, déi domadder concernéiert sinn.

Ech sinn och der Meenung, dass keng Gemeng do soll e Cavalier seul maa- chen, wat déi Bemierkungen do ube- laangt a wat déi Upassung do ube- laangt. Ech sinn der Meenung, dass mer dat missten national reegelen, an dass een Employé respektiv ee Fonction- naire, egal op wéi enger Gemeng e schaffft, déi selwecht Avantagen oder déi selwecht Desavantagen dann hätt wéi op deenen anere Gemengen.

Dofir kucke mer als Syvicol mam Interieur zesummen, mam Minister zesum- men, eng Léisung ze fannen. Et si ver- schidde Gemengen, déi si scho virstel- leg gi beim Minister an déi hunn awer net déi Äntwerte kritt, déi se sech er- waart haten. Op jidde Fall bleiwe mer als Gemeng Déifferdeng oder als Syvi- col do um Ball. Soubal mer do eng Än- nerung hunn, déi national dem Rah- men entsprécht, wäert ech Iech déi gä- ren op dëser Plaz hei matdeelen.

Déi aner Bemierkungen, wéi gesot, déi sinn dann ëmmer vun deene verschid- dene Servicer beäntwert ginn. Dir hutt

3. Finances communales

déi Äntwerten an déi Remarken an Ärer Cloud. Ech sinn awer och bereet, verschidde Froen, wann Der der nach hutt elo an de Wuertmeldungen, ze beäntwerten, respektiv Iech déi nozesichen, ier mer iwwer déi Bemierkunge géifen ofstëmmen.

Gëtt et Wuertmeldunge respektiv Propose vun eise Conseillere? Den Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Schéine gudde Moien. Zum Compte administratif et de gestion 2024. Vum Contenu hier si mer jo net onbedéngt derbäi gewiescht, dat hate mer jo och schonn deemools an der Budgetdiskussioun hei geäussert. Comptabilitéstechnesch si mer awer dobäi.

Trotz e puer kleng Remarken, déi no de stéchaartege Prouwe vum Interieur festgehale goufen, stëmme mer dat heiten awer gäre mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Meisch. Här Aguiar, wannechgelift.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Schéine gudde Moie vu menger Säit. Déi gréng souhaitent formuler quelques remarques à la suite des observations du ministère relatives aux comptes administratifs et de gestion.

Tout d'abord, nous remercions les services pour le travail accompli. Il y a deux éléments qui ont particulièrement retenu notre attention. Comme vous l'avez bien dit, il y a d'un côté la gestion du personnel et, de l'autre le marché public. Concernant le personnel, les remarques du ministère sont claires, notamment quant aux jours de compensation, aux congés supplémentaires et aux comptes épargne-temps, ce qui constitue un non-respect de la législation. Nous comprenons que certaines pratiques ont pu être mises en place dans un souci d'organisation ou de reconnaissance du travail, mais nous esti-

mons que le cadre légal doit être respecté.

Vous indiquez que ces questions sont discutées au sein du Syvicol. Ce que nous saluons, mir fannen dat gutt, mais concrètement : quelles mesures ont déjà été prises ? Est-ce que vous avez pris des mesures entretemps ?

(Diskussiounen)

Concernant les marchés publics. Monsieur Ulveling, vous pouvez me répondre si vous le souhaitez.

Les remarques du ministère nous préoccupent beaucoup plus. Il ne s'agit pas des détails techniques, mais du respect des règles fondamentales : transparence, concurrence et bonne gestion des deniers publics, que ce soit pour les ateliers communaux ou pour l'acquisition de camions.

Les procédures n'ont manifestement pas été respectées. Pour nous, cela pose un réel problème. Quelle est votre position par rapport à ce sujet ? Quelles mesures concrètes allez-vous mettre en place pour garantir que cela ne se reproduise plus ? Merci pour les réponses.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Froen, Här Aguiar. Ech géif Iech emol op deen éischte Package vu Froen äntwerten a Relatioun mam Personal. Nee, mir hunn nach bis haut keng konkreet Mesuren ëmgësat, well dat doten awer elo relativ rezent ass a well mer waarden op – do si verschidde Gemengen, déi hu sech en Avis juridique ugefrot. An deen Avis juridique ass nach net erëm, dat hält eng gewëssen Zäit, bis d'Juriste sech do eens sinn, wéi wäit mer als Gemeng iwverhaapt kënnen do intervenéieren a wéi wäit dat doten och net dem Text vum Legislatteur entsprécht oder wéi wäit mer do ewech si vun deem Text.

Dat dauert eng gewëssen Zäit. Soubal mer do eng Äntwert hunn oder ee Schratt méi wäit sinn oder do eppes Konkretes gelaf ass, halen ech Iech selbstverständlech doriwwer am Bild. Mee op dem Stand vun haut ass nach näischt geännert ginn an där Situa-

leur dossier. Il choisit de s'attarder sur quelques points.

Il évoque d'abord la remarque relative aux frais de route du personnel communal. Lorsqu'un agent utilise sa voiture privée pour les besoins du service, il doit consigner les distances parcourues à l'aide d'une carte nationale de référence. Certains agents indiquaient des kilométrages légèrement différents; la Commune décide désormais de s'aligner strictement sur cette carte afin d'uniformiser la pratique avec les autres communes, sans surcoût ni économie.

Il aborde ensuite un sujet plus délicat, relatif à l'autonomie communale : les jours de compensation accordés aux salariés et aux fonctionnaires, les congés supplémentaires, les majorations de temps de travail liées au pointage et la gestion du compte épargne-temps. Plusieurs communes sont concernées par des observations similaires.

Étant lui-même membre du Syvicol, il indique que ce syndicat, qui représente les cent communes du pays, va solliciter une entrevue avec le ministère de l'Intérieur afin de trouver une solution nationale et équitable pour tous les agents, quelle que soit leur commune d'affectation. Il estime qu'aucune commune ne doit faire cavalier seul sur ce dossier. Certaines démarches individuelles auprès du ministre n'ont d'ailleurs pas donné les résultats escomptés. Il s'engage à informer le conseil dès qu'une avancée nationale se dessinera.

Il précise que les autres remarques ont été traitées par les services et qu'il reste disponible pour répondre aux questions avant le vote.

FRANÇOIS MEISCH (DP) indique que, sur le fond, son groupe n'adhère pas nécessairement au contenu, position déjà exprimée lors du débat budgétaire. En revanche, sur le plan comptable, il souscrit au document. Malgré quelques petites remarques relevées lors des contrôles de sondage du ministère, son groupe votera favorablement.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) remercie les services pour leur travail et souhaite formuler plusieurs obser-

3. Finances communales

ventions. Deux points retiennent particulièrement son attention : la gestion du personnel et les marchés publics.

Concernant le personnel, il reprend les remarques du ministère relatives aux jours de compensation, aux congés supplémentaires et aux comptes d'épargne-temps, qui témoignent d'un non-respect de la législation. Il comprend que ces pratiques aient pu naître d'une logique d'organisation ou de reconnaissance du travail, mais rappelle que le cadre légal doit être respecté. Il salue la démarche engagée au Syvicol, tout en demandant quelles mesures concrètes ont déjà été prises dans l'intervalle.

S'agissant des marchés publics, il juge les remarques du ministère nettement plus préoccupantes, car elles touchent aux règles fondamentales de transparence, de concurrence et de bonne gestion des deniers publics, notamment en ce qui concerne les ateliers communaux et l'acquisition de camions. Les procédures n'ayant manifestement pas été respectées, il interroge la majorité sur sa position et sur les mesures concrètes envisagées pour éviter toute récurrence.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond qu'aucune mesure concrète n'a encore été prise concernant le personnel, le problème étant récent. Plusieurs communes attendent un avis juridique afin de déterminer leur marge d'intervention. Dès qu'une entrevue aura eu lieu avec le ministre et que le Syvicol pourra réagir, il en informera le conseil. Il passe ensuite la parole à monsieur Ulveling pour le volet des cahiers des charges.

TOM ULVELING (CSV) revient sur le marché public relatif à l'achat de camions. Il explique qu'au moment de passer commande d'un véhicule, l'administration a découvert que le délai de livraison était de trois ans. Pour disposer des engins dans un délai raisonnable, un second camion a été commandé ultérieurement, sans recourir à une procédure groupée.

Il reconnaît qu'il y a eu une maladresse, mais réfute toute volonté de contournement ou de déni pu-

tion, déi hei festgestallt ginn ass an a Relatioun, och mat där Situatioun vun deenen Detailler, déi Der hei matkritt hutt.

Dat ass den Istzoustand vun haut. An dat anert, dat ass an der Maach. Do musse mer waarden, bis mer déi Avisen hunn, bis mer dann och eng Entrevue beim Minister hunn, bis mer als Syvicol do kënnen reagieren. Soubal ech dat hunn, wäert ech mer eng Freed maachen, Iech dat an der nächster Gemeinderotssitzung da matzedeele.

Zu de Cahier-de-charge an esou, géif ech d'Wuert un den Här Ulveling ginn. Ech weess do d'Detailler net, wat Der genau mengt domadder, mee den Här Ulveling kann eis dat vläicht erklären.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech mengen, et war bei Camionen, wou dann op eemol – et war ee Camion bestallt, a wéi mer dee bestallt hunn, hu mer erausfonnt, dass dat dräi Joer dauert, ier de Camion ka geliwwert ginn. An dofir hu mer der dann zwee bestallt, fir dass déi kéinte relativ zäitno kommen. Dofir hu mer se net zesummen ausgeschriwwen. Mee mir hunn een ausgeschriwwen, an duerno hu mer nach eng Kéier een. Also do ass eppes schifgaangen, dat stëmmt.

Mee dat ass awer elo näischt, do ass awer elo keen – dat ass einfach falsch interpretéiert ginn an deem Sënn, géif ech soen, vun deene Leit, déi dat gemaach hunn. Mee et ass elo keen Denier public, deen do géif hannerzu gewiescht sinn oder esou. Et ass einfach domm gaangen. Et ass e bësse large à large, wann een zéng Autoe keeft, an et keeft een der zweemol fënnef, da schreift de der fënnef aus an dann nach eng Kéier fënnef, esou ee Beispill.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci. Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemeinderot, och vun déi Léink aus ass et jo

ganz kloer, dass mer d'Comptes administratifs reng politesch net stëmmen, well et net dee Budget ass, wéi mir eis e virgestallt haten. Wat d'Remarke vum Interieur ugeet, versti mer d'Remarken op där enger Säit, verstinn och d'Äntwerten elo vun der Gemeng.

Op jidde Fall wat d'Marché-publicken ugeet, hätt een an der Äntwert vläicht méi prezis kënnen sinn, wat elo zum Beispill dat mat de Camionen ugeet.

Wat den Architektenoptrag fir d'Ateliers communaux ugeet, do ass jo d'Erklärung déi, dass dat en Optrag ass, dee sech iwwer e puer Joer gezunn huet an net dee Betrag vum Marché public am Ufank vun der Missioun mat sech bruecht huet.

Mee en effet stellt sech d'Fro, wann ee weess, dass een e gréissere Projet huet, da schafft ee jorelaang mat engem Architect zesummen, bei esou engem, da weess en am Fong, soubal een den Devis huet vum Projet, dass dat awer op eng gewëssen Zomm kënnt an da misst een awer d'Fro klären, ob een dann e Marché public muss maachen, fir en Architect erauszesichen. Dat hunn ech esou, mengen ech, nach net gesinn. Dat gëtt awer mëttlerweil gemaach. An ech mengen, bei deenen Zommen ass dat och nëmme richtig.

Wat herno déi d'Remarken ugeet iwwer d'Personalgestioun, do muss ech schonn awer e bësse schmunzelen, bei där enger Remark vum Interieur, déi jo quasi seet, dass d'Reglement, op dat si sech bezieen, vun 1987, kee Feiertag op Kiermesdag virgesäit, laut hirem Règlement. Wat mech awer wonnert, beim Staat selwer gëtt et dat awer. Do verstinn ech elo net ganz, wéi dat esou ka sinn an deem Règlement an dass si dann déi Remark maachen. Dat heescht, dat misst ee jiddefalls klären.

Wou ech hir Remark besser verstinn, dat ass, dass mer déi Fonctionnairen, déi net esou oft feelen, belounen duerch zousätzlech Congésdeeg. Verschidde Leit kënnen jo net dofir, dass se méi oft krank si wéi anerer. Respektiv kéinte mer och doduerch Présentéisme – grad no Covid war dat net gutt ze favorisieren, dass ee mat enger Gripp op d'Aarbecht kënnt an direkt nach e puer Leit matustécht. Dat heescht, dat ass en zweeschneidegt Schwäert.

3. Finances communales

Ech versti jo, dass ee wëll, dass d'Leit sech net onnéideg ofmellen. Mee et kann een awer net déi bestrofen, déi aus gudde Grënn net op d'Aarbecht kommen. An dee System, dee bréngt dat awer mat sech. Dat heescht, déi Diskussioun muss een awer wierklech eng Kéier féieren. An do verstinn ech jiddefalls d'Remark vum Interieur. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Diderich, ech ginn Iech ganz Recht. Mee ech mengen, et ass dat, wat den Här Buergermeeschter gesot huet, do muss landeswäit – jiddwereen huet e bësse gekuckt no senge Leit. Déi eng hunn e bësse hei gefrot, déi aner e bësse do gefrot. A wann den Noper eppes kritt huet, da sinn eis komm: „Mee déi hunn dat, dann hätte mir och gär esou vill Minutten“.

An dat huet sech elo esou gesteigert, dass an alle Richtungen dat do iergendwéi entgleist ass, kann ee soen. Do mengen ech effektiv, do muss awer eng Kéier da ganz kloer vum Staat gesot ginn, wéi et ze sinn huet. An da muss och jiddweree sech drun halen. An et geet och net, dass d'Stad Lëtzebuerg dann nach erëm extra Saachen nach hire Fonctionnairë bitt, déi keng aner Gemeng, zum Beispill, huet.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Här Diderich nach eng Kéier.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech froe mech am Fong, ob am Kollektivvertrag vun de Südgemengen, dat ass jo dat doten, gréisstendeels. Déi Reegle si jo déi vum Kollektivvertrag. Dofir fannen ech et richtig, dass mer déi applizéieren. An dat ass mat de Gewerkschaften diskutéiert ginn, dat heescht, mir müssen dat an deem Kader erëm nei kucken.

Ech hat awer virdru bei menger Prise de parole eppes Wichteges vergiess, dat ass, eiem Receveur Merci ze soen an och ze soen, dass ech d'Comptes de gestion natierlech matstëmmen, well ech wëll där Aarbecht déi Valeur zoukomme loossen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Ech kann Iech just confirméieren, dass ech bei deene Verhandlung vum Kollektivvertrag dobäi war. An do stécht dee ganzen Historique jo vun deem kleng Malaise do – ech gesinn et net als grouse Malaise, mir kréien dat hin –, do stécht den Historique jo vun deem Ganzen hannerendrun. Dat ass jo een däregen Dossier, wa mer et kënnen esou nennen, do ass dee jo gebuer ginn.

Du bass a Kollektivverhandlung mat enger gewëssener Zuel u Leit, an du kënnst zu engem Accord. An da kënnst de zréck heem, an da kriss de gesot vun deenen: „A sou! Jo, da wësse mer jo elo mol, wou d'Basis ass vun eisen nächste Revendicatiounen“. An dann hätten déi, déi dann net an de Kollektivvertrag falen, gär déi selwecht Konditioun wéi déi, déi an de Kollektivvertrag falen. An da méchs de do eng Upassung.

An esou entstinn déi Malaisen dann op eemol, wa mer se elo däerfe Malaise nennen. Deen Historique ass esou gebuer, ouni dass do eng Kéier ee schlechte Wëllen do derbäi war, oder, dass do eng Kéier eppes Béises hanner der Heck stoung. Esou ginn déi Saache gebuer. Dat nach eng supplementär Erklärung.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Verrieder vun der Press, léif Leit alleguer, och mir als LSAP wëllen ufänken, fir och dem Receveur Merci ze soe fir dee positiven Avis, wat de Rapport de gestion ubelaangt. Deen huet jo praktesch eng ganz gutt Nott kritt, mee all senge Leit an och deenen anere Leit, déi mam Budget befaasst waren, e Merci vun eiser Säit.

blic; il s'agit simplement d'une mauvaise interprétation de la part des agents concernés.

Il illustre son propos en soulignant qu'il serait plus cohérent, lorsqu'on acquiert dix véhicules, de lancer un seul appel d'offres plutôt que deux procédures successives de cinq.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) annonce que son groupe ne votera pas les comptes administratifs, pour des raisons strictement politiques, le budget ne correspondant pas à ses orientations.

Concernant les remarques du ministère de l'Intérieur, il estime que la réponse communale aurait pu être plus précise au sujet du dossier des camions.

Pour ce qui est de la mission d'architecte pour les ateliers communaux, il comprend qu'il s'agit d'un mandat étalé sur plusieurs années, dont le montant initial ne laissait pas présager l'ampleur finale. Il souligne néanmoins qu'au vu du devis, la question d'un marché public pour sélectionner l'architecte aurait dû se poser; cette pratique s'impose désormais pour les montants élevés.

Sur la gestion du personnel, il sourit face à la remarque du ministère, qui invoque un règlement de 1987 ne prévoyant pas de jour férié pour un jour de kermesse, alors que l'État lui-même applique cette disposition.

Il estime en revanche pertinente la critique concernant l'octroi de jours de congé supplémentaires aux fonctionnaires peu absents: certains agents ne sont pas responsables de leur état de santé, et ce système risque d'encourager le présentéisme, ce qui serait contreproductif après la crise de la COVID. Il appelle à mener une réflexion approfondie sur ce sujet.

TOM ULVELING (CSV) lui donne raison et rejoint l'analyse du bourgmestre: chaque commune a négocié séparément avec ses agents, provoquant une surenchère, où chacun revendique les avantages obtenus par le voisin. Il plaide pour un cadre national clair, imposé par l'État, et regrette que la Ville de Luxembourg accorde à ses fonc-

3. Finances communales

tionnaires des avantages inaccessibles à ceux des autres communes.

GARY DIDERICH (DÉI GRÉNG) *reprend la parole pour rappeler que la majorité de ces règles découlent du contrat collectif des communes du Sud, négocié avec les syndicats, et qu'il faut donc rouvrir le dossier dans ce cadre.*

Il tient également à remercier le receveur pour son travail et précise qu'il votera les comptes de gestion afin de valoriser cet engagement.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *confirme avoir participé aux négociations du contrat collectif. Il retrace l'histoire de ce qu'il qualifie de petit malaise, gérable, selon lui : une fois un accord conclu, les agents non couverts par le contrat réclament les mêmes conditions, ce qui entraîne des ajustements successifs. Ces malaises naissent ainsi, sans mauvaise volonté ni intention dissimulée.*

ERNY MULLER (LSAP) *ouvre son intervention en remerciant le receveur pour l'avis favorable rendu sur le rapport de gestion et l'excellente note, ainsi que l'ensemble des collaborateurs ayant travaillé sur le budget.*

Il revient sur le compte administratif, qui rassemble l'essentiel de ses remarques. Il observe que de nouvelles approches apparaissent, notamment concernant les amortissements, un sujet auparavant peu traité, sur lequel on insiste désormais pour qu'il soit correctement comptabilisé et que les montants figurent dans les budgets.

Il évoque également les transmissions tardives, précisant que le rapport informatique était en réalité toujours disponible à temps, contrairement à la version écrite.

Il s'attarde ensuite sur les questions de personnel, qui le préoccupent particulièrement : compensation de certains jours et d'heures, jours fériés, comptes d'épargne-temps, autres avantages et frais de déplacement. Il rappelle que ces objections concernent toutes les communes et ont fait l'objet d'échanges au sein du comité Prosud, ainsi que d'un entretien avec le secrétaire communal.

Wat elo de Compte administratif ubelaangt, do hu mer jo déi meeschte Remarken dran. Do wollt ech just soen, dass do och neierdéngs eng Partie nei, ech wëll net soen Approchë sinn, mee zum Beispill, wann ee kuckt, d'Amortissementer, wat soss ni en Theema war, do gëtt elo immens Wäert drop geluecht, dass dat richtig verbucht gëtt. Dass déi Montante vun den Amortissementer figuréieren an de Budgeten. Ech mengen, do kommen och méi Ufuerderungen.

An dann d'Transmissions tardives, also ze spët ofginn, ech mengen, do war och net ganz kloer, well de Rapport informatique, dee war am Fong an alle Fäll ëmmer zurzäit do, et war d'Version écrite, déi do net en temps dobanne war.

Ech wëilt awer elo nach op déi Saachen zrëckkommen, déi mech awer do méi beschäftigt hunn. Dat ass déi vum Personal. Mir wësse jo, mir hu jo schonn driwwer geschwat, dass et hei ëm d'Kompensatioun vu gewëssenen Deeg, Stonne geet an esou weider, Feierdeeg, Compte épargne, aner Avantagen. Frais de déplacement ass scho gesot ginn.

All dës Objektionen, déi concernéieren, wéi dat och scho gesot ginn ass hei vum Buergermeeschter, och all déi aner Gemengen, a waren och Sujet an engem Echange mat de Buergermeeschteren um Niveau vum Komitee vum Prosud. An ech hat och an dësem Zesammenhang, wat Déifferdeng ubelaangt, e Gespréich mat eisem Gemengesekretär.

An ech wëll soen, dass ee muss do der historiescher a gemengespezifischer Entwécklung vu vereenzelte Moossnamen um Gemengenniveau Rechnung droen. Et weess ee jo, dass déi Avantagen oder soi-disant, wann et der sinn, an dat ass jo hei och ervirgestrach, mat den Delegatiounen a baséierend op valabel Argumenter zustane kommen. Dat dierf een ni vergiessen. Dat sinn Dialogen, Gespréicher gewiescht um Niveau vun de Gemengen.

Da gëtt et natierlech och derniewent de Südgemengen-Kollektivvertrag, wou dat nach eng Kéier alles zesummegefaasst gëtt. Mee et gëtt awer och um Gemengenniveau gemengespezifesch Mesuren, an dat bleift ni aus, well do och Gespréicher stattfannen tëschent

der Gemengendelegatioun mat de Gemengeresponsabelen.

Dat Ganzt ass, wéi gesot, historiesch bedéngt, iwwer d'Zäit. Duerfir gëtt jo eng Partie vun hinnen, eng grouss Partie souguer, scho länger Zäit applizéiert. Mir fannen, dass déi de facto net einfach kënne gestrach ginn. Et kann een net de facto einfach engem eppes ewechhuelen, wat jorelaang en Acquis ass. Da muss ee kucken, wéi een do drun erugeet.

Mee ech mengen, dass et ni ausbleift. Mir kënne souwäit wéi méiglech harmoniséieren a probéieren, eng gemeinsam Iddi ze fannen. Mee dann hu mer och nach de Kollektivvertrag vun de Südgemengen, a mir hunn do och nach aner Gemengen, mir hunn och nach den Zentrum mat der Stad, a mer hu vläicht anerer am Norden. Awer do muss da gekuckt ginn. Also dat ass net esou einfach. An dat besteet och scho säit enger Partie Joren. Et ass just elo den Interieur, deen aktuelle Minister, deen do immens Drock drop mécht. Firwat, weess ech net. Firwat ass dat net scho méi laang ugepaakt ginn?

Also mir fannen op jidde Fall déi Approche, déi de Schäfferot eis virschléit, fir iwwer de Syvicol ze fueren, déi beschte Method. Mee ech géif och do de Verrieder, an den Här Buergermeeschter ass jo Vizepresident, mat op de Wee ginn, dass mer net wëllen de Leit eppes ewechhuelen, wat se scho säit enger geraumer Zäit ëmmer kritt hunn. Dat geet net.

Dat geet net. Mir musse kucken, dat anzepaken an e Gesamtkonzept. Quitte dass am Endeffekt och nach d'Südgemengen an d'Gewerkschafte mat an d'Boot kommen. A wann dann e Konsens fonnt gëtt, da soll dat applizéiert ginn. Dat ass eis Approche zu deem Ganzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Den Här Tempels, wannechgeift.

3. Finances communales

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen, léif Frënn, mir wëllen eisem Receveur mat senger Ekipp Merci soe fir d'Opstellung vun deene ganze Budgeten a Bilanen.

Wat déi personaltechnesch Froen ubelaangt, do ass et wichteg, dass mer – am TICE gouf och schonn doriwwer geschwat, do krute mer déi selwecht Remarken. Ech mengen, dat kënnt elo bal iwwerall op de Plang. Am SIACH warscheinlech och.

Ech mengen, si kucken duerno. Et wär wichteg, dass mer innerhalb vun de sämtleche Gemengen iwwer de Syvicol eng Eenegung fannen, déi drobar ass. Et kann net sinn – innerhalb vun de Südgemeinde si souguer grouss Ënnerscheeder, wéi Saachen do gehandhaabt ginn an esou weider. Do soll eng Linn dra kommen, dass da keng grouss Diskussiounen kommen. Natierlech soll kengem eppes ewechgeholl ginn, mee et muss iergendwéi gekuckt ginn, eng uerdentlech Richtung do eranzekréien. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Ech wëll nach just ee Saz zu deem Ganze soen. Ech sinn op jidde Fall frou, dass de Volet Syvicol, d'Wichtigkeet vum Syvicol an där Fro, dass mer dat awer ronderëm gesinn. Dat dat eng ganz wichteg Roll ass, déi de Syvicol do wäert spillen.

Ech kann Iech just confirméieren, dass mer eis der Wichtigkeet vun deene Froen, an dass mer eis der Intensivitéit an der Brisanz vun deem Dossier bewosst sinn. Mir wäerten alles drusetzen, fir dass mer mam Ministère zesummen eppes fannen, wat op nationaler Basis drobar ass. A virun allem awer och op kommunaler Basis dat respektéiert, wat deem Historique, deen elo hei ronderëm den Dësch erkläert ginn ass, och muss Rechnung droen. An dass mer do wäerten eng Léisung fannen, déi eiser Zäit appropriéiert ass an och fir d'Gemengen a fir de Staat ëmsetzbar ass.

Da géife mer zum Vott komme vun de Gemeindefinzen. Géife mer de Comp-

te administratif virhuelen. Géife mer doriwwer ofstëmmen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech hänke just nach vläicht eppes drun, well ech zënter den 80er-Joren am Fong geholl dobäi sinn, an am Ufank och am Personalbüro. Ech fannen et e wéineg falsch vum Ministère ze appreciéieren, dass mer hei vun Illegalitéiten schwätzen. Ech fannen et och net gutt, dass mir dat op eemol selwer nach esou mengen ze gleewen an opzefänken.

Et muss ee wëssen, dass de Kollektivvertrag vun de Südgemeinden aus de 70er-Joren ëmmer de Souci hat, vun Ufank un, eng Gläichheet tëschent de Gemeindeglieder an de Fonctionnairen opzebauen.

Am Kollektivvertrag vun de Südgemeinden aus de 70er-Joren, do goufe lokal Geschehnisse wéi Kiermesse wéi och aner lokal Feierdeeg mat erageholl. An aus dem Souci d'Équité gouf dat och deemools op d'Beamten an op d'Employéen eriwwegeholl.

Grad sou huet en Aarbechter aus de 70er-, 80er-Jore schonn déi Zäit eng Allocation de compensation kritt, fir am Fong geholl an der Krankekeess zu den nämmelechte Prinzipien an och an der Pensiounskeess ee wéineg änlech behandelt ze ginn. Et war ëmmer dee Gläichnis, dee gesicht ginn ass.

An doraus sinn am Fong geholl verschidde Moossnamen hei am Süde geschitt, aus dem Prinzip vun der Gläichheet tëschent alle Leit, déi fir d'Gemeng geschafft hunn. An doraus elo eng Illegalitéit bauen ze goen, no 50 Joer, fannen ech e wéineg vermessen, muss ech elo éierlech soen.

An ech hoffen, dass et eng Léisung gëtt fir d'Land, fir eis alleguerten, am Sënn vun all deene Leit, déi betraff sinn. Well sou simpel, wéi et an enger Nott hei steet, et als Illegalitéit ofzestempelen, virun allem déi laangjäreg verwuerzelt Prinzipien, fannen ech och e wéineg staark opgedroen. Dat wëll ech awer hei als laangjäreg Mataarbechter mol eng Kéier dozou och lassginn.

Selon lui, il faut tenir compte du développement historique propre à chaque commune, car ces avantages découlent de dialogues menés avec les délégations et fondés sur des arguments solides. À côté de la convention collective des communes du Sud, il existe des mesures propres à chaque commune, issues de discussions entre la délégation et les responsables communaux.

Il souligne que ces acquis, appliqués depuis longtemps, ne peuvent pas être supprimés du jour au lendemain. Il faut harmoniser autant que possible, tout en tenant compte de la convention collective du Sud, ainsi que des réalités du centre et du nord du pays.

Il s'interroge sur la pression soumise exercée par le ministre de l'Intérieur actuel et se demande pourquoi ce dossier n'a pas été abordé plus tôt. Il estime que l'approche proposée par le collège échevinal, à savoir passer par le Syvicol, est la meilleure méthode, et demande au bourgmestre, vice-président du Syvicol, de défendre le principe selon lequel on ne peut pas retirer aux agents ce dont ils bénéficient depuis longtemps. Un concept global, intégrant les communes du Sud et les syndicats, doit aboutir à un consensus avant toute mise en œuvre.

GUY TEMPELS (CSV) remercie le receveur et son équipe pour l'établissement des budgets et des bilans.

Concernant les questions de personnel, il confirme que les mêmes remarques concernent le TICE et, probablement, le SIACH. Il est essentiel de trouver, avec le Syvicol, un accord applicable à l'ensemble des communes, car les disparités actuelles, même entre les communes du Sud, sont importantes. Une ligne directrice s'impose pour éviter les discussions, sans retirer quoi que ce soit aux agents, tout en instaurant une orientation claire.

GUY ALTMEISCH (LSAP) se réjouit que le rôle central du Syvicol soit reconnu par tous. Il confirme avoir pleinement conscience de l'importance, de l'intensité et de la gravité du dossier, et s'engage à trouver, avec le ministère, une solution viable au niveau national, tout en

4. PAG et PAP

respectant, au niveau communal, l'historique évoqué autour de la table.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

conteste la qualification d'« illégalités » employée par le ministère. Il rappelle que la convention collective des communes du sud des années 1970 visait précisément à instaurer l'égalité entre ouvriers communaux et fonctionnaires, en intégrant les kermesses et fêtes locales, principe étendu par souci d'équité aux employés et aux fonctionnaires.

L'allocation de compensation versée aux ouvriers poursuivait le même objectif d'égalité de traitement en matière de caisse de maladie et de pension.

Qualifier aujourd'hui, après cinquante ans, ces principes profondément ancrés d'illégalités lui paraît présomptueux. Il espère une solution nationale respectueuse de toutes les personnes concernées.

(Votes)

GUY ALTMEISCH (LSAP) remercie l'assemblée, puis aborde le point 4 de l'ordre du jour, relatif au PAG et aux PAP de la commune, en donnant la parole à monsieur Ulveling pour le point 4a.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il s'agit d'une modification ponctuelle du PAG et du PAP Quartier existant, déjà discutée en saisine du conseil communal en septembre 2025. Il apporte plusieurs précisions.

Concernant le reclassement d'une zone REC en zone HAB-1 dans la rue de l'Eau, cette modification entraîne des changements dans les dossiers PAG et PAP QE. Le service de développement urbain a rédigé un avis prenant position sur les remarques de la Cellule d'évaluation, dont il ne partage pas.

La servitude « maison jumelée » est maintenue, car elle garantit une construction plus aérée et un meilleur passage d'air frais dans le quartier, conformément, d'ailleurs, à une demande du ministère de l'Environnement. Il précise ensuite que la Cellule a reproché à tort l'absence de demande de subdis-

ENG STÈMM:

Ganz richtig!

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Merci.

Mir fänke mam Kont vum Schäfferot un, mam Compte administratif.

Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'arrêter provisoirement le compte administratif de l'exercice 2024.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Da géife mer direkt zu deem zweete Vott kommen, dem Kont vun der Gestiou vum Exercice 2024.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'arrêter provisoirement le compte de gestion de l'exercice 2024.

Ech soen Iech Merci.

Da kéime mer zum Punkt 4 vum Ordre du jour, dat betrëfft de PAG an de PAP an eiser Gemeng. Do géif ech fir de Punkt 4a) dem Här Ulveling d'Wuert ginn, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Et geet ëm eng Modification ponctuelle vum PAG a PAP Quartier existant. Hei geet et ëm e Vott vun deene verschiddene Punkten, déi mer am September 2025 als Saisine hei schonn am Gemengerot diskutéiert haten. Ech wëll do e puer Prezisiounen ginn, notament zum Reclassement aus enger REC an eng HAB-1 vun der Rue de l'Eau.

Dës Modifikatioun bréngt eng Ännerung am Dossier PAG an am PAP QE. An deem Dossier huet eise Service vun

der Stadentwécklung och en Avis verfaasst, fir Stellung zu de Punkte vum Avis vun der Cellule ze huelen, déi se am Fong net deelen. An zwar wëlle mer d'Servitude maisons jumelées erhalen, well dës méi eng locker Bauweis an e Frëschloftduerchbruch vun deem Quartier besser garantéiere kann. An dat war och d'ailleurs vum Ministère de l'Environnement esou gefrot ginn.

Deen zweete Punkt ass, d'Cellule huet zu Onrecht bemängelt, et wier keng SUP-Dispens ugefrot ginn. Dës Dispens ass vum Ministère de l'Environnement den 18. Juni 2025 accordéiert ginn. Hei gesi mir elo weider kee Problem.

Dann d'Rue de Hussigny, dat ass eng kleng Erweiterung vum Perimeter als Zon HAB-1. Dat war eng Ufro vun engem Bierger, dee Propriétaire vun deem Terrain ass a wou och den Ok vum Environnement koum. Also Ännerung am Dossier PAG a PAP QE.

Rue Belair, dat ware verschidden Haiser, déi sinn am Patrimoine communal klasséiert ginn, fir eng Erreur matériel le während der Prozedur vun der Refonte générale gerecht ze ginn, ze begraderen. Also eng Ännerung am Dossier PAG.

An der Avenue de la Liberté, 157-159, dës Haiser sinn elo national geschützt an net méi kommunal. Also eng Ännerung am Dossier PAG.

D'Wuelemsswiss, hei gëtt de PAP abrogéiert an duerch e PAP Quartier existant ersat, also eng Ännerung am Dossier PAG a PAP QE.

Also wéi gesot, dat si Saachen, déi mer hei diskutéiert haten, wou deemools och keen eppes dogéint weider hat. Ech weess net, ob mer dat kënnen alles zesammen ofstëmmen? Ech mengen, d'Madamm Pregno hat gesot, si wëlt de Punkt Hussigny eraushuelen.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Nee. Ech hunn informell mam Här Ulveling geschwat, dass mer u sech jo déi éischte Kéier d'Klasséierung vun der REC an der Rue de l'Eau net matgestëmmt hunn. Mir géifen dat dann dës Kéier och net matstëmmen, well mer do einfach nach ëmmer der Meenung sinn,

4. PAG et PAP

dass eng Netbebauung méi opportun wier. Dass mer dat vläicht kéinten eraushuelen.

An de Rescht en bloc ofstëmmen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Dat wär fir eis tiptopp.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Okay. Ma dat ass gutt. Gëtt et Wuertmeldungen? Den Här Muller. Duerno den Här Diderich.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Ech wollt d'Rue de l'Eau kuerz schwätzen. Här Ulveling, mir begrëssen, dass eise Service bei der Meenung bleift, fir do Maisons jumelées ze maachen, well jo op Basis vun der Carte bureauxclimatique erauskomm ass, dass mer do e Loftduerchfloss brauchen rëscht deenen Haiser, fir do keen Hëtzeestau ze kréien.

Mir verstinn do d'Positioun net vun der Kommissioun, well engersäits soe se, mir missten do der Typologie Rechnung droen an eng Bausubstanz erlaben, déi erméiglecht, alles do ze bauen, an op déi aner Manéier schwätze se awer och dovun, dass da missten d'klimatesch Krittere respektéiert ginn. Dat widdersprécht sech jo am Niveau Konklusioun.

Mir mengen op jidde Fall, dass dat ganz gutt wär, wa mer bei där Positioun bleiwe géifen, fir déi Maisons jumelées ze maachen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Am September war ech dee Moment net present, wéi et ëm dee Punkt gaangen ass. Dofir wollt ech mech elo kuerz dozou äusseren zu der Rue de l'Eau. Wou ech, en effet, och dat net wäert ënnerstëtzen als déi Léink, well et eng zousätzlech Versigelung ass vu Gréngflächen, déi menger Meenung no net néideg ass.

Mir musse vill méi deen urbane Raum, dee mer hunn, zu enger Densificatioun féieren. Mir müssen de Leerstand bekämpfen. Mir müssen do, wou Bauraine schon am PAG sinn, zum Beispill duerch eng Besteuerung vun den Terrains constructibles, iwwer de B6, eppes maachen, amplaz elo nach Terrainen eranzehuelen an de Bauperimeter.

En plus, elo schwätze mer doriwwer, ob déi Maisons en bande sinn oder Maisons jumelées, fir d'Frëschoftaustausch ze ënnerstëtzen. Et ass jo kloer, dass, esou wéi et am Moment ass, dat am Effikassten ass, fir dass do frësch Loft dohinner kënnt.

Mir wäerten op jidde Fall dat net ënnerstëtzen, dat esou ze stëmmen a wäerten déi PAG-Modifikatiounen net ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Gëtt et nach weider Wuertmeldungen? Keng Wuertmeldung méi, da géife mer zum Vott kommen. Da géife mer als Éischt d'Ofstëmmung maache betreffend d'Rue de l'Eau.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An dann de Rescht.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

An da géife mer virufueren, da géife mer dat anert en bloc ofstëmmen. Mee d'Rue de l'Eau huele mer elo vir. Ass dat kloer fir jiddwereen? Jo.

pense, celle-ci ayant été accordée par le ministère le 18 juin 2025.

Il aborde la rue de Hussigny, où un léger élargissement du périmètre en zone HAB-1 répond à la demande d'un citoyen propriétaire, avec l'accord du ministère.

Dans la rue Belair, plusieurs maisons sont classées au patrimoine communal afin de corriger une erreur matérielle survenue lors de la refonte générale.

À l'avenue de la Liberté, aux numéros 157 et 159, les maisons relèvent désormais d'une protection nationale et non plus d'une protection communale.

Enfin, pour la Wuelemsswiss, le PAP est abrogé et remplacé par un PAP Quartier existant. L'échevin rappelle que ces points ont déjà été discutés sans opposition et s'interroge sur la possibilité d'un vote groupé.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *intervient pour rappeler qu'elle a échangé informellement avec monsieur Ulveling. Son groupe n'a pas soutenu le classement de la zone REC de la rue de l'Eau lors du premier vote et maintient cette position, estimant qu'une non-construction serait plus opportune. Elle demande donc que ce point soit retiré et que le reste soit voté en bloc, ce qui conviendrait parfaitement à son groupe.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *accepte et ouvre la prise de parole.*

ERNY MULLER (LSAP) *salue la position du service communal, qui maintient l'exigence de maisons jumelées rue de l'Eau. Il rappelle que la carte bioclimatique met en évidence la nécessité d'un passage d'air entre les bâtiments afin d'éviter la formation d'îlots de chaleur. Il juge la position de la commission contradictoire, puisqu'elle réclame à la fois le respect de la typologie existante, avec une substance bâtie permettant toutes les constructions, et l'invoque des critères climatiques. Il soutient donc fermement le maintien des maisons jumelées.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK), *absent en septembre, prend position à son tour sur la rue de l'Eau. Il n'ap-*

4. PAG et PAP

porte pas son soutien à ce reclassement qu'il considère comme une imperméabilisation supplémentaire d'espaces verts non nécessaire. Il plaide pour une densification de l'espace urbain existant, la lutte contre la vacance immobilière et la mobilisation des terrains constructibles déjà inscrits au PAG, notamment par une taxation au B6, plutôt que par l'extension du périmètre constructible. Il ajoute que, dans l'état actuel, l'absence de construction demeure la solution la plus efficace pour garantir la circulation de l'air frais.

Gary Diderich annonce que son groupe ne soutient pas les modifications du PAG soumises au vote et refuse donc de les approuver. Il remercie l'assemblée.

GUY ALTMEISCH (LSAP) demande s'il y a d'autres prises de parole. N'en constatant aucune, il propose de passer au vote, en commençant par le point relatif à la rue de l'Eau.

TOM ULVELING (CSV) confirme que le reste peut être traité ensuite.

GUY ALTMEISCH (LSAP) précise alors que la rue de l'Eau sera votée séparément, tandis que les quatre autres points seront soumis au vote en bloc.

(Votes)

Guy Altmeisch redonne la parole à monsieur Ulveling au sujet du point 4b).

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il s'agit d'une réglementation concernant les lucarnes de toiture. On a ajouté une nouvelle disposition qui permettra aux maisons étroites, qui n'avaient pas la possibilité d'installer une lucarne en raison des règles de distance, de l'installer malgré tout.

Il estime qu'il s'agit d'une bonne mesure pour laisser entrer un peu de lumière dans la partie supérieure de ces habitations et invite le conseil à l'approuver.

GARY DIDERICH (DÉI GRÉNG) prend la parole pour soulever une question plus large : il se demande si une réflexion ne devrait pas être menée afin d'autoriser franchement la surélévation des bâtiments dans

Le conseil communal décide, par 14 oui et 4 non, d'approuver le classement d'une zone de sports et de loisirs 1 (REC-1) d'environ 0,62 en zone d'habitation 1 (HAB-1), assujettie à une servitude « maisons jumelées » et à un plan d'aménagement du Nouveau Quartier, le long de la rue de l'Eau à Oberkorn.

Ech soen Iech Merci. Da géife mer elo iwwer déi aner véier Punkten en bloc ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le classement comme patrimoine culturel national des immeubles sis à 157 et 159, avenue de la Liberté à Niederkorn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la superposition de plusieurs maisons situées le long de la rue Belair en tant que constructions à conserver.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le classement partiel de la parcelle 224/4758 (510 m2) située à Differdange, rue de Hussigny, actuellement située en zone verte, en zone d'habitation 1 (HAB-1).

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la suppression de la zone délimitant le PAP approuvé Wuelemsswiss 2.

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 4b), géif ech d'Wuert nach eng Kéier ginn un den Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci. Hei geet et ëm eng Reeglung vun den Daachgauwen. Hei gëtt eng Reeglung dobäigesat fir méi schmuel Haiser: Falls dës duerch d'Ofstänn bis ewell keng Daachgauf konnte maachen, ass et elo méiglech, dann awer do eng Daachgauf ze maachen.

Ech mengen, dat ass eng flott Saach, fir Haiser, déi e bësse méi schmuel sinn, fir dass déi awer och am ieweschten Deel vun hirem Haus e bësse Luucht erakréien. Ech géif Iech bidden, dat ze stëmmen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Gëtt et Wuertmeldungen zu där Informatioun? Den Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt d'Fro opwerfen, ob mer net eng Reflektioun hunn, fir a verschidde Beräicher d'Opstocken a verschidde Stroosse carrement ze erlaben. Also d'Gauwen erlabe jo och einfach, d'Wunnfläch ze erweideren. An an eise PAG hu mer op verschidde Plazen d'Héicht vun de Stäck, déi mer erlaben, zum Deel souguer ënner dem Niveau gesat vun deem, wat zum Deel an där Strooss scho besteet.

An do ass awer Potenzial, virun allem, wa mer no beim ëffentlechen Transport sinn oder esou, wou ee sech awer och eng Kéier kéint iwwerleeën ze erméiglechen, dass ee mat enger liichter Holzbauweis oder anere Méiglechkeeten, awer deen een oder deen anere Stack drop setzt.

Dat wär zum Beispill, aus eiser Perspektiv, eng besser Solutioun, wéi elo nach Surfacen ze bebauen, obwuel mir am Fong genau wëssen, dass all Versiegelung vu Buedem souwisou an der EU wäert verbuede ginn an deenen nächste Joren. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Mir huelen déi Iwwerleeunge mat, Här Diderich. Ech soen Iech Merci. Wann et

5. Projets communaux

keng weider Wuertmeldung gött, géife mer driwwer ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'adopter le projet de modification du plan de repérage et de la partie écrite du plan d'aménagement particulier Quartier existant concernant des fonds situés à Differdange, Niederkorn et Oberkorn, présenté par le collège échevinal pour le compte de la Ville de Differdange.

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zu nach zwee Punkten vum Punkt 4, dat sinn zwee Morcellementer an zwee Terrainen. Den Här Ulveling gött eis d'Erklärungen dozou. Wann Der domadder averstane wiert, géife mer déi och mateneen ofstëmmen. Här Ulveling, wann echgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et geet engersäits ëm e Morcellement an der Rue Saint Pierre. Hei gött en Terrain aus der Rue Saint Pierre morcelléiert, deem immens laang ass, a fir eng Urbanisatioun an der Rue Sophia de Mello Breyner Andresen ze erlaben.

An dat anert ass e Morcellement an der Rue des Champs. Hei gött eng Parzell an dräi morcelléiert, fir kënnen dräi Eefamilljenhaiser mat Logement intégré ze bauen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Erklärungen oder Wuertmeldungen zu deenen zwee Punkten?

Ass dat okay, dass mer déi zesumme stëmmen? Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcellement de terrains situés rue Saint-Pierre à Niederkorn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcellement de terrains situés rue des Champs à Oberkorn.

Ech soen Iech Merci. Komme mer zum Punkt 5 vum Ordre du jour, verschidde Gemengeprojeten. Da geet d'Wuert un den Här Ulveling, deen eis d'Devisé virdréit vum Aquasud. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et geet ëm den Aquasud. Nodeems mer an der Juli-Sëtzung d'lescht Joer an dësem Gremium den definitive Projet mat 17 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm ofgeseent hunn, zu engem deemolege Montant vu ronn 1,8 Milliounen Euro hors TVA, sou hu mer haut en adaptéierten Devis virleien, mat bäileiendem Avenant zum PPP-Vertrag vu Februar 2011 an allen anere wichtege vertraglech bannenden Engagementer vun eisem PPP-Partner, dem Aquasud.

Mir stelle fest, dass de Präis, deen dann elo och vertraglech fixéiert ass, just nach duerch de Bauindex kann adaptéiert ginn, ëm knapp 180.000 Euro, deemno 10 % ass e geklommen.

Dës Deierecht erkläert sech engersäits duerch sécherheetstechesch Oplagen am Kader vun der Adaptatioun vun der Kommodo-Inkommodo-Genemeegung op déi jëtzeg geltend gesetzlech Reege-lungen, souwéi verschidden Deierechten am Béton an engem 12-prozentege Forfait, deen Tralux zegutt huet, fir d'generell Koordinatioun vun alle Sous-traitancen. Dëse Forfait war am Devis am Juli 2025 nach net matage-rechent, well si konkreet Sous-traitan-cen Offerten nach net um Dësch haten.

Hëlt een dëse Montant eraus, sou läit déi reell Deierecht par rapport zum Devis vu Juli 2025 bei just 62.000 Euro. Deemno eppes Klenges iwwer 3 % par rapport zum initialen Devis.

Fir déi éischt Phas auszuféieren, beruffe mer eis op den Artikel 16 vum bestee-ënde validéierte PPP-Vertrag, andeems sech dann och op déi selwecht Hand-wierksbetriber wéi beim Grondbau

certaines rues. Les lucarnes, rap-pelle-t-il, permettent déjà d'étendre la surface habitable. Or, dans le PAG actuel, la hauteur des étages autorisée est, à plusieurs endroits, inférieure à celle déjà en vigueur dans certaines rues.

Il y voit un réel potentiel, surtout à proximité des transports publics, où il serait envisageable d'ajouter un étage en construction légère, par exemple en bois. Cette solution lui paraît préférable à la poursuite de l'urbanisation de nouvelles sur-faces, d'autant que l'imperméabili-sation des sols sera, selon lui, inter-dite dans l'Union européenne dans les prochaines années.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) enchaîne ensuite par deux morcellements concernant deux terrains, pour les-quels il propose un vote commun après les explications de monsieur Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) s'attarde sur les deux dossiers en cours : le pre-mier porte sur le découpage du trottoir Saint-Pierre, où un grand espace est divisé pour favoriser le développement immobilier le long de la rue Sophia-de-Mello-Breyner-Andresen; le second concerne la rue des Champs, où une parcelle est fractionnée en trois pour y édifier trois habitations unifamiliales avec logement intégré.

(Votes)

GUY ALTMEISCH (LSAP) passe au point 5, relatif aux projets commu-naux, et donne la parole à mon-sieur Ulveling pour le devis d'Aquasud.

TOM ULVELING (CSV) rappelle qu'en juillet dernier, le projet défi-nitif avait été approuvé à 17 voix contre 1, pour un montant d'envi-ron 1,8 million d'euros hors TVA. Un devis adapté est aujourd'hui présenté, accompagné d'un avenant au contrat PPP de février 2011.

Le prix, désormais établi contrac-tuellement et ne pouvant être ajusté que selon l'indice, a augmenté d'en-viron 180 000 €, soit environ 10 %. Cette hausse s'explique par des exi-gences de sécurité liées à l'adapta-tion de l'autorisation commodo-in-

5. Projets communaux

commodo, par le renchérissement du béton et par un forfait de 12 % revenant à Tralux pour la coordination des sous-traitances, forfait non intégré en juillet 2025. En retirant ce montant, le surcout réel n'atteint que 62 000 €, soit un peu plus de 3 %.

La première phase s'appuie sur l'article 16 du contrat PPP et sur les mêmes entreprises que pour le gros œuvre, afin d'éviter tout conflit de responsabilité.

Les phases 2 et 3 prévoient une nouvelle piscine extérieure et un bâtiment annexe dédié au fitness, à la santé, à la natation scolaire et aux thérapies, une offre destinée à toutes les générations. Ces phases seront présentées ultérieurement sous la forme d'un projet définitif. Une quatrième phase, portée par un investisseur privé, prévoit l'implantation d'un hôtel avec un étage dédié aux patients en thérapie et aux seniors, ce qui constitue une véritable plus-value pour la ville.

Tom Ulveling annonce que, dès que des éléments concrets seront disponibles, le dossier reviendra devant le conseil communal, normalement avant la fin de l'année.

Il souligne le caractère ambitieux du projet, élaboré en étroite collaboration avec le CHEM, la LUNEX et les représentants communaux. Plusieurs rendez-vous ont déjà eu lieu et d'autres sont prévus avec le ministère de la Santé et la ministre des Sports, afin de faire de ce centre de thérapie une réelle plus-value pour Differdange et une nouveauté à l'échelle nationale.

Selon les estimations, ce concept pourrait faire économiser environ 30 % des coûts au ministère de la Santé.

Concernant la phase I, il rappelle que la grotte de sel, déjà en service, produit des effets positifs, notamment anti-inflammatoires, antibactériens, bénéfiques pour les voies respiratoires et utiles à la réduction du stress.

Les autres travaux doivent s'achever à la fin de l'année, malgré un léger retard dû à la procédure commodo encore en cours.

Il invite l'assemblée à soutenir ce projet d'avenir, profitable à la population differdangeoise et à toute la région, et remercie chaleureuse-

baséiert gëtt. Soumat evitéiere mer an der besteeënder Bausubstanz all onnëtz Responsabilitéitskonflikter a garantéieren déi besteeënd Bauqualitéit an eiser jëtzegeger Schwämm.

D'Phasen zwee an dräi, dat heescht eng nei oppe Schwämm an e Bäibau vum Fitness, Gesondheet, Schoulwammsport an aquatesch wéi och dréche Gruppen, wéi och individual Therapie sollen eis Offer fir d'Allgemengheet, mat alle Generatiounen, vu jonk bis al, staark erweideren.

Mir wäerten Iech nach, wéi versprach, dës zwou Phasen als definitive Projet an enger nächster Sëtzung an dem Gemengerot virstellen. Als Gemeng hu mir schonns all entspreichend Verträge mat de Bureau-d'étuden ofgeschloss an et gëtt intensiv un de Pläng an um Devis geschafft.

Och eng méiglech véiert Phas vun engem Privatinvestor steet am Raum, fir en Hotel mat engem Stack fir Therapie-Gäschter respektiv Therapie-Patienten oder och Senioren. Dat ass an eisen nächsten Iwwerleeungen och vorhanden. Wat eng absolutt Plus-value fir eis Stad wäert sinn.

Soubal mer do Konkretes virleien hunn, komme mer domat an de Gemengerot, u sech nach virum Enn vun dësem Joer.

Ech wollt nach zu dësem Projet soen, dass dat wierklech en ambitiëse Projet ass, dee mer zesumme mat dem CHEM, zesumme mat der LUNEX an zesumme mat de Gemeengevertrieder ganz intensiv amgaange sinn auszeschaffen.

A mir hunn och do verschidde Rende-z-vous scho gehat a wäerten der och nach hunn, mat de verschidde Ministère, dem Ministère de la Santé an der Madamm Sportsministesch, fir ze kucken, dass mer mat esou engem Therapiezentrum vläicht hei zu Déifferdeng eng Plus-value schafen. Mee awer och eppes ganz Neies, wat d'Land nach net kennt a wat och dem Gesondheitsministerium géif, laut eise Schätzungen, eng 30 % u Käschten erspueren, wann dat géif esou kënne lafen, wéi mir eis dat virstellen.

Ofschléissend, wat d'Phas 1 ubelaangt, sou hunn d'Clientë vum Aquasud jo

schonns gesinn, d'Salzgrött vu KLAFS mat hire positiven Auswierkungen: entzündungshemmend, antibakteriell, Otemweeër ginn auserneen, Stressofbau an esou weider. An déi ass jo schonns a Betrib.

Déi aner Aarbechte wäerte geméiss Planning Enn dës Joers ofgeschloss sinn. Leider huet eis virun allem déi nach lafend Kommodo-Prozedur e bëssi hannendragehätt. Ech wär frou, wann Der dës richtungsweisende Projet zum Wuelbefanne vun eiser Déifferdenger Bevëlkerung, an, regional gekuckt, doriwwer eraus, géift positiv matstëmmen. Merci fir d'Nolauschteren.

An ech wëll och eise Gemengesekretär, dem Här Krecké, villmools Merci soen, well hien ass wierklech ganz an deem Dossier hei implizéiert an hie gëtt alles, fir dass mer esou schnell wéi méiglech virukommen. Merci, Här Krecké!

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP)

Merci fir déi Erklärungen. Den Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Schonn am Dezember 2024 hu mer hei am Gemengerot een Accord de principe ginn, fir eng Extensioon an eng Modernisatioun vum Schwamm- a Wellnesskomplex Aquasud zu Uewerkuer.

Elo si mer Mäerz 2026 an den aktuelle Stand ass, dass mer elo een adaptéierten Devis fir d'Phas 1 stëmmen. Wa mer an deem Rhythmus weiderfueren, dann hu mer nach ee laange Wee ze goen.

Fakt ass, dass de PPP-Projet Aquasud eng Success Story ass, an dass mer eis virun allem fir déi oppe Schwämm, déi jo schonn iwwer dräi Joer zou ass, eng zäitno Léisung wënschen.

Mir stëmmen dësen adaptéierten Devis fir d'Phas 1 mat a proposéiere par contre, d'Phas vun der oppener Schwämm, sou gutt et geet, virzezéien a sou schnell wéi méiglech ulafen ze loossen. Merci.

5. Projets communaux

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Meisch. Här Aguiar.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. En ce qui concerne le projet, sur le fond, on a déjà dit à plusieurs reprises qu'on est vraiment pour. On trouve vraiment que c'est un projet ambitieux et très important pour Differdange, que ce soit au niveau du loisir, au niveau du suivi médical, ou pour le mouvement, pour le sport. C'est un bon projet, c'est un excellent projet, de notre côté aussi, qui va donner un nouvel élan et une infrastructure qui fonctionne déjà bien aujourd'hui.

Nous souhaiterons également féliciter la gestion de l'Aquasud, même si, tout au départ, moi personnellement, je n'étais pas trop fan du PPP, mais natierlech, mir begreisse wierklech de Projet.

Pour nous, plusieurs points soulèvent des questions. Tout d'abord, on parle d'un contrat de deux-millions d'euros, attribué directement, sans passer par un marché public.

Naturellement, nous avons fait nos recherches. Et nous vous remercions également pour la transmission du contrat initial de 2011, que j'ai relu hier jusqu'à très tard afin de pouvoir prendre position aujourd'hui sur ce projet.

Personnellement, pour être honnête avec vous, je n'ai pas réussi à déterminer si le projet de 2011, qu'on a naturellement dans le cadre du PPP, va jusqu'en 2038, si on devait effectivement passer directement par l'entreprise Tralux et ne pas passer par les marchés publics.

En fait, aujourd'hui, on a un projet de deux-millions. Donc, il faut absolument le soumettre dans le cadre du marché public. Franchement, pour nous, ce n'est pas vraiment sûr.

Une simple question : Est-ce que vous avez demandé un avis juridique sur cette décision, afin de la sécuriser ? Parce qu'après, on peut éventuellement recevoir un retour négatif. Selon le point 3, il y a parfois des problèmes dans les appels d'offres publics, sou-

vent dus à des facteurs X ou Y. Par conséquent, son importance pour nous est indéniable.

Ensuite, en étudiant un peu le devis, on a vu qu'il y a une augmentation de 10 %. C'est tout à fait normal, c'est contractuel aussi. Ça ne nous pose vraiment pas de souci.

À la fin, on était un peu étonné de savoir qu'on n'avait pas non plus d'avis concernant la Commission des finances ni la Commission des bâtisses. On se pose effectivement la question de savoir si un contrat avec une entreprise qui coûte environ deux-millions n'est pas soumis à un simple avis de la commission.

Et comme par hasard, je vois aussi que la commission a été annulée le 12 mars, en disant qu'il n'y avait pas de sujet à discuter dans le cadre du prochain conseil communal. Là, on se pose vraiment des questions.

D'un côté, il n'y a pas d'avis juridique, en tout cas, on ne l'a pas retrouvé dans le dossier. Si on en a un, merci de nous le remettre. Et, de l'autre côté, on a les commissions annulées. Franchement, là, on est un tout petit peu dans la difficulté.

On soutient ce projet. On veut que ce projet avance. On sait très bien que la piscine, même si on entend par piscine la piscine extérieure, est fermée depuis quelques années. On veut vraiment soutenir ce projet dans son intégralité, mais, franchement, il nous manque des dossiers. Il nous manque des avis dans ce dossier, afin qu'on puisse vraiment le voter complètement.

Sans ces éléments, il nous est difficile de prendre position. Merci beaucoup de répondre à nos questions. Merci de m'avoir écouté.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Aguiar. Här Muller, wannechgelift.

ment le secrétaire communal, monsieur Krecké, pour son investissement intense dans le dossier.

GUY ALTMEISCH (LSAP) remercie l'échevin et passe la parole à monsieur Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que le conseil a déjà accordé, en décembre 2024, un accord de principe pour l'extension et la modernisation du complexe Aquasud à Oberkorn. En mars 2026, il s'agit désormais de voter un devis adapté pour la phase I, et il constate qu'au rythme actuel, le chemin restant est encore long.

Il salue le projet PPP Aquasud, qu'il qualifie de réussite, et insiste sur la nécessité de trouver rapidement une solution pour la piscine en plein air, fermée depuis plus de trois ans. Son groupe votera le devis adapté, mais propose d'avancer la phase relative à la piscine extérieure et de la lancer dès que possible.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) réaffirme le soutien de son groupe à ce projet qu'il juge ambitieux et important pour Differdange, tant sur le plan des loisirs que sur celui du suivi médical et du sport pour tous. Il félicite la gestion de l'Aquasud, tout en rappelant ses réserves initiales à l'égard du modèle PPP.

Il soulève cependant plusieurs interrogations. D'abord, le contrat de deux-millions d'euros est attribué directement, sans passer par un marché public. Après avoir examiné attentivement le contrat initial de 2011, qui expire en 2038, il n'a pas pu décider avec certitude si ce montage permettait effectivement de confier les travaux directement à Tracol, sans avoir à lancer un appel d'offres. Il demande donc si un avis juridique a été sollicité pour sécuriser la décision.

Il juge l'augmentation de 10 % du devis normale et contractuelle. En revanche, il s'étonne de l'absence d'avis des commissions des finances et des bâtisses, la dernière ayant même été annulée le 12 mars faute de sujets. Il regrette ce manque d'éléments, qui complique un vote pleinement favorable, tout en réaf-

5. Projets communaux

firmant sa volonté de voir le projet avancer.

ERNY MULLER (LSAP) *salue la transparence et le professionnalisme du dossier, qui comprend le cahier des charges complet, le détail des prix, le plan de financement et l'échéancier des tranches.*

Concernant les prix, il précise qu'en cas de retard, des pénalités sont prévues, plafonnées toutefois à 5 %, ce qui reste relativement modeste sur un montant de deux-millions d'euros, et que plusieurs clauses encadrent le dispositif.

Erny Muller estime que ces deux-millions constituent un projet relativement modeste par rapport à la modernisation complète de la piscine.

Il évoque l'existence d'une liste de réserve recensant les travaux dont la conformité n'est pas encore assurée, c'est-à-dire ceux qui n'ont pas encore fait l'objet d'une réception définitive. Lors de cette réception, d'éventuels défauts peuvent être constatés, et les travaux ne sont alors acceptés que sous réserve de corrections. Il insiste sur la vigilance à exercer pour éviter que ces réserves ne se transforment en suppléments de coûts. À cet effet, toute fiche de modification doit être signée en bonne et due forme par l'ensemble des parties, qu'il s'agisse du demandeur, de la Commune ou d'un exploitant tel que Tralux, afin de formaliser chaque plus-value ou moins-value.

Il souligne l'importance de dresser et de traiter rigoureusement cette liste, et suggère, pour les projets de plus grande envergure, de conserver un montant en réserve jusqu'à la résolution complète des points non conformes.

Il rappelle que le LSAP n'était pas favorable au PPP au départ, mais reconnaît à posteriori qu'il s'agit d'un modèle de réussite. Les inquiétudes initiales portaient sur la direction et la rémunération du personnel. Heureusement, ces sujets semblent avoir été résolus, comme en témoigne le fait que les plaintes entendues il y a une décennie ne sont plus d'actualité. Il est essentiel de poursuivre le dialogue sur les questions de personnel et de mise en concurrence, notamment

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Wat ee mol muss soen, dat ass, mir hu gesinn, dass deen Dossier ganz transparent ass, dass mer alles presentéiert kritt hunn, dat heescht dee komplette Cahier de charges vun den Aarbechten, mat allen Detailer vun de Präisser, Plan de financement, déi eenzel Tranchen, wéi déi ufalen. An där Hisi-icht, fannen ech emol, ass den Dossier ganz professionnell opgebaut an och transparent.

Wat elo d'Präisser ubelaangt, do hu mer jo gesot, wann aus iergendengem Grond, zum Beispill um Niveau vun den Delaien, géif eng Verzögerung kommen, dann hu mer do Penalitéiten dran, déi awer bis maximum 5 % geet, wat awer relativ wéineg ass. Ech mengen, op zwou Milliounen 5 %, ka jo jiddweree sech ausrechnen, mat enger Partie Klauselen.

Déi hei zwou Milliounen, dat ass jo nach e relativ bescheidene Projet, wa mer elo dee ganze Projet vun der Modernisatioun vun der kompletter Schwämm kucken.

Mir hunn och do eng sougenannte Liste de réserve, kéint een elo soen, wou d'Conformité nach net assuréiert ass. Dat heescht, mer hu vläicht verschidden Aarbechten, wou mer nach keng Receptioun ginn hu fir d'Aarbechten. Receptioun heescht, mer huelen déi verschidden Aarbechten, déi duerchgefouert sinn, of. An do kann et jo sinn, dass do Mängel sinn, déi mer gesinn oder erkannt hunn, an da géife mer soen, dat do huele mer net esou of oder eréischt sous réserve, dass do nach déi eng oder déi aner Aarbecht ausgefouert gëtt.

Et muss een awer och kucken, dass dat net herno Supplémenter gëtt. Duerfir ass et och ëmmer wichteg, eng sougenannte Fiche de modification vun alle Säiten ze ënnerschreiw, wann dat de Fall wär. Dat heescht: Wann eng Demande vun eis kéim, vun der Gemeng, respektiv vun engem aneren Exploitant, zum Beispill un dem Gros oeuvre, da misste mer un d'Firma Tralux dat ëmmer en bonne et due forme maachen, dass dat vun alle Parteie signéiert ass, wat do kënnt u Plus- oder u Moins-valeur.

Wat awer wichteg ass, dass déi Lëscht opgestallt gëtt, an dass déi opgeschafft gëtt. A ganz oft, wann een elo Objeten huet, déi vill méi héich sinn – an ech denken do un dee ganze Projet, well Dir schaffst jo och schonn do drun –, dass een dann och do e Montant op léisst, e Montant an der Reserv hält, bis all déi Punkten opgeschafft sinn, déi non-conforme respektiv wou Mängel sinn.

Fir de Rescht ginn ech dovun aus, dass dat esou kann ënner där Form gemaach ginn. Dir wësst, dass d'LSAP och net esou en faveur vum PPP au départ war. Ech muss soen, et war en Erfolgsmodell, dat kann een nëmmen après-coup feststellen.

Mir hate Bedenken an der Zäit wéinst der Personalgestioun an dem Bezuele vum Personal. Dat si Saachen, do muss een drop oppassen. Ech mengen, et héiert een op jidde Fall elo net méi vill, net méi Kloen, déi ee virun zéng Joer héieren huet, dass do personaltechnesch déi Firma net géif esou bezuelen, wéi dat normal Usus wär hei zu Lëtze-buerg. Dat héiert een elo net méi.

Eiser Meenung no ass et wichteg, dass mer doropshin den Dialog féieren an dass dat och en Theema ass vun eis bei engem Projet. D'Personal soll en Theema sinn an och d'Mise en concurrence, dat ass hei ugeschnidde ginn. Dat heescht, méi Offere froen.

Ech mengen, Tralux geet sécher net, wat hire Bau-Deel ubelaangt, bei anerer froen. Mir wäerten hire Präis do kréien. Mee do si jo och nach eng Partie Sous-traitanten, an do misst een och kucken: Hutt Dir och do verschidden Offeren?

Wa si elo komme mat engem Präis vun iergendengem Fournisseur, mengen ech, misste si och dee Moment vis-à-vis vun eis soen: Mir hunn do méi Offeren a mir hunn deen do geholl aus deenen an deene Grënn. Entweder, well et dee Bëllegste war oder well et deen eenzege war, deen dat konnt liwweren, wat mer gäre gehat hätten oder – op jidde Fall eng Stellung huelen.

A wa mer dat maachen, wa mir dee Sui-vi maachen, do musse mer Zäit investéieren. An duerfir muss ech och soen, eise Sekretär, deen ass do schonn erwänt ginn, ech weess, dass hie sech honnertprozenteg do draknéit, mee do

5. Projets communaux

muss ee sinn, deen dat och permanent suivéiert a kuckt. A wa méiglech souguer méi wéi een, an och politesch responsabel.

Mir sinn op jidde Fall der Meenung, mir wësse jo alleguer hei um Dësch, dass dat do néideg ass. Well mir soen haut, Aquasud ass eng Erfolgsstory, mee mir wëssen, wa mer net entwéckelen, wa mer net viruginn an eis moderniséieren an ausbauen, dann ass et iwwermuer keng esou eng Erfolgsstory méi. An duerfir ass déi do Saach wichtig.

Ech wollt awer nach mat op de Weeginn: Wéi ech virdru geschwat hu vum PPP, wa mir aner Virstellungen hunn, zum Beispill, dat ass och hei gesot ginn, fir d'oppe Schwämm oder par rapport zu der Exploitation vum der oppener Schwämm – wou jo vill Saachen net esou waren, wéi mir eis et virgestallt haten, well wann dobaussen d'Sonn voll um Himmel stoung a gutt Temperatur waren, war d'oppe Schwämm zum Beispill zou. Ech erënneren nëmmen do drun. Mir hunn eis doriwwer opgereggt. All déi Saachen, déi mussen elo am Virfeld gekläert ginn am Kader vum deem PPP, dass dat net méi virkënt.

A wann et souguer néideg ass, kënnen mer souguer Saachen ausschléissen a vlächent déi an Eegeregierung iwwerhuelen, verschidde Grénganlagen oder am Kader vum deem ganzen Encadrement vum der Piscine ouverte oder wat weess ech. Mee Saachen, déi net direkt mat Schwamm-Aktivitéiten ze dinn hunn.

An, wéi gesot, et muss assuréiert sinn, dass déi zwou Schwämme während der ganzer Saison resp. déi oppe Schwämm während der gudder Saison op ass. An ech mengen, dat ass jo och gesot ginn am Virfeld, dass dat elo méiglech ass. Mee all déi Saachen, déi mussen elo ugeschwat ginn, ier den definitive Kontrakt ënnerschriwwen gëtt vum deem ganze Komplex, deen erneiert gëtt.

Ech mengen, da kënnen mer ganz gutt liewe mat deem PPP. Dat ass op jidde Fall eis Erkenntnis. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech ka mech wierklech nëmme wonneren iwwer d'Wonschdenken hei am Gemengrot.

Dass den Här Meisch dee Projet PPP als Success Story verkeeft, wonnert mech jo éischter manner. Et entsprécht der DNA vum enger liberaler Partei, déi frou ass, wa Saache privatiséiert ginn an d'Leit manner bezuelt ginn an d'Saach anescht geréiert gëtt an aus der éffentlecher Hand ausgelagert gëtt.

Mee dass eng LSAP hei elo op eemol seet, warscheinlech gi se gutt genuch bezuelt, well mer näischt méi do héieren. Et ass jo ganz kloer, dass mer hei net an engem Kollektivvertrag sinn, dass déi Leit hei net bezuelt ginn, wéi wa se op der Gemeng géife schaffen. Dat war dee ganzen Interêt vum deem PPP, ee vun zwee Haaptinterëten.

An dee Kontrakt leeft bis 2038 an deen ass net besser ginn. An ech weess och net, wéi ee Kontrakt Dir nach wëllt opstellen, Här Muller. Mir stëmmen haut e Kontrakt. Do steet näischt dran dovunner, dass d'Schwämm elo op eemol all Dag opgemaach gëtt, egal wéi d'Wiederprovisioun sinn. Do wäert purement näischt un der Gestiou anneren, opgrond vum iergendeppes, wat an der Maach ass.

Dat heescht: De PPP ass en Desaster. Déi oppe Schwämm war oft zou, se ass negligéiert ginn am Ennerhalt. Mir sinn elo jorelaang blockéiert. An am Entwéckele vum Projet ass se absolutt keng Prioritéit, och wann den Här Meisch dat elo ëmmer erëm seet. Mee fir d'Sociétéit Aquasud ass déi oppe Schwämm keng Prioritéit.

Mir wësse ganz genee, dass se se am Léifste souguer ofgestouss hätten a frou gewiescht wären, wann d'Gemeng einfach just d'oppe Schwämm iwwerholl hätt a si just déi zoue Schwämm kéinte geréieren, fir domadder Benefice ze maachen.

en sollicitant plusieurs offres auprès des sous-traitants et en exigeant de Tralux des justificatifs du choix des fournisseurs retenus, que ce soit pour des raisons de prix ou d'exclusivité.

Il plaide pour un suivi permanent, saluant l'engagement du secrétaire tout en souhaitant qu'une responsabilité politique soit également clairement assumée. Il rappelle qu'Aquasud est une réussite, mais que sans modernisation et développement continus, cette situation ne perdurera pas.

Il revient sur les dysfonctionnements passés de la piscine en plein air, fermée lors de belles journées ensoleillées, et demande que ces problèmes soient clarifiés en amont du nouveau contrat. Il évoque la possibilité de reprendre certaines activités en régie propre, comme l'entretien des espaces verts, à condition que l'ouverture des piscines reste garantie durant les saisons concernées. Moyennant ces précautions, il estime que le PPP reste viable.

(Interruption)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) exprime son étonnement face à ce qu'il qualifie de pensée magique. Il comprend que monsieur Meisch vante le PPP, conforme à l'ADN libéral favorable aux privatisations et à une moindre rémunération du personnel, mais s'étonne que le LSAP s'en satisfasse aujourd'hui. Il rappelle que ce personnel n'est pas couvert par une convention collective communale, ce qui constituait précisément l'un des deux intérêts du PPP.

Le contrat court jusqu'en 2038 sans amélioration, et rien n'y garantit une ouverture quotidienne de la piscine selon la météo. Il dénonce un désastre : la piscine extérieure, négligée et souvent fermée, n'est nullement une priorité pour Aquasud, qui préférerait s'en défaire.

Il déplore l'absence de marché public et de mise en concurrence, rappelant que le PPP visait à externaliser tant la construction que la gestion du personnel, avec pour conséquence un nettoyage réduit le week-end, jugé trop coûteux.

5. Projets communaux

Gary Diderich reconnaît que la piscine présente des atouts pour ses usagers et juge positif le projet d'extension ainsi que la rénovation indispensable de la piscine en plein air. Il rappelle toutefois que la Commune s'est engagée jusqu'en 2038 dans un partenariat public-privé pour la gestion de l'infrastructure, et déplore que la coalition actuelle ne manifeste aucune volonté de sortir de ce PPP, alors que cela a pourtant été fait pour le stade. Il considère que reprendre la gestion en main serait la seule démarche politiquement juste.

S'il salue la poursuite, même poussive, du projet, il ne peut soutenir cet avenant, qui repose sur les mêmes principes que le contrat initial, sans apporter de conditions favorables, que ce soit en matière de rémunération du personnel ou de garantie que la piscine en plein air reste ouverte. Il rappelle que, sous gestion communale, elle s'ouvrait même par temps de pluie, permettant la nage en longueurs, alors qu'aujourd'hui elle ferme dès que quelques nuages apparaissent sur Meteolux, sans compter la diminution du nombre de bassins après la rénovation.

TOM ULVELING (CSV) répond à monsieur Aguiar en expliquant que la commune s'est renseignée sur l'obligation de lancer un appel d'offres. La réponse reçue permet de s'en dispenser si des arguments solides le justifient.

L'argument principal retenu est qu'un nouveau prestataire, confronté à un bâtiment relativement récent de 12 ans, pointerait inévitablement des défauts de construction, alors que conserver l'entreprise ayant réalisé l'ouvrage initial évite ce risque et génère vraisemblablement des économies à posteriori. Il précise que chaque entreprise facture naturellement son travail de gestion, ce qui aurait été le cas avec n'importe quel prestataire.

Dat heescht: Mir hunn hei e Projet, deen eis fesselt bis 2038. Wou anscheinend elo Leit sech arrangéiert hunn domadder, dass dat eng Privatiséierung ass, déi viru Joren an der Opposition awer dogéint waren. A mir mussen domadder iergendwéi eens ginn. A mir wonneren eis och elo driwwer, dass mer do kee Marché public maachen. Mir wonneren eis driwwer, dass mer net verschidden Offere virgeluecht kréien.

Mee wann een e PPP mécht, dann ass dat aus zwee Grënn gewiescht. Dat eent ass: Mir externaliséieren de Bauträger, mir loossen deen dat maachen, eeben ouni Marché public. Dat ass eng Aart a Weis, fir d'Marché-publicken ze ëmgoen. A mir externaliséieren alles, wat Personal ass. A mir hu mam Personal näischt ze dinn.

A wann dann de Weekend manner gebotzt gëtt, well et de Weekend méi deier ass, fir d'Leit do dréien ze hunn, fir do ze botzen, dann ass dat esou. An esou ass dat leider an där doter Schwämm. An esou ass dat och mat der oppener Schwämm. An dat ass ze bedauern.

Natierlech ass et eng Schwämm, déi hir Atouten huet fir d'Leit, déi dohinner ginn. An et ass och gutt, déi Schwämm auszebauen. An et ass och ganz wichtig, dass mer déi oppe Schwämm erëm renovéiert kréien. Mee d'Gestioun, hu mer eis verpflichtet, bis 2038 dat iwwer PPP ze maachen.

An ech gesinn absolutt keng Bestriewunge vun der aktueller Koalitioun, fir aus deem PPP erauszeklappen. Wéi mer dat awer fir de Stadion gemaach hunn. Also ass et jo net onméiglech. An et ass dat eenzeg, wat politesch richtig wär, déi Saach erëm selwer an de Grapp ze huelen.

Ech kann zwar begréissen, dass mer een Ausbau maachen, an dass mer iergendwéi weiderkommen, och wann dat ganz schleppend de Fall ass, wéi dat scho gesot ginn ass. Mee ech kann deen dote Projet net ënnerstëtzen.

Et ass een Avenant, deen op engem PPP-Vertrag baséiert. Et ass no deenen nämmelechte Prinzipie wéi de PPP-Vertrag. Et sti keng nei Konditiounen dran, déi iergendwéi en faveur vun deem wieren, wat eis wichtig wär. Zur Bezuehung vun Personal steet näischt dran.

Et steet näischt dran, dass mer sécher sinn, dass d'oppe Schwämm ëmmer op ass.

Wéi déi oppe Schwämm ënner Gemengefierung war, do ass déi oppe Schwämm och opgemaach ginn, wann et gereent huet. Well Längte kanns de och schwammen, wann et reent. Mee éischtens hu mer souwisou elo manner Basengen, spéitstens no der Renovatioun, an zweetens gëtt se zougemaach, wann den Dag virdrun e puer Wolleken op Meteolux stinn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Nach eng Wuertmeldung? Den Här Ulveling, wannech gelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wéilt dem Här Aguiar äntwerten, dass mer natierlech nogefrot hunn, ob mer dat net missen ausschreiwen. Do krute mer als Äntwert, wa mer Argumenter hätten, fir et net bräichten auszuschreiwen, da kéinte mer déi geltend loossen. An do hu mer déi Argumenter natierlech gesicht.

D'Haaptargument war natierlech – dat ass jo relativ nei, et ass 10-12 Joer al –, wann do elo een anere kënnt, deen net dorunner geschafft huet, dee seet dann natierlech, hei ass falsch gebaut an do ass net gutt gemaach. An hei hu mer dat zumindest net, wa mer dee selwechten huelen, deen dat scho vun Ufank un operéiert huet. An dat huet eis awer geschéngt, dass dat warscheinlech awer après-coup géif Sue spueren.

Et ass jo kloer: Ech mengen, jiddweree léisst sech déi Aarbecht, déi e mécht, bezuelen. An hei och. Ech hunn dat jo viru gesot, fir d'Gestioun vun all deenen Entreprise kréie se eppes. Dat wär och soss de Fall gewiescht.

Mee ech mengen schonn, dass et net drëm gaangen ass, fir einfach net wëllen auszuschreiwen oder do eppes ze ëmgoen. Mee ech mengen, mir hunn eis do ofgeséchert. An dat ass eis vum Ministère zougesechert ginn, dass mer dat da kéinten esou maachen, wann déi Ar-

gumentatioun, déi déi Firma do geliwert huet, fir ze soen, firwat si am Fong méi utliéiert wär, fir dat do kënnen esou ze maache wéi iergendeng XY-Firma, déi mer elo géifen ausschreiwen.

An ech mengen awer, dass dat eng gutt Iddi wär, aus deene Grënn, déi ech Iech gesot hunn, dass mer do manner Problemer wäerte kréie mat deem, wat virdru gebaut ginn ass. An dofir mengen ech, dass dat awer net schlecht war.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Den Här Krecké wéilt nach e puer supplementar Erklärungen ginn.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ergänzend zu dem Vertrag selwer. Den Artikel 16 ass zitéiert ginn, dee betrëfft d'Amendementen zu engem Bau. Ech gi guer net op Är politesch Consideratioun an, dat ass jidderengem seng Iwwerzeegung. Wat awer elo dat Vertraglecht ubelaangt, do kann, bis zu 10 % absolutt de Kontrakt amendéieren.

An de Vertrag gesäit jo am Fong geholl och Bauqualitéit vir, dass de am Fong geholl solls deng Bauqualitéit behalen. Ech huelen d'Beispill elo, d'Salzgrott ass genannt ginn. Déi ass vu KLAFS. Déi vireg Ekipementen waren och vu KLAFS. Fir dann net an e Potpourri vu verschiddene Materialien oder vu verschiddenen Opträg ze goen, gesäit de Vertrag eng gewësse Stabilitéit an de Bauqualitéit vir.

Do sinn all déi Sous-traitanten elo an der Phas 1 zitéiert ginn, déi am Fong geholl de Grondbau deemools erstallt hunn, ob dat elo eng Soclair ass, ob dat EGDLE ass am Elektreschen, a wéi se all heeschen. Dass sech op déi nämmlecht Fournisseure baséiert ginn ass, déi de Grondbau erstallt hunn, dat ass vertragskonform.

A mir hunn Avis-juridiquen. Et gëtt dräi Avis juridiques iwwregens. Et huet jidderee sech en Avis juridique erugezunn, mir als Gemeng, et gëtt ee vun Tralux an et gëtt ee vu Vert Marine. Deen een ass schwaarz, deen aneren ass wäiss, deen Drëtten ass gro.

Wat hu mer do gemaach als Gemeng? Déi dräi Avis-juridiquen geholl a mir si bei d'Commission des soumissions domat gaangen. Do geet et ëm dee ganze Projet, do geet et ëm d'Phasen 2 an 3.

Momentan ass de Verdikt vun der Soumissiounskommissioun ganz kloer: Am Kader vun deenen 10 % Bauerweidung, wat dem Vertrag vum jëtzege PPP entsprécht, si mer absolutt gesetzeskonform a kënnen do Amendementen zum Bâti existant an där Form maachen. Well soss géif et jo och ee ganz komeche Konfetti ginn, wann een an deem anere säi Bëton schneide geet, deen en net selwer gestallt huet. Mat enger gewëssener Portioun Pragmatismus mécht dat och Sënn.

Par contre, wat d'Phasen 2 an 3 ubelaangt, wat d'oppe Schwämm an deen Ausbau ubelaangt, do ass den Avis vun der Soumissiounskommissioun ganz kloer deen, dass dat muss nei ausgeschriwwe ginn. Do ass eng Saisine, déi ass erfollegt, déi Saisine huet och eng kloer Äntwert kritt. An et opläit elo nach vläicht un engem zweete Gang, der Tralux, déi dat e wéineg a Fro stellt – wat hiert Recht och ass. Déi wäert eng zweet Saisine wëllen deposéieren.

Mir als Gemeng, mir halen eis 1:1 un dat, wat d'Soumissiounskommissioun eis do recommandéiert. Mir ginn op keen anere Wee wéi dat, wat am Fong geholl den Avis vun Travaux publics do wäert eis virleeën.

An ech wëll och nach drunhänken, dat sinn net ech eleng – net dass Der mengt, ech wär hei e groussen Techniker –, ech hunn de Stefano Beni mat um Dësch, een erfuerenen Ingénieur industriel, dee mech an deem hei Projet technesch begleet. Well ech sinn elo net dee Mann, deen do déi technesch Outillagen ëmmer géif all aus dem FF kennen. Dat gëtt scho mam Service technique zesumme gemaach.

Duerfir wëll ech hien awer och hei ernimmen, dass hien am Fong geholl de Projet technesch begleet. A mir halen eis do – dat wëll ech awer kloer gesot hunn –, mir halen eis integral un dat, wat de Staat via Commission des soumissions eis do virdréit. An dat hei, déi Phas 1, si mer absolutt am Plausibelen an am Fong geholl an der Rechtslag

La démarche ne vise nullement à contourner la réglementation, et le ministère a confirmé que cette argumentation était recevable.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

apporte des précisions contractuelles. L'article 16 du contrat autorise des amendements de jusqu'à 10 % et prévoit le maintien des qualités de construction. Il cite l'exemple de la grotte de sel, fournie par Klafs, comme les équipements antérieurs, ce qui évite un patchwork de matériaux. Les sous-traitants de la phase I, tels que Soclair ou EGDLE, sont maintenus pour cohérence.

Trois avis juridiques existent – celui de la Commune, celui de Tralux et celui de Vert Marine – aux conclusions divergentes. La Commune les a soumis à la Commission des soumissions, dont le verdict est limpide : les 10 % d'extension sont conformes au contrat PPP pour la phase I.

En revanche, pour les phases II et III concernant la piscine en plein air et l'extension, la commission exige un nouvel appel d'offres, position confirmée après une première saisine ; Tralux envisage d'en déposer un second. Il souligne que la Commune suit intégralement les recommandations de la commission et mentionne l'ingénieur industriel Stefano Beni, qui l'accompagne sur ce dossier.

5. Projets communaux

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *demande pourquoi les avis des commissions, notamment les trois avis juridiques, ne sont pas déposés sur le nuage des conseillers, ce qui aurait évité bien des débats.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *précise que ces avis juridiques concernent les phases II et III, alors que le vote du jour porte uniquement sur le devis de la phase I, strictement encadrée par l'article 16 du contrat PPP, qui ne nécessite aucun avis juridique.*

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *intervient brièvement pour interpeler monsieur Ulveling au sujet de la Commission des finances. Il déplore qu'aucune réunion n'ait lieu et conteste l'argument selon lequel le dossier ne serait pas substantiel.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *prolonge cette remarque en apportant des précisions. Elle explique que la commission a été annulée par le secrétaire de la Commission des finances, qui estimait qu'aucun point substantiel ne figurait à l'ordre du jour et qu'une réunion n'était donc pas nécessaire. Son groupe considère, au contraire, qu'un tel projet, assorti d'un devis de cette ampleur, revêt bel et bien un caractère substantiel.*

Elle rappelle qu'elle a déjà soulevé le problème lors du précédent conseil communal, puisque le devis n'avait pas non plus été soumis à la Commission des finances. Elle souligne une incohérence : la même commission émet pourtant un avis concernant l'équipe d'animation, à propos d'une majoration des heures effectuées le weekend.

Elle précise qu'elle ne conteste ni le droit de cette équipe à une majoration ni à un avis de la commission, mais elle estime que les projets engageant des sommes importantes méritent un traitement au moins équivalent. Selon elle, cette situation illustre, une fois de plus, le dysfonctionnement des commissions placées sous l'autorité du présent collège échevinal.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *apporte son soutien aux propos tenus par déi gréng. Il estime inacceptable qu'un tel dossier échappe à l'exa-*

vum Vertrag, dee jo och validéiert ass. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Krecké, fir déi Erklärungen. Den Här Aguiar nach eng Kéier.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Pour terminer, pourquoi est-ce que nous ne recevons pas les avis des commissions dans notre cloud ? Qu'on puisse les étudier. Dans le cadre de la commission des soumissions, il y a trois avis juridiques quand même. Pourquoi est-ce qu'on ne les reçoit pas sur la cloud ? On aurait pu éviter toutes les discussions. Il y a encore une question qui est ouverte ...

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Pardon, ee Moment, ech soen Iech just, déi Avis juridiques, déi betreffen d'Phasen 2 an 3. Déi Phas hei, iwwer déi mir elo ofstëmmen, déi iwwer den Devis, do hale mer eis carrement un de Kontrakt. Den Artikel 16 seet eis, dass mer dat dote musse maachen, wéi dat am Artikel 16 am PPP-Vertrag festgehale ginn ass. Do brauche mer keen Avis juridique.

Den Avis juridique ass vun deenen dräi Säfte gemaach ginn fir d'Phasen 2 an 3, déi mer elo haut vill ugeschwat hunn, awer iwwer déi mer nach net votéieren. Ech sinn awer frou, dass mer doriwwer dann am Virfeld scho schwätzen, mee dat ass am Fong geholl net dat, wat mer haut um Ordre du jour hunn. Mee dat just zur Informatioun.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Här Ulveling, concernant la commission des finances, il n'y a pas non plus de réunions. Est-ce que ce n'est pas substantiel ?

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Also just fir eng Kéier kloer ze soen: D'Kommissioun gouf ofgesot vum Se-

kretär vun der Finanzkommissioun – et wär kee substantielle Punkt um Ordre du jour, fir dass et néideg wär, dass eng Finanzkommissioun sech reunéiert. Et deet mer leed, mir als Fraktioun fannen esou ee Projet, esou een Devis, scho substantiell.

Mee ech hunn et schon am leschte Gemengerot gesot, do war och en Avis vun der Finanzkommissioun net do. Déi Kommissioun mécht dann awer en Avis fir en Animateam, wou eng Majoratioun vu Weekend-Stonnen ass. Ech hunn et d'leschte Kéier scho gesot, d'Animateam huet och Recht op eng Majoratioun a Recht op en Avis vun enger Finanzkommissioun. Mee esou Projeten, déi substantiell Zomme betreffen, hunn nach méi Recht drop.

Mee dat weist awer einfach erëm, wéi d'Kommissiounen ënner dësem Schäfferot funktionéieren. Merci.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt just ënnerstëtzen, wat grad gesot ginn ass vun Déi Gréng hei, dass eng Finanzkommissioun sech mat esou engem Dossier muss auserneesetzen. Dat kann net sinn. An eng Bautekommissioun och.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

D'Bautekommissioun ass zwar elo vläicht e bëssen héich gegräff, mee d'Finanzkommissioun, sinn ech awer bei Iech. Ech verstinn dat och. Ech huelen dat och mat, ech reiseignéiere mech, firwat déi Pann do entstanen ass oder firwat dat net um Ordre du jour ass a firwat keng Reunioun war. Soubal ech déi Informatiounen hunn, wäert ech Iech dovunner a Kenntnis setzen.

Wann et keng weider Wuertmeldung gëtt, géife mer iwwer dee speziellen Devis elo zum Vott kommen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

An d'Verträg dobäi.

5. Projets communaux

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Mir stëmmen d'Devisupassung an den Avenant, also vertraglech an engem Lot.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

En bloc.

Le conseil communal décide, avec 15 voix oui, 1 voix non et 3 abstentions, d'approuver le devis actualisé avec une analyse comparative du 2e avenant au contrat de conception, construction et exploitation (PPP) d'Aquasud dans le parc des Sports à Oberkorn.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci. Komme mer zum Punkt 5b), dat sinn Aarbechten, Transformatiounen, déi gemaach ginn zu Nidderkuer op 2A, rue du Kirchberg. D'Wuert geet un den Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Villmools merci. D'Adress ass gesot. Et ass e Punkt, wou ech, éierlech gesot, richteg frou sinn, datt mer en elo esou wäit bruecht hunn. Dat war alles anescht wéi eng einfach Erausfuerderung. Mir wëlle jo keng Gebailechkeeten eidel stoe loossen a beschtméiglech kucken, allem eng Affektatioun ze ginn, de préférence Wunnraum. Hei ass en Haus an zimmlech erofkommendem Zoustand, dat zanter 2009 eidel steet a wou mir an de leschte Méint vill getüftelt hunn, wéi mer dësem nees e sënnvollen Zweck kënnen zouféieren.

An zwar géife mer hei, wéi den Numm vum Budgetartikel et seet, ee Loge-

ment de dépannage installéieren, also an der Haaptsaach fir Leit, déi duerch e Sinister, zum Beispill e Feier, musse kuerzfristeg relogéiert ginn. Oder mer awer och am Kader vun eisen Aktiounen vun den netkonforme Chambres meublées méi séier virukommen. Déi mer jo eng no där anerer, wann déi néideg Aarbechten da vun der privater Sait net ënnerholl ginn, musse leider zoumaachen. An dann natierlech fir d'Locatairë Léisunge fannen. Dëse Logement de dépannage géif eis dann an dësem Kontext méi Sputt ginn.

De Budget, gesitt Der, beleeft sech op insgesamt 420.000 Euro. An der Haaptsaach, fir d'Haus nees ze sanéieren, ënner anerem, vill Aarbechten, fir d'Fiichtegkeet an de Grëff ze kréien. Wou mer 30 Joer Garantie drop kréien. An Isolatioun um Niveau vum Daach an der Fassad.

Am Devis detaillé gesitt Der, datt mer hei eng natierlech Isolatioun virgesinn, eppes, wat mer jo gesot hunn, wann et méiglech ass, datt mer dat dann och esou maachen.

Dir gesitt des Weideren, do sinn och nach eng Jett aner Posten, déi esou ufalen, wann een en Haus ganz renovéiert. Déi ganz technesch Installatioun gëtt nei gemaach, Heizung, Sanitär, Elektresch. Et kënnt eng Lüftungsanlag, fir d'Fiichtegkeet ze reguléieren. Plättercher, Ustrach, nei Fënsteren, fir besser ze isoléieren. Déi nei Chaudière ass eng Wärmepompe. Eng PV-Anlag ass virgesinn, fir eng ressourcëschounend Struktur ze hunn. D'Ausstattung selwer ass méi basesch gehalen, well d'Leit solle jo just iwwergangsweis hei sinn, éier se nees zrëck an hir Wunneng ginn oder eeben eppes anescht fannen.

Et ass jo wichteg, datt hei Rotatioun dran ass, well soss hu mir jo nees näischt fräi, wann déi nächst Urgence kënnt.

Wéi gesot, sinn hei zäitlech begrenzte Mises à dispositions virgesinn, wou d'Leit sech logescherweis och op dës Adress dann net kënnen umellen. Se bleiwe jo op der bishereger Adress ugemellt.

Et ass natierlech e substanziellen Invest, mee mir kréien dofir eng Struktur mat dräi separate Schlofzimmern fir insgesamt

men de la Commission des finances, et juge qu'il aurait également dû être soumis à la Commission des bâtisses.

GUY ALTMEISCH (LSAP) nuance ce dernier point en soulignant que l'intervention de la Commission des bâtisses serait peut-être excessive, mais il rejoint les intervenants quant à la nécessité de saisir la Commission des finances. Il s'engage à se renseigner sur les raisons pour lesquelles cet incident s'est produit, ainsi que sur le fait que le point ne figurait pas à l'ordre du jour et qu'aucune réunion n'a été organisée. Il promet de transmettre ces informations dès qu'il en disposera, puis invite le conseil à voter le devis.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

précise qu'il convient également de voter les contrats associés et indique que l'adaptation du devis et l'avenant contractuel sont soumis ensemble, en un seul lot. (Votes)

GUY ALTMEISCH (LSAP) introduit le point 5b), relatif à des travaux de transformation à Niederkorn, au 2a, rue du Kirchberg, et donne la parole à monsieur Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV) se dit satisfait d'avoir pu mener ce dossier à bien, car il constitue un véritable défi. La Commune souhaite éviter que des bâtiments restent vides et privilégie l'affectation au logement. La maison concernée, en mauvais état, est inoccupée depuis 2009. Après plusieurs mois de réflexion, il est proposé d'y aménager un logement de dépannage destiné aux personnes devant être relogées rapidement à la suite d'un sinistre, tel qu'un incendie, ou dans le cadre de la fermeture de chambres meublées non conformes.

Le budget s'élève à 420 000 € et couvre la rénovation complète : traitement de l'humidité garanti pendant trente ans, isolation écologique de la toiture et de la façade, installations techniques neuves, pompe à chaleur, installation photovoltaïque, ventilation, menuiseries.

5. Projets communaux

La structure comprend trois chambres pour huit personnes, dont une chambre PMR, ainsi que des sanitaires et un espace commun. Les mises à disposition sont temporaires afin d'assurer la rotation nécessaire. Il invite le conseil à approuver le devis.

EMINA CEMAN (CSV) prend la parole pour exprimer son soutien au projet visant à transformer une maison à Niederkorn en une structure d'hébergement d'urgence. Elle estime qu'il s'agit d'une initiative importante, car, lorsque des personnes perdent subitement leur logement à la suite d'un incendie ou d'un autre sinistre, il est essentiel que la Commune puisse proposer rapidement et simplement une solution.

Une telle structure permet d'offrir aux personnes concernées un hébergement sécurisé et digne, le temps qu'elles retrouvent une situation stable. Selon elle, ce projet illustre les valeurs de solidarité et de cohésion qui animent la commune, et c'est pourquoi elle le soutient pleinement et votera en sa faveur.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se déclare en accord avec les propos de sa collègue, mais souhaite obtenir des précisions sur ce que recouvre la notion de « situation stable ». Il évoque le cas de locataires sinistrés qui n'ont pas les moyens d'acquiescer un bien ni même de retrouver un logement sur le marché locatif actuel. Il s'interroge sur la manière de gérer ces situations, craignant que le logement d'urgence ne demeure occupé de manière durable. Reconnaissant qu'il ne détient pas lui-même de solution miracle, il demande quelles sont les réflexions menées et la marche à suivre envisagée. Il sait que la commune aura vraisemblablement besoin de plus qu'un simple logement d'urgence dans les années à venir.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) indique que sa question rejoint celle de son collègue. Elle rappelle que le vote porte sur le devis de la maison, mais qu'il conviendra ultérieurement d'établir des critères enca-

aacht Persounen. Op de Pläng am Dossier gesitt Der zwee Dortoiren, mat eegene sanitäre Raim, jeeweils vun allem zesummen, jeeweils da ronn 25 Quadratmeter. Sou kann een och Männer a Frae getrennt ennerbréngen, ausser et handelt sech natierlech ëm ee Stot. Um Rez-de-chaussée hu mer zousätzlech e PMR-konformt Zëmmer mat natierlech och sengem Sanitär. Alles zesumme ronn 20 Quadratmeter.

Natierlech gehéiert dozou e Gemeinschaftsraum mat Kichen, vun och nees 20 Quadratmeter. An déi verschidden Aspekter vun der Sécherheet sinn natierlech och matbeduecht.

Ech bieden Iech, dësen Devis an den entspriechende Budget matzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Gëtt et Wuertmeldungen zu deem? Madamm Ceman, wannechgelift.

EMINA CEMAN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wëll meng Ennerstëtzung fir dëse Projet ausdrécken, bezüglech der Transformation vun engem Haus zu Nidderkuer an eng Struktur fir Noutënnerbréngung vu Persounen. Ech fannen dat eng gutt a wichteg Initiativ, well wa Leit duerch e Brand oder en anert Ongléck op eemol hir Wunneng verléieren ass et immens wichteg, datt d'Gemeng séier an onkomplizéiert eng Léisung ubidden kann.

Mat esou enger Struktur kënnen mer als Gemeng konkret hëllefen an de betrafene Leit fir eng Zäit eng sécher a wierdeg Ennerbréngung ubidden. Natierlech bis se erëm eng stabil Situatioun hunn.

Dëse Projet weist, datt Solidaritéit an Zesummenhalt an eiser Gemeng wichteg Wäerter sinn. Duerfir ennerstëtzen ech dëse Projet voll a ganz a wäert dëse Punkt matstëmmen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech si ganz averstanen, mat deem, wat d'Madamm Ceman elo grad gesot huet. Ech wollt just nofroen: Wat heescht dat, eng stabil Situatioun erreecht ze hunn? Et gëtt jo Situatiounen, wou ee Locataire ass, an dann ass e Feier, an et si Leit, déi net d'Méiglechkeet hunn, vläicht fir iwwerhaupt eng Kéier eppes Eegenes ze kafen oder iwwerhaupt erëm ze lounen op dësem Marché. Ass dann déi Wunneng bis auf Weiteres besat?

Dat ass jo d'Schwieregkeet, wou een e bëssen huet, mat deenen Noutwunnengen. Ech hunn elo och do net déi magesch Léisung, mee ech wollt einfach nofroen, wat d'Iwwerleeunge sinn. Well mer warscheinlech innerhalb vun e puer Joer net nëmmen eng Noutwunneng brauchen. Wa mer elo eng hunn a si ass besat, dann ass se besat: Wat sinn do weider Pläng oder wat ass do d'Virgoensweis? Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Madamm Schütz.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Den Här Diderich huet déi Fro gestallt, déi ech och wollt stellen. Mir stëmmen elo hei den Devis fir d'Haus, mee vläicht ass et wichteg, spéiderhi Krittären opzestelle fir esou eng Noutwunneng. Wat awer genau esou wichteg ass, dass mer elo endlech eng hunn. Well wann een d'Leit bei engem Feier muss an en Hotel logéieren, déi dann awer, och wann et net laang ass, mee zwee Méint zum Beispill, mussen an engem Hotelzëmmer hausen oder herno respektiv an deem heiten Haus, ass dat Gold wäert.

En plus ass et en Haus, wat effektiv esou laang eidel stoung, wat awer, net am Zentrum vun Nidderkuer, mee awer trotzdeem am alen Deel vun Nid-

5. Projets communaux

derkuer steet, a wat wichteg ass renovéiert ze ginn. Well wa mer et nach méi laang eidel stoe loosse, déngt et dem Haus näischt. Mir schléissen eis dësem Projet un. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Schütz. Den Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dat meescht ass gesot. Mir ënnerstëtzen dat natierlech och, datt mer endlech Noutwunnengen hei an d'Gemeng kréien, fir Leit opzehuelen, wa se wierklech am Besoin sinn. An et ass och schonn ugeklongen, datt mer dann eis wierklech Krittäre musse ginn, ënner wéi enge Konditiounen, wéi laang an esou weider, déi Leit da kënnen do hause. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Meisch. Här Hartung.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Ech sinn natierlech ganz bei Iech. Wéi gesot, et geet hei drëm, de Leit eng Iwwergangsphas unzëbidden. Et dierf natierlech net sinn, datt et herno esou Chambres meublées op onendlech Dauer sinn.

Wa Feier ass oder e Waasserschued an engem Haus, do si jo och Assicurancen hannendrun, dat brauch dann ëmmer eng gewëssen eng Zäit. Am Moment musse mer leider oft dann op d'Hotel len zréckgräifen. An hei hoffe mer dann, datt mer intern och Léisungen hunn.

Et muss ee jo och wëssen: E Feier fënnt jo net meeschtens statt, wa mir grad dat sou geplangt hunn, mee dat si meeschtens onerwaarte Momenter. Dat heescht, da wëssen déi verschidde Servicer vun der Gemeng och, hei do ass e Logement de dépannage a si kënnen d'Leit direkt owes do ënnerbréngen.

Well am Moment gi se jo da mol als Éischt een Dag an en Hotel bruecht an da gëtt emol gekuckt, wou wat méiglech ass. Hei hätte mer e Logement, wat wierklech duerno ganz kloer dofir virgesinn ass. A wéi eeben och gesot ginn ass, natierlech mussen do nach Krittäre ganz kloer ausgeschafft ginn. Ech denken, do wäerte mer dann och op d'Kommissiounen zréckkommen. Mee d'Renovatioun, dat hält jo och e bëssen Zäit. Dann hu mer do nach e bëssen Zäit, fir déi Krittären auszeschaffen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Mir wäerten e Kader schafen. Et ass eis bewosst, dass mer do mussen e Kader schafen, awer mir kënnen kee Kader ze streng schafen, well all Noutsituatioun ass eng aner. Mer kënnen net soen, et muss vun eent bis zéng laut Règlement reagiert ginn, well all Noutsituatioun ass eng aner – eng aner Situatioun, eng aner Renovatioun, Situatiounen, déi méi laang daueren.

Mir mussen eis Krittären upassen der Noutsituatioun vun där Famill oder demjéinegen, dee concernéiert ass. Där Responsabilitéit si mer eis bewosst. Mir wäerten eis do all Méi ginn. Mir wäerte warscheinlech och keen eraussetzen aus enger Noutwunneng erëm op d'Strooss. Well mer wësse jo, wéi schwéier d'Situatioun war, wéi d'Leit hu misse vun där Wunneng do profitéiere wéinst enger Noutlag.

Do si mer ganz sozial. Mer wäerten do lauter sozial Krittäre festleeën, fir de Leit sou vill wéi méiglech do entgéintzekommen. An awer och deene Leit entgéintzekommen, déi vläicht iwwermuer erëm an enger Noutsituatioun sinn. Dat ass den Haaptbut vun deem Engagement a vun deenen Transformatiounen, déi mer elo maachen, fir dann awer bei enger Wunneng erauszekommen, wou mer Leit an Nout kënnen hëllefen.

Dat gesot, wann et keng Wuertmeldung méi gëtt, géife mer zum Vott kommen.

drant l'usage de ce logement d'urgence.

Elle souligne combien il est précieux de disposer enfin d'une telle structure, évitant ainsi aux sinistrés de devoir séjourner plusieurs semaines à l'hôtel.

Elle se réjouit par ailleurs que cette maison, longtemps inoccupée et située dans la partie ancienne de Niederkorn, soit enfin rénovée, car la laisser vide plus longtemps lui serait préjudiciable. Son groupe se rallie au projet.

FRANÇOIS MEISCH (DP) estime que l'essentiel a déjà été dit. Il soutient également la création de logements d'urgence pour accueillir les personnes réellement dans le besoin et rappelle la nécessité de définir des critères précis quant aux conditions et à la durée d'occupation.

JERRY HARTUNG (CSV) abonde dans ce sens, précisant qu'il s'agit d'offrir une phase de transition, sans que ces hébergements deviennent des chambres meublées à durée illimitée.

Les assurances ayant besoin de temps pour intervenir, la Commune doit actuellement recourir aux hôtels. Cette nouvelle structure permettra d'héberger immédiatement les personnes sinistrées, les services communaux sachant désormais où orienter les victimes dès le soir du sinistre.

Les critères seront élaborés en collaboration avec les commissions pendant les travaux de rénovation.

GUY ALTMEISCH (LSAP) conclut en affirmant qu'un cadre sera effectivement établi, sans pour autant être trop rigide, chaque situation d'urgence étant singulière. La Commune adaptera ses critères à chaque famille concernée, agira de manière sociale et ne remettra personne à la rue.

(Vote)

5. Projets communaux

Guy Altmeisch ouvre ensuite le point 5c relatif à la modernisation de l'éclairage DEL.

TOM ULVELING (CSV) présente un devis de 114 000 € pour installer de nouveaux luminaires dans plusieurs rues d'Oberkorn et de Niederkorn, soulignant les économies substantielles déjà réalisées grâce aux installations antérieures.

ERNY MULLER (LSAP) salue d'emblée la rapidité avec laquelle progressent les transformations vers l'éclairage DEL, dont monsieur Ulveling vient d'expliquer les raisons. Il souhaite toutefois profiter de l'occasion pour attirer l'attention sur un point précis. Il relève notamment que le point 6 à l'ordre du jour concerne la modernisation de l'éclairage urbain d'un chemin piéton longeant la rue Pierre-Martin à Oberkorn. Or, il tient à signaler qu'il existe à Differdange un endroit loin d'être anodin : la rue Marie-Paule-Molitor-Peffer, située entre la CNS, la tour Aurea et Auchan, plongée dans une obscurité totale la nuit. Des luminaires y sont pourtant installés sur des mâts, mais ils ne fonctionnent pas.

Il indique s'être adressé il y a quelque temps déjà au service CID, qui lui a répondu que ces luminaires restent privés, puisqu'ils ont été installés par le promoteur ayant construit le quartier.

Il estime que la commune ne peut se permettre, alors qu'elle insiste tant sur la sécurité, de laisser de tels espaces totalement noirs, tant pour les habitants du quartier qui empruntent le funiculaire que pour les visiteurs du soir.

Il rapporte que les riverains lui répètent régulièrement que rien ne se passe. Selon lui, ces luminaires ont été débranchés parce qu'ils ne sont pas raccordés au réseau public. Il demande dès lors que cette situation soit intégrée au programme en cours.

TOM ULVELING (CSV) répond brièvement qu'il va examiner la question.

ERNY MULLER (LSAP) insiste, convaincu qu'une amélioration interviendra rapidement, et précise

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis et le crédit supplémentaire relatifs aux travaux de transformation de la maison située au 2a, rue du Kirchberg, à Niederkorn, en une structure de dépannage destinée à accueillir des personnes sinistrées.

Ech soen Iech Merci. Punkt 5c) ass eng Modernisatioun vun eisen LED-Luuchten. Den Devis hutt Der an Ärem Dossier. Den Här Ulveling sollt eis den Detail dozou ginn, mee ech probéieren dat da selwer ze maachen. D'Detailer hutt Der an Ärem Dossier. Ech ginn dann, wann ech fäerdeg si mat der Presentatioun, kucken nom Här Ulveling, net dass et him net gutt ginn ass. Mee d'Detailer hutt Der do dran, dat sinn déi Devisé fir d'Modernisatioun vun eisem Éclairage public vun den LEDen.

Si Froen dozou oder Wuertmeldungen? A, do kënnt den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir wësst, dass mer amgaange sinn, all eis Stroossen no an no ëmzeswitchen op LED-Beliichtung. Ech krut elo vun eisem Mataarbechter, dem Här Reder, dee sech dorëm bekëmmert, gesot, dass mer do scho substantziell Aspuerunge mat deene Luuchten, déi mer bis elo opgeriicht hunn, ze verzechnen hätten. An hie géif eis fir déi nächst Sitzung ee kleng Rapport maachen, wou mer da kënne scho gesinn, wat dat eis alles bruecht huet.

Hei fuere mer dann elo virun. An zwar ass do virgesinn, an engem Devis vun 114.000, opgeronnt, weider Luuchten ze installéieren an der Rue Ratterm zu Uewerkuer, an der Rue Ronnweisen zu Uewerkuer, an der Rue Kervelt, der Avenue de la Liberté zu Nidderkuer, an der Rue Neiwiss, an der Cité Henry Grey, am Chemin piéton longeant la rue Pierre Martin zu Uewerkuer. Also en Devis vun 114.000 Euro, deen ech Iech géif bidden wëllen ze stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Fir d'éischt emol, Här Ulveling, wëll ech begrëssen, dass dat esou schnell virugeet mat deenen Transformatiounen op LED-Luuchten. Dir hutt jo och erkläert, firwat dat de Fall ass. Mee ech wollt vun der Geleeënheet profitéieren, well ech hunn hei gesinn, hei ass, zum Beispill, ënner Punkt 6 d'Modernisation de l'éclairage urbain dans un chemin piéton longeant la rue Pierre Martin à Oberkorn.

Do wollt ech Iech drop opmierksam maachen, et gëtt eng Plaz zu Déifferdeng, dat ass net déi mannst, déi heescht Rue Marie-Paule Molitor-Peffer, déi ass tëscht der CNS tëscht dem Aurora-Tower, Auchan an esou weider. An do ass et nuets owes pech-däischter. Do sinn zwar Luuchten u Masten, awer déi Luuchte funktionéieren net.

Ech hu mech schonn un de Service CID gewannt, virun enger Zäit schonn, do hunn ech gesot kritt, déi wäeren nach privat vun deem Promoteur, deen de Quartier gebaut hat. Déi Luuchte wäeren do matekipéiert ginn.

Ech mengen, mir kënnen eis dat net erlaben, dass nuets, wou mir jo wëlle grouss op d'Sécherheit halen, dass do Plaze sinn, déi komplett schwaarz sinn, a) fir d'Leit aus dem Quartier am Funiculaire, mee b) och vun de Leit, déi owes do op Besuch ginn – an zu deenen hunn ech och scho gehéiert. An ech kréien et ëmmer erëm gesot vun de Leit, déi ronderëm wunnen: „Hei geschitt einfach näischt“.

Also ech mengen, déi Luuchte sinn ofgepëtzt ginn, well déi net um Réseau public hänken. An do geschitt näischt.

Firwat soen ech dat lo hei? Hei gesi mer, dass et virugeet. Hei geschitt eppes. Wannechgelift, wollt ech Iech froen, firwat dat mat an deem Programm hei mat drop ze huelen. Well da sinn ech iwwerzeugt, dass mer geschwënn do eng Verbesserung hunn. Et ass wierklech net vu Muttwëll. Dir kënnt Iech

5. Projets communaux

et jo mol owes eng Kéier ukucke goen. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir kucken dat. Dat ass eng gutt Suggestioun. Ech wëll och soen, dass – mir müssen dat och elo eng Kéier kucken – déi LED-Luuchten, déi loosse sech jo moduléieren. Dat heescht, do kann ee vun 1 % bis 100 % fueren. Dat sollte mer eng Kéier als Schäfferot an Anschein nehmen, fir ze kucken, wéi wäit ee kann dimmen zu gewëssenen Zäiten.

Do muss een awer och wëssen, et ass och net esou einfach, et kann ee keng Reegel elo opsetzen, well op där enger Säit si Stroosseluuchte riets a lénks, andersäits hu mer Citéen, wou nëmme riets oder lénks Luuchte sinn. Dann ass natierlech, wann een ze vill dimmt, déi riets Partie, wann d'Luucht lénks steet, net beliicht.

Mee et ass esou, am Fong geet et drëm, fir de Stroosseraum ze beliichten. Et geet net drëm, fir nach d'Haus an de Gaart och nach matzebeliichten. Do müssen d'Leit schonn agesinn, dass dat net d'Missioun ass vun der Gemeng. Mer wäerten, an noer Zukunft, wann déi verschidde Quartiere fäerdeg sinn, op d'Plaz goen, fir eis dat eng Kéier owes unzekucken, fir ze kucken, wéi wäit een dat kann dimmen a wéi wäit dat gutt ass, fir dat esou ze dimmen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen, Här Ulveling. Et gëtt keng weider Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à la modernisation de l'éclairage public (DEL).

Ech soen Iech Merci. D'Punkte 5d) a 5e), do bleiwe mer am Beräich, am Ressort vum Här Ulveling. Wann Der näischt dogéint hutt, géife mer déi zesumme presentéieren. Dat sinn zweemol Photovoltaikanlagen op Gebaier

vun der Gemeng, da kéinte mer déi och zesumme votéieren. Ech ginn d'Wuert dem Här Ulveling, fir eis den Detail ze presentéieren. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Engersäits handelt et sech ëm den Hall sportif zu Nidderkuer, wou mer eng Centrale photovoltaïque vu 75,6 Kilowatt Peak wëllen op dem Daach installéieren. Natierlech muss mer dann och d'Fraise fir de Raccordement vun där Zentral op den Traffo maachen. Déi Fraise muss mer mat incluéieren. Soudass mer fir deen doten Devis op eng 90.670 Euro kommen.

Dat selwecht hu mer an der École Saint-Pierre, wou och soll eng Photovoltaikanlag op den Daach kommen. Do kënnt eng 58,5 Kilowatt Peak op den Daach, mat natierlech de Frais de raccordements an esou weider, mam Génie civil, deen dat och heiansdo brauch, fir dee Kabel bis bei den Traffo ze zéien. Do hu mer en Devis vun 131.479 Euro.

Wär frou, wann Der mer dat géift stëmmen, fir dass mer do virukommen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. D'Madamm Pregnö, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Ech wollt froen, bei deem engen Devis, do hutt Der 35.000 Euro Frais de génie civil, bei deem fir d'École Saint-Pierre, déi beim Hall sportif net sinn. Kéint Der kuerz erklären, firwat déi do entstinn. Oder ass dat warscheinlech eppes Spezielles, wat d'Schoul brauch an d'Hal net?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech huelen un, dass deen ee vill méi no ass, deen aneren ass e bësse méi wäit, deen ass iwwer der Strooss ewech. Do

que sa demande n'est pas de mauvaise foi, invitant l'échevin à venir constater lui-même la situation un soir.

TOM ULVELING (CSV) confirme qu'il s'agit d'une bonne suggestion et ajoute que les luminaires DEL présentent l'avantage d'être modulables de 1 % à 100 %. Le collège échevinal devra examiner dans quelle mesure il est possible d'abaisser l'intensité à certaines heures. Il reconnaît toutefois que l'exercice est délicat et qu'aucune règle uniforme ne peut être établie, car certaines rues disposent de luminaires des deux côtés, tandis que d'autres quartiers n'en ont que d'un seul côté, ce qui peut créer des zones insuffisamment éclairées en cas de variation trop importante.

Il rappelle que la mission de la commune consiste à éclairer l'espace public, et non les maisons et jardins des particuliers. Il annonce que, lorsque les différents quartiers seront achevés, une visite sera organisée sur place en soirée afin d'évaluer les possibilités de variation.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) poursuit en abordant les points 5d) et 5e), qui relèvent également de monsieur Ulveling et concernent deux installations photovoltaïques sur des bâtiments communaux, proposant de les présenter et de les voter ensemble.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il s'agit d'une partie du centre sportif de Niederkorn, où une centrale photovoltaïque de 75,6 kWc doit être installée sur le toit, les frais de raccordement au transformateur étant inclus, pour un devis total d'environ 90 670 €.

D'autre part, à l'École Saint-Pierre, une installation de 58,5 kWc est prévue sur la toiture, avec les frais de raccordement et de génie civil nécessaires pour tirer le câble jusqu'au transformateur, pour un devis de 131 479 €. Il sollicite l'approbation du conseil.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) demande pourquoi des frais de génie civil de 35 000 € apparaissent pour l'école Saint-Pierre, alors qu'ils ne

5. Projets communaux

figurent pas au devis du centre sportif.

TOM ULVELING (CSV) suppose que l'un des bâtiments est plus éloigné du transformateur et nécessite une traversée de rue.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) fait observer que les deux bâtiments se trouvent à Niederkorn, du même côté de la rue.

TOM ULVELING (CSV) reconnaît alors ne pas en connaître la raison.

GUY ALTMEISCH (LSAP) évoque l'emplacement du quartier comme élément explicatif.

TOM ULVELING (CSV) précise que tout dépend de l'emplacement du transformateur : selon le cas, il faut ouvrir la cour pour y accéder.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) accepte cette réponse et rappelle qu'il est tout à fait légitime, même pour un enseignant en classe, de reconnaître ne pas savoir et de fournir la réponse ultérieurement.

TOM ULVELING (CSV) salue la pertinence de la question.
(Votes)

GUY ALTMEISCH (LSAP) introduit le point 5f), consacré au décompte de l'étude de développement du projet de Lommelshaff.

TOM ULVELING (CSV) explique que ce dossier, mal connu du public, représente un engagement de 209 709 €.

Entre 2018 et 2024, diverses prestations ont été commandées à différents intervenants dans le cadre de la phase de réflexion sur l'avenir du site : l'installation d'une nouvelle grille, la vérification de la statique intérieure et l'élaboration de plans. Avec le recul, une grande partie de ces dépenses s'avère inutile, puisque l'État financera désormais intégralement le projet. La Commune a néanmoins pu enregistrer un subside de 57 800 €. Il précise que l'administration a souhaité clôturer ce dossier complexe, dans lequel plusieurs honoraires ont été comptabilisés sans que l'on puisse

muss een iwwer d'Strooss fueren, fir den Uschloss ze maachen. Mee dat ass zu Nidderkuer.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Et ass zweemol zu Nidderkuer.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo. Dat ass den Hall sportif.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Si sinn allen zwee op der näämmlechter Säit vun der Strooss.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Keng Anung.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Et ass warscheinlech d'Emplacement vum Quartier.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et hänkt vum Emplacement vum Traf-fo of. Also dat eent ass méi wäit wéi dat anert. Dass ee bei deem enge warscheinlech net muss den Haff oprap-pen a bei deem aneren ...

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Et ass okay. Et kann een och einfach soen, dass een et net weess. An der Schoul dierf een dat och als Proff hei-ansdo a soen, ech kucken dat no. An da liwwert een d'Äntwert méi spéit. Dat ass okay. Merci awer.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nach eng Wuertmeldung dozou? Da géife mer déi zwee Punkte mateneen ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à l'installation de panneaux photovoltaïques au centre sportif de Niederkorn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à l'installation de panneaux photovoltaïques à l'école Saint-Pierre de Niederkorn.

Ech soen Iech Merci. Punkt 5f), do schwätze mer iwwer de Lommelshaff, déi Étude du développement vum Pro-jet, en Dekont. Här Ulveling, wannech-gelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat do ass och eppes, wou vill Leit net wëssen, ëm wat et sech handelt. Wou mer awer eng relativ grouss Zomm, 209.709 Euro, do engagéiert hunn. An de Joren 2018, 2019, 2021 an 2024 si verschidde Saache vu verschiddene Leit engagéiert ginn. Dat war an der Zäit, wou mer iwwerluecht hunn, wat mer mam Lommelshaff géife maachen. Do ass e bëssen hott an har, kann ee soen, wann een dat hei esou liest, gemaach ginn. Dann ass en neit Gitter installéiert ginn, dann ass gekuckt gi bannen d'Sta-tik, da si Pläng gezeechent ginn.

Wann een à ce stade elo kuckt, war vil-les vun deem onnëtz, well mer jo elo dee ganze Projet wäerte vum Staat fi-nanzéiert kréien. Néanmoins hu mer awer trotzdeem 57.800 Euro als Subsid do kënnen enregistréieren.

Si wollten einfach emol deen Dossier do ofschléissen. Do hu mer alles gesam-melt, wou verschiddener, déi och net méi esou richteg woussten, ëm wat et sech gehandelt huet, well do wierklech verschidde Leit vun Honorairen do ge-bucht si ginn, wou keen esou richteg weess, wat wie wat wou gemaach huet.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Den Här Cillien, wannechgelift.

5. Projets communaux

ERIC CILLIEN (DP):

Här Buergermeeschter, merci villmools. Dir Dammen, Dir Hären, nodeems mer am Dezember, no ville Jore Stëllzäit an deem Dossier, d'Konventioun mam Staat gestëmmt hunn zum Lommels-haff, a mer elo esou weiderkommen, hu mer haut dann den Dekont vun den Etüden hei um Ordre du jour.

Wat positiv ass, dat ass, datt de Staat 100 % vun den Aarbechten an den éischten Ekipement fir déi dräi sozio-therapeutesch Zentre wäert finanzéieren. Am Ganze 16,3 Milliounen Euro. Wat gutt ass fir eis Gemegefinanzen.

Wat mech e bësse verwirrt, dat ass, datt mer hei en Dekont kréie vun 209.000 Euro. Et waren am Fong 70.000 Euro accordéiert, wéi mer gesinn hunn am Dokument. Dat ass dräimol sou vill. An et kann een net richtig erauslesen, wou mer dann elo, also ech ka schonn novollzéien, datt mer do op 209.000 Euro kommen, mee et ass einfach onverständlech.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech hu versicht, Iech dat ze erklären, dass do Saachen drop gebucht si ginn, déi hätten am Fong vläicht net missen drop gebucht ginn. Notamment vun enger Persoun, déi mol fir eis geschafft huet, déi do hir Stonnen ofgerechent huet, déi op eemol hei erschéngen sinn. Wou d'Mataarbechter bei mech komm sinn a soten: „Wat solle mer maachen? Mir wëssen näischt dovun“. Mir müssen dat awer iergendwéi apuréieren.

Ech mengen, en Deel vun deene Saachen, wéi Etüden a Statik an esou, déi kënne jo elo – déi schenke mer dem Staat dann. Da brauch dee se net ze maachen, da si se net ganz verluer. Mee dat hei ass e Sammelurium vu Saachen, notamment och war am Kader vun 2022 dat Gitter erneiert ginn. Da sinn d'Fënsteren, d'Rolllueden nei gemaach ginn oder ofgedicht ginn a lauter esou Geschichten. Et war e Sammelurium vu Saachen, wéi gesot, 150.000 huet et eis ënner der Hand kascht. Ech si frou, wa mer deen heite gestëmmt hunn, well esou ganz wuel, muss ech Iech soen, fillen ech mech bei deem Dekont hei och net.

ERIC CILLIEN (DP):

Merci. Mir stëmmen dat natierlech dann och mat, fir datt dat fort ass. Mee effektiv ass et net ganz koscher.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Gott Sei Dank hu mer Dossieren, déi méi transparent a méi einfach sinn. Madamm Pregno, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Et ass ëmmer interessant, wat hei transparent a wat einfach hei de Label oder de Stempel kritt. Ech fannen deen hei Dossier transparent, jo. En ass vläicht net ganz gutt opgestallt an all déi Ëmweeër, déi gemaach gi sinn, empfangen ech definitiv net als onnëtz, well de Lommelshaff war awer e flotte Lieu, wou et ëm 2022 gaangen ass. A mir waren all frou, dass do dat éphémèret Theater konnt stattfannen.

An ech mengen, dass et och net onnëtz war, dass dat Gelänner richtig an d'Rei gemaach ginn ass an d'Mauere gestäipt gi sinn. Ech denken net, dass dat onnëtz Weeër sinn, och wann haut de Projet da bei de Staat eriwuer geet a mer dann all begrëssen, dass dat net méi ënner Gemengehand leeft.

Ech verstinn, dass et e Sammelurium ass. Ech verstinn och, dass een dat vläicht net kann novollzéien. Wou ech et gelies hunn, hunn ech och geduecht, c'est quoi ça. Duerno konnt ech mech awer u verschidde Posten erëm genau erënneren. Ech ka mat deenen zwou Aussoe liewen. Ech fanne just 'onnëtz' an 'transparent', do kann een driwuer diskutéieren. Loossen ech dann awer emol esou stoen.

Eppes anescht, wat awer un eis eruge-droe ginn ass, dass ganz vill Leit ganz erschreckt waren, wou enges samschdes ganz schnell vill Beem ofgeholzt gi sinn. Mir wëssen, dass et jo Zäite gëtt am Joer, wou ee muss respektéieren, wann ee muss Beem fällen. A mir wëssen och, dass dat dozou bäidréit, dass de Projet kann zäitno ulafen.

toujours identifier précisément qui a fait quoi.

ERIC CILLIEN (DP) rappelle qu'après la signature, en décembre, de la convention avec l'État, la Commune se réjouit que ce dernier finance à 100 % les travaux et le premier équipement des trois centres sociothérapeutiques, pour un total de 16,3 millions d'euros, ce qui soulage les finances communales.

Il s'étonne toutefois que le décompte atteigne 209 000 € alors que seuls 70 000 € avaient initialement été accordés, soit un triplement difficilement compréhensible.

TOM ULVELING (CSV) réexplique qu'une personne ayant travaillé pour la Commune a facturé des heures non prévues, ce qui obligeait les collaborateurs à régulariser la situation.

Certaines études et analyses statistiques seront néanmoins offertes à l'État, ce qui limitera les pertes. Il reconnaît qu'il s'agit d'un ensemble hétéroclite, incluant aussi la rénovation de la grille, des fenêtres et des volets roulants en 2022, pour environ 150 000 €, et avoue ne pas être totalement à l'aise avec ce décompte.

ERIC CILLIEN (DP) annonce que son groupe votera néanmoins le point pour solder le dossier, tout en estimant que l'affaire n'est pas parfaitement nette.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) s'élève contre l'idée que ce dossier manquerait de transparence : elle le juge, au contraire, transparent, même si sa présentation est perfectible.

Elle défend l'utilité des dépenses engagées, rappelant que le Lommelshaff a accueilli en 2022 un théâtre éphémère très apprécié et que la consolidation du garde-corps et l'étayage des murs étaient nécessaires. Elle admet toutefois que le caractère composite du dossier peut dérouter.

Elle soulève ensuite une autre préoccupation : de nombreux habitants ont été choqués par l'abattage rapide d'arbres un samedi. Tout en comprenant les contraintes calendaires et l'urgence du projet, elle

5. Projets communaux

suggère que la Commune communiquée en amont pour apaiser les inquiétudes, par exemple en installant des panneaux d'information à l'image de ceux utilisés dans d'autres grandes villes.

(Interruption)

Laura Pregno souligne que ce chantier se situe néanmoins en plein cœur de Differdange et que la commune y est confrontée. Elle estime contradictoire de prétendre ne pas vouloir s'en mêler tout en se réjouissant que l'État s'en charge. Elle rappelle que le travail des élus est fait pour les citoyens de Differdange, notamment pour les enfants qui fréquenteront ce lieu.

TOM ULVELING (CSV) précise que l'État installera un panneau d'information.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) insiste : lorsque des travaux aussi visibles sont menés et touchent à un sujet sensible comme l'abattage d'arbres anciens, une communication préalable aurait été la bienvenue, indépendamment de la couleur politique, car il s'agit de thématiques auxquelles la population est particulièrement attentive.

GUY TEMPELS (CSV) aborde ensuite le décompte lié au dossier Lommelshaff, qu'il qualifie de « long feuilleton ». Il exprime une gêne face au fait qu'une personne privée ait été rémunérée en honoraires pour un travail effectué pour la Commune, estimant qu'un collaborateur communal devrait normalement percevoir un salaire.

Il profite de la discussion sur les arbres pour renouveler une demande déjà formulée en Commission de l'environnement : il souhaiterait que le garde forestier communal communique davantage sur les dossiers en cours, afin que les élus soient mieux informés des décisions prises.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) décrit le dossier comme un véritable fourre-tout mêlant études, travaux — notamment sur la grille —, mais aussi frais de restauration, de décoration et d'ateliers. Il regrette que le manque de vision politique ait été compensé par une accumulation

Ech denken awer, dass et informationstechnesch net schlecht wier, wann d'Gemeng géif esou Bedenken am Virfeld opfänken. An et ass och eppes, wou mir och eréischt dru geduecht hunn, wou d'Leit eis et zougedroen hunn. Ech weess, dass an anere grouse Stied oft, wann esou Aarbechte gemaach ginn, esou Pannoen dohinner gestallt ginn: „Ici la ville développe“ ou „la ville construit“ oder ginn déi an déi Aarbechte gemaach.

ENG STÈMM:

Hei ass net „la ville“.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Jo. Okay, et ass net „la ville“, mee et ass awer an der Stad a mir sinn awer domadder konfrontéiert. Dir kënnt awer elo net engersäits soen, mir wëllen näischt domadder ze dinn hunn a mir si frou, dass de Staat et mécht. An et ass awer am Häerz vun Déifferdeng. Mir schaffe jo awer fir een: Mir schaffe fir den Déifferdenger Bierger. A mir hunn och betount, dass et d'Déifferdenger Kanner sinn, déi herno dohinner kéinte kommen, an an an.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

De Staat mécht jo do eng Pancarte.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Et wär awer flott gewiescht, wann am Virfeld, wann esou Aarbechte gemaach ginn, déi awer och esou visibel sinn an en Thema upaken, wou d'Leit sensibel drop sinn, esou vill Beem, déi esou laang do stinn, ob gréng oder net gréng, dat si sensibel Theemen, dass een einfach do kéint am Virfeld vläicht e bessen drop Uecht ginn. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Pregno. Den Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Hei ass d'Rechnung fir dee laange Baart, déi mer elo gemaach hunn, deen de Lommelshaff eeben hat. Ech hunn och e bëssen driwwer gekuckt. Wat mech e bësse stéiert, dass do eng Privatpersoun, ech géif gär emol wesse wat déi geleescht huet, fir déi Suen, déi iergendwann eng Kéier mol fir d'Gemeng geschafft huet. Ech menge wann s de fir d'Gemeng schaffts kriss de eng Pai vun der Gemeng. Ech hunn do e bësse Problemer domadder.

Déi aner Saach, mir haten elo rieds vun de Beem, ech hunn et schonn e puermol och an der Ëmweltkommissioun gesot, ech wär frou – heiansdo huet eise Fierschter, hie kennt d'Dossieren, gëtt se net esou richtig virun, do kéint e bësse méi Kommunikatioun kommen, dass mir och wëssen, wat geschitt. Dat feelt mer heiansdo e bëssen.

Do wär ech frou, wann eise Fierschter, wann en elo lauschtert, eis heiansdo géif à jour setzen oder eis informéieren, da wär dat méi einfach. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nach eng Wuertmeldung? Den Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. En effet, wann een dat hei esou kuckt, ass et e Sammelsurium, et ass scho gesot ginn. Do sinn Etüden dran, dat sinn déi déck Posten. Do sinn Aarbechten dran, haaptsächlech wat dat Gitter ugeet. Mee et ass awer och Iessen a Gedränk dran an Dekoratioun an Atelieren, déi do stattfonnt hunn.

Et war jo e bëssen drëm gaangen, an där Zäitspan do, fir erauszefannen, wat mer domadder maachen. Iergendwéi hu mer, mengen ech, dee Manque de vision politique do ersat duerch iergendwellech Etüden an Honorairen, déi awer leider net onbedéngt zu eppes gefouert hunn, wat zu engem Wee ginn ass, deen d'Gemeng dann och gaangen ass.

5. Projets communaux

Meng konkret Fro ass, well och den Här Tempels elo hei esou seet, dat ass de Statut vun där Mataarbechter war mer ni esou ganz kloer: Ass déi Persoun agestallt gewiescht bei der Gemeng? Oder ass si ëmmer just iwwer Honorairë bezuelt ginn? Okay, ech kréien iwwer nonverbal Messagë scho meng Äntwert, dat heescht, déi ass just iwwer Honorairë bezuelt ginn.

Bon, déi huet dorunner geschafft, déi hat en Optrag vun der Gemeng, fir déi Aarbechten ze maachen, da muss se och iergendwéi bezuelt ginn. Dann ass se op jidde Fall net duebel bezuelt ginn. Mee ech géif mech perséinlech bei dësem Vott op jidde Fall enthalen, well wann hei net ganz vill Kloerheet driwwer besteet, wat elo do de Plang war a wat do gemaach ginn ass, da kann ech, aus der Oppositoun hier, net méi kloer gesinn an net einfach eppes stëmmen, wat ech net tel quel kann novollzéien.

Menger Meinung no misste verschidener vun deene Posten am Fong iwwer eppes anescht ofgerechent ginn, wat net mat Aarbechten ze dinn huet. Wann dat mam Kulturjoer ze dinn huet, dann hätt et do missen ofgerechent ginn. Duerfir enthalen ech mech bei dësem Vott. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech gesinn, dass mer eis bewusst sinn, hei ronderëm den Dësch, dass den Dossier e bëssen onglécklech ass, an dass mer awer à la fin du compte frou sinn, dass mer dat Ierfstéck do elo kënne vläicht an d'Archive leeën. An dass mer da méi propper an deen nächsten Dossier ginn oder an deem Sujet do bleiwen.

Ech sinn awer ganz bei der Madamm Pregno, ech war och e bëssen erfieert, wéi ech laanscht gefuer sinn, wéi ech gesinn hunn, dass keng Beem géife bäikommen, mee Beem ewechgeholl gi sinn. Et war mir awer kloer, souwéi och jidderengem heibannen, firwat déi Aarbechte gemaach ginn.

Effektiv wär et net schlecht, och wa mer vu Visibilitéit schwätzen, wann ee Beem ewechmécht, d'Beem si jo elo fort an et ass gebotzt, dass een dann e Panno opriicht, fir de Leit ze soen, wat wou

an Zukunft gebaut gëtt. Dat ass awer net honnertprozenteg an eiser Hand. Mee ech wäert awer mech dofir asetzen, dass mer vu staatlecher Säit oder vum Bauhär e Panno dohinner gesat kréien, deen da gutt visibel ass. Well mer jo müssen d'Plaz amenagéieren, fir do en Zougang ze maachen zum Boulevard eriwuer, dass mer dat dann awer hikréien.

Dat gesot, wann et keng weider Wuertmeldung gëtt, géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide, avec 16 voix oui et 1 abstention, d'approuver le décompte relatif à l'étude et au développement du projet de la ferme Lommel.

Da kéime mer zum Punkt 5g), dat ass a Relatioun mam alen AS-Terrain um Fousbann. D'Wuert geet nach eng Kéier un den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Hei geet et ëm eng Pergola, déi mer fir d'Boulevard installéiert hunn, fir dass déi am Summer am Schiet Boule spille kënnen. Dat war veruschlaagt mat 40.000 Euro, huet der awer nëmme 26.248 kascht. Mir krute vum Ministère des Sports en Après-décompte vun 9.200 Euro rembourséiert, soudass mer am Fong eng 17.000 Euro netto musse bäilee bei deen Dossier.

Ech mengen, déi Leit, déi sinn eis dankbar, dass se elo endlech am Schiet kënne Boule spillen, respektiv wann et reent, sech drënner stelle kënnen. Ech soen Iech Merci, fir deen Devis ze stëmmen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen a Relatioun mam Dekont. Här Muller, wannechge-

d'études et d'honoraires qui n'ont finalement débouché sur aucune orientation concrète suivie par la Commune.

Il demande des précisions sur le statut de la collaboratrice concernée et comprend, par des signes non verbaux, qu'elle n'a été rémunérée que sur honoraires, sans double rémunération.

Il annonce son abstention, faute de clarté suffisante quant au projet initial et aux réalisations effectives, et juge que certains postes, notamment ceux liés à l'année culturelle, auraient dû être imputés à un autre budget.

GUY ALTMEISCH (LSAP) constate que chacun autour de la table reconnaît le caractère malheureux du dossier et se dit soulagé de pouvoir enfin le classer.

Il rejoint madame Pregno, avouant avoir été, lui aussi, surpris en passant devant le chantier de ne voir que des arbres abattus, sans replantation. Il s'engage à intervenir auprès de l'État ou du maître d'ouvrage pour qu'un panneau d'information bien visible soit installé, d'autant que la Commune devra aménager un accès vers le boulevard.

(Vote)

TOM ULVELING (CSV) présente le décompte de la pergola installée sur l'ancien terrain de l'AS au Fousbann pour les joueurs de boules. Estimée à 40 000 €, elle n'a coûté que 26 248 €, avec un remboursement de 9 200 € du ministère des Sports, laissant environ 17 000 € à la charge de la Commune.

Les utilisateurs peuvent désormais jouer à l'ombre ou s'abriter de la pluie.

5. Projets communaux

ERNY MULLER (LSAP) *salue la concrétisation de cette promesse, mais déplore l'absence de toilettes. Il évoque la piste initiale d'une mutualisation avec la Jugendfabrik, favorisant une symbiose entre les activités des seniors et celles des jeunes.*

Erny Muller se demande s'il est possible de rendre les toilettes de la Jugendfabrik accessibles depuis l'extérieur. Il estime que cela irait dans le sens des activités prévues à cet endroit, notamment sur le terrain de boules situé dans le parc, qu'il juge très agréable et bien situé. Il rappelle par ailleurs qu'il existe un autre terrain de boules dans le parc de la Chiers, qui, bien que moins attrayant, rencontre également un grand succès. Selon lui, des toilettes font partie intégrante de ce type d'activité et il paraît indispensable que le voisinage puisse disposer de sanitaires accessibles. Il invite donc le collège échevinal à réfléchir à une solution.

GUY TEMPELS (CSV) *intervient ensuite pour poser une question sur la pergola en cours d'érection. Il évoque les nouvelles petites structures photovoltaïques récemment installées sur le parking du Woiwer, sous lesquelles les voitures peuvent se garer, et se demande si l'on a envisagé de concevoir cette pergola comme une pergola photovoltaïque. Il s'interroge sur la faisabilité d'une telle option, notamment en raison de la surface concernée, et pose simplement la question dans le débat.*

TOM ULVELING (CSV) *lui répond que la surface est trop réduite pour justifier une telle installation. Il précise que la seule option envisageable aurait été de prévoir une prise électrique en dessous afin que les gens puissent recharger leur téléphone, mais qu'une telle solution risquerait d'attirer certaines personnes qui viendraient avec une radio et écouterait de la musique le soir.*

(Vote)

Tom Ulveling présente le devis supplémentaire relatif à l'église de Lasauvage. Il souligne que le projet, réalisé en collaboration avec l'INPA, qu'il remercie de son sou-

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wëll déi Aarbechten do begreifen. Mir haten de Leit dat am Ufank versprach, elo ass et realiséiert. Tant mieux. Tipptopp esou. Dat eenzegt, wat do nach feelt, wollt ech soen, dat ass eng Toilette. Ech wëll mech och erklären: Do war ugeduecht, dass déi Leit kéinte vun der Toilette vun der Jugendfabrik profitieren, dass do géif gesicht ginn, fir eng gewësse Symbiose ze maachen tëschent der Jugendfabrik an den Aktivitéiten vun de Senioren a vläicht souguer déi Jugendlech mat an déi Aktivitéit abannen.

Dat war ugeduecht, esou ze maachen, mee dat ass awer ni zustane komm. Duerfir ass d'Fro: Ass do eng Méiglechkeet, dass déi Toilette vun der Jugendfabrik vu baussen zougängelech ass? A virun allem och déi Aktivitéiten, déi do geplangt waren.

Ech mengen, dat wär am Sënn vun der Saach, wa mer do géifen op deem Boulenterrain, dee ganz flott ass, deen och flott läit am Park – ech wëll awer och nach soen, et gëtt och nach een am Parc de la Chiers, deen och ganz vill Succès huet, deen net esou flott ass, mee awer Succès huet. An duerfir, wéi gesot, eng Toilette gehéiert och zu esou enger Aktivitéit. Ech mengen, et muss een an der Noperschaft op jidde Fall kennen eng Toilette benotzen. Iwwerleet Iech dat emol, wéi mer dat kéinte maachen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Den Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Ech hunn eng Fro. Déi Pergola gëtt do opgeriicht. Et ass mer wéini opgefall, déi nei PV-Haisercher, loosse mer soen, um Woiwer Parking, wou d'Autoen drënner stinn, theoreetesch kéint ee jo, loosse mer soen, eng Pergola och als PV-Pergola maachen. Ass dorunner geduecht ginn? Oder ass dat schwéier machbar, well et nëmmen eng kleng Surface ass oder esou? Et ass einfach esou eng Fro an de Raum gehäit. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir hutt Iech d'Äntwert selwer ginn. D'Surface ass net grouss genuch fir eng Anlag. Dat eenzegt, wat en hätt kennen eventuell maachen, dat ass, dass een do e Stecker ënnendrënner gemaach hätt, wou Leit hiren Handy kéinten oplueden oder esou. Mee dann ass dat och erëm näischt, well dann eng gewësse Populatioun do, da kommen déi mam Radio dohinner an da gëtt do owes Musek gemaach an esou weider.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Wann et weider keng Wuertmeldunge gëtt, géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte relatif à la mise en place d'une pergola sur le terrain de pétanque du parc Terrain-AS.

Ech soen Iech Merci. Punkt 5h) ass en Devis supplémentaire a Relatioun mat der Lasauvager Kierch. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci. D'Lasauvager Kierch, wou ee feststellt, dass mer do wierklech ee flotte Projet realiséiert hunn, zesumme mat der INPA. Deenen ech nach eng Kéier Merci soe fir déi Ënnerstëtzung, déi mer vun hinne kritt hunn. Dir gesitt, déi Kierch ass wierklech haut ee Schmockstéck zu Lasauvage.

Si sollt 1.850.871 Euro kaschten, huet awer 2.164.722 Euro kascht, dat ass ee Coût supplémentaire vun 313.851 Euro. Dat huet verschidden Ursachen. Éischtens emol d'Revisioun vum Mechanismus vum Clochet. Deen zwar elo net méi bimmelt, mee dee mer awer renovéiert oder restauréiert hunn. Den Echafaudage, do war den Zäitpunkt fir d'Lokatioun iwwerschratt, soudass dat méi kascht huet.

Dann de Gros oeuvre. Mir hu mussen eng nei Dall a Bëton am Local technique maachen, déi war imprévu am Inte-

5. Projets communaux

rieur vun der Kierch. D'Chaudière ass remplacéiert ginn an d'Ventilatioun; dat war net virgesinn. Installation électrique, do hu mer eng Variant LED gemaach mat enger Sonorisatioun an Armoire coupe-feux. An dann Dépose intégrale à neuf du chœur et restitution d'un double enduit. Dat heescht, do si Gipsaarbechten ugefall, déi och net virgesi waren. De Vitrage, do hu mer verschidde Motorisatiounen, fir do verschidde Fënstere kënnen opzemaachen.

Wéi gesot, dat sinn alles Saachen, déi net virgesi waren, a Relatioun mam INPA, déi dat en cours de route gefrot hunn a wou mer jo dann och e flotte Subsid vun hinne kritt hunn.

Ech mengen, Dir sidd all mat mir d'accord, dass mer elo frou sinn, dass mer deen Dossier elo endlech hei apuréiert hunn, an dass mer eng flott Kierch hunn, wou mer och elo kulturell wärten an nächster Zukunft e ganze Koup kënnen maachen.

Dir hutt jo och matkritt, datt mer d'leschte Kéier decidéiert hunn, dass déi Leit, déi sech net wëllen an der Kierch bestueden, kënnen sech elo awer an der Kierch bestueden, zwar net méi vum Paschtouer, mee hei vum Paschtouer Guy.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech wäert mer vill Méi ginn, fir déi Roll ze iwwerhuelen.

Madamm Da Silva, wannechgelift.

ELISABETH DA SILVA (DP):

Här Buergermeeschter, merci ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nee, soll ech e matmaachen?

ELISABETH DA SILVA (DP):

A, Dir wollt déi zwee Punkte maachen? Okay.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech wollt am Fong geholl nach froen, ob Der domat d'accord wäert, dass mer déi zwee Punkte géife mateneen ofstëmmen. Da géife mer zu de Stellungname kommen, wann den Här Ulveling eis d'Erklärunge ginn huet, kéinte mer dat mateneen ofstëmmen, wann dat ok wär. Här Paschtouer, wär et nach eng Kéier un Iech.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ass déi Plaz virdrun. Dir wësst, dass do e ganze Koup Saachen hu missen gemaach ginn. Nodeems d'Kierch restauréiert war, gouf festgestallt, dass de Kanal ronderëm d'Kierch deelweis defekt war. Deen huet misse ganz renovéiert ginn. Mir hunn och déi Plazen nei gestalt, an do ware mer e bëssen am Clinch mam INPA, well si wollten et esou, a mir wollten et esou. Mee mir sinn eis dunn awer eens ginn. Mir hunn eng elektresch Borne dohinner gestallt. Mir hunn en Éclairage public do gemaach. Et sinn Toiletten installéiert ginn.

E Käschtepunkt vun insgesamt 906.583 Euro. Initial war virgesinn 859.400 Euro. Do krute mer vum INPA zweemol ee Subsid, ee groussen an ee klengen, vun insgesamt 90.000 Euro. Fir déi, déi et interesséiert, wat d'Toilette kascht huet, ech hunn dat extra gëschter nogefrot, déi huet 170.000 Euro kascht. Vu dass een huet misse mam Kanal bis an d'Strooss fueren, waren dat zousätzlech Aarbechten, déi hu musse gemaach ginn.

Elo si mer amgaangen ze kucken, fir déi Plaz vun der Pierre de Cron un, wou de Parking ass, bis bei d'Kierch, och ze restauréieren, fir dass dat e flotten Aspect kritt. Mat deene Pläng wäerte mer natierlech nach an de Conseil kommen.

Ech wär frou, wann Der eis dat dote géift guttheeschen a stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Da kéime mer zu de Wuertmeldungen. Madamm Da Silva, wannechgelift.

tien, a abouti à un véritable bijou pour le village.

Le cout initial, prévu à 1 850 871 €, atteint finalement 2 164 722 €, soit un dépassement de 313 851 €. Il en détaille les causes : la révision du mécanisme du clocheton, le dépassement de la durée de location de l'échafaudage, la pose imprévue d'une nouvelle dalle en béton dans le local technique, le remplacement de la chaudière et de la ventilation, l'installation électrique avec variante DEL accompagnée d'une sonorisation et d'une armoire coupe-feu, ainsi que des travaux de gypserie non prévus et la motorisation de plusieurs fenêtres.

Il rappelle que ces travaux, demandés par l'INPA en cours de route, ont bénéficié d'un subside appréciable.

Il se réjouit que le dossier soit enfin clos et annonce que l'église accueillera prochainement des activités culturelles, ainsi que des mariages civils, désormais célébrés par le « curé Guy ».

(Rires et discussions)

Tom Ulveling explique qu'après la restauration de l'église, on a constaté que le canal qui l'entoure est partiellement défectueux et doit être entièrement rénové. La place est également réaménagée après quelques divergences avec l'INPA, finalement surmontées.

Une borne électrique, un éclairage public et des toilettes sont installés pour un cout total de 906 583 €, contre 859 400 € initialement prévus, avec 90 000 € de subventions de l'INPA. Il précise que les toilettes, à elles seules, ont coûté 170 000 € en raison du raccordement au canal jusqu'à la rue.

Il annonce enfin qu'une étude est en cours pour restaurer la place allant de la pierre de Cron jusqu'à l'église, et que les plans seront présentés ultérieurement au conseil.

ELISABETH DA SILVA (DP) remercie le bourgmestre et salue la qualité des travaux de rénovation menés ces dernières années, qui ont permis de préserver le caractère original du bâtiment tout en le préparant à l'avenir. Elle adresse ses remerciements à toutes les personnes qui se sont investies dans ce projet.

5. Projets communaux

Elle souligne ensuite qu'il faut désormais continuer à faire vivre ce bel espace. Selon elle, l'église pourrait jouer un rôle encore plus important dans la vie culturelle de la commune, en accueillant davantage de concerts, d'expositions, de lectures ou d'autres manifestations. Ces événements favoriseraient non seulement la culture, mais aussi le vivre-ensemble et accroîtraient l'attractivité de Lasauvage. Elle ajoute que cela aiderait, par ailleurs, l'hôtelier voisin à maintenir son activité.

Elle souhaite que la Commune poursuive dans cette voie et développe activement des idées pour mieux valoriser ce bâtiment précieux.

Elle pose enfin la question du stationnement : où les gens pourront-ils se garer, notamment lors de séances de plus de 90 minutes ? Recevront-ils un justificatif ? Elle remercie l'assemblée de son écoute.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond que la vignette résidentielle est valable jusqu'à 18 h, alors que la plupart des réunions ou réservations ont lieu après 17 h ou 18 h, y compris le dimanche. Il propose d'observer l'évolution de la situation réelle avant d'envisager, le cas échéant, une adaptation en fonction des besoins constatés.

Il rappelle que la vignette résidentielle est récente.

(Interruption)

Guy Altmeisch conclut qu'on ajustera le règlement en fonction de l'état des lieux.

En l'absence d'autres interventions, il propose de passer au vote sur les deux points concernant Lasauvage.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) demande si le devis supplémentaire est bel et bien inclus.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond oui. (Vote)

Guy Altmeisch annonce ensuite le traitement du point 5j), suivi d'une pause de dix minutes avant le point 6.

ELISABETH DA SILVA (DP):

Här Buergermeeschter, merci fir d'Wuert. Léif alleguer, wéi den Här Ul-veling grad gesot huet, d'Renovatiounsarbechten, déi an de leschte Joren hei gemaach goufen, si ganz gelongen. Si hunn et erlaabt, d'Gebai a sengem urspréngleche Charakter ze erhalen, awer och gläichzäiteg fir d'Zukunft ze erhalen. Dofir wëlle mir deene Merci soen, déi sech dofir agesat hunn.

Elo geet et awer drëms, wéi den Här Ul-veling och gesot huet, dës schéine Raum weiderhi mat Liewen ze fëllen. D'Kierch kéint nach méi eng grouss Roll am kulturelle Liewe vun eiser Gemeng spillen, mat méi Concerten, Ausstellungen, Liesungen oder nach anere Manifestatiounen, déi net nëmmen d'Kultur fërderen, mee och d'Zesummeliewen an eiser Gemeng stäerken an d'Attraktivitéit vu Lasauvage erhéijen.

Dëst géif och eisem Hôtelier nienendrun hëllefen, iwwer d'Ronnen ze kommen.

Mir géifen eis wënschen, datt mir als Gemeng dës Wee weider ënnerstëtzen an aktiv Iddien entwéckelen, fir dëst wäertvollt Gebai besser ze notzen.

Erlaabt mer awer, bei all deem, bleift awer dann och fir d'Zukunft eng Fro op: Wou ginn d'Leit da parken? Ass dat och virgesinn? Oder wa Seancen an Zukunft sinn, déi méi laang wéi 90 Minuten daueren, kréie se dann do e Protokoll? Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nach eng Wuertmeldung? D'Vignette résidentielle, souwäit ech weess, geet déi bis sechs, a meeschtens sinn déi Reuniounen oder déi Reservatiounen no sechs oder no fënnf op jidde Fall, respektiv sonndes an esou virun. Do muss mer mol kucken, wéi den Istzoustand, wéi d'Entwécklung ass, wéi d'Situatioun sech entwéckelt. An da kann een nach ëmmer eng Upassung maachen oder ech weess net, wéi ee sech dann do muss upassen, a Relatioun zu deem, wat de Besoin ass vun deene Leit, vun där Situatioun, déi mer da begéien.

Well et ass nach net laang, dass d'Vignette résidentielle do ass oder vu wéini un?

ENG STËMM:

Jo, uganks lescht Joer.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

A Relatioun mam Ist-Zoustand gesi mer dat dann, wéi mer dat maachen.

Wann et keng weider Wuertmeldung gëtt, géife mer zum Vott vun deenen zwee Punkte komme vu Lasauvage.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Alles? Solle mer Zowaasch alles maachen, déi zwee, Decompte an och den Devis supplémentaire?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Déi zwee Devisen, jo.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis supplémentaire relatif aux travaux de rénovation de l'église de Lasauvage.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux de rénovation de l'église de Lasauvage.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux d'aménagement extérieur de l'église de Lasauvage.

Ech soen Iech Merci. Da géife mer de Punkt 5j) nach duerchhuelen. Nodeems

6. Personnel / 7. Actes et conventions

mer dee votéiert hunn, géif ech Iech proposéieren, zéng Minutte Paus ze maachen, ier mer op de Punkt 6 géifen iwwergoen. Ech géif fir de Punkt 5j) dem Här Hartung d'Wuert ginn, fir eis d'Erklärungen ze ginn. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Wéi schonn am leschte Gemengerot ugekënnegt, ass et eis Intentioun, dëst Haus fir de Logement prett ze maachen, fir et duerno ze verlounen. Ier mer d'Haus op de Marché ginn, wär et sënnvoll, nach e puer Transformationsaarbechten duerchzeféieren.

Et geet dobäi virun allem drëms, zousätzlech Schlofzëmmeren am Daachgeschoss ze amenagéieren, fir de Wunraum optimal ze notzen. Soudatt d'Haus vu momentan zwou op dann duerno fënnf Schlofkummeren ausgebaut gëtt. Esou kënne mer d'Potential vum Gebai vill besser notzen an et fir eng méi grouss Famill respektiv méi Bewunner adaptéieren.

Dir hutt op der Cloud den ausgeschafften Devis, dee sech op ronn 50.000 TTC beleeft. Dës Aarbechte bestinn an der Haaptsaach doran, um leschte Stack déi Wänn anzezéien, fir déi nei Zëmmeren ze schafen. Do brauch een natierlech och Dieren an déi néideg elektresch Installatiounen, fir datt d'Raim komplett funktionnel sinn. Ech bieden Iech, dësen Devis matzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen zu deenen Erklärungen respektiv zu deem Punkt? Nee. Mir kënnen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis et le crédit spécial relatifs aux travaux de transformation d'une maison unifamiliale au 12, avenue du Parc-des-Sports.

Ech soen Iech Merci. Da géife mer zéng Minutte Paus maachen.

(Paus)

Da géife mer virufuere mam Punkt 6 vum Ordre du jour, do géif ech d'Wuert un den Här Wagner ginn, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Et ass esou, dass mer hei e klengen administrativen an och finanztechnesche Mea Culpa mussen ausschwätzen. Dee Punkt war jo schonns déi leschte Kéier um Ordre du jour, mee mir hunn eigentlech just d'Taxe festgesat, déi de Client bezilt fir de Service vum Animateam.

Mee am Umkehrschluss musse mer jo och den Animateuren hiren neie Stonentariiff mam Surplus vun zwee Euro fir d'Nuechtsstonne fir hir Prestatiounen adaptéieren, esou dass mer déi och kënnen ausbezuelen.

Merci, fir dëst dann och elo esou nach eng Kéier nozestëmmen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Wuertmeldungen oder eng besser Propos? Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'ajuster les indemnités versées aux collaborateurs de l'équipe Animateam.

Punkt 7 um Ordre du jour sinn déi verschidden Akten a Konventiounen. Fir de Punkt 7a) géif ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn, en Acte notarié fir en Terrain, dee mer kafen zu Nidderkuer an der Lonkecher Strooss.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Déi zwee zesummen?

Il donne la parole à monsieur Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV) rappelle que la commune a l'intention de préparer la maison en question pour le logement, puis de la mettre en location.

Avant de la mettre sur le marché, il paraît pertinent de réaliser certains travaux de transformation, principalement l'aménagement de chambres supplémentaires dans les combles afin d'optimiser l'espace habitable. La maison passerait ainsi de deux à cinq chambres à coucher, ce qui permettrait de mieux exploiter le potentiel du bâtiment et de l'adapter à une famille plus nombreuse.

Le devis, disponible dans le nuage, s'élève à environ 50 000 € TTC. Les travaux consistent principalement à installer des cloisons au dernier étage, à poser les portes nécessaires et à réaliser les installations électriques indispensables. Il invite le conseil à approuver ce devis.
(Vote et pause)

GUY ALTMEISCH (LSAP) introduit le point 6 et donne la parole à monsieur Wagner.

THIERRY WAGNER (LSAP) exprime un léger « mea culpa » administratif et financier. Lors de la séance précédente, seule la taxe payée par le client pour le service de l'Animateam a été fixée. Il convient désormais d'adapter le tarif horaire des animateurs en conséquence, avec un supplément de deux euros pour les heures de nuit, afin de rémunérer correctement leurs prestations. Il remercie le conseil pour ce vote de régularisation.
(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) introduit le point 7 de l'ordre du jour, consacré aux différents actes et conventions. Il propose de traiter conjointement les points 7a) et 7b), qui concernent respectivement l'acquisition d'un terrain rue de Longwy à Niederkorn et l'achat de garages rue du Chemin-de-Fer. Il invite monsieur Ulveling à présenter ces dossiers.

TOM ULVELING (CSV) explique que la première opération concerne

7. Actes et conventions

deux terrains contigus situés rue de Longwy : un de 9,99 a et un autre de 2,3 a, soit une surface totale de 12,3 a, acquis pour 85 000 €, ce qui représente environ 6910 € l'are.

Ces parcelles se trouvent derrière l'hôpital, du côté de l'accès latéral venant de la Hiel, et sont destinées aux livraisons de l'établissement. Leur acquisition serait donc particulièrement opportune.

Le second dossier concerne quatre garages situés dans la rue du Chemin-de-Fer, à main gauche en sortant du tunnel, achetés pour 160 000 € pour une surface totale de 1,6 a.

Cette acquisition s'inscrit dans le cadre du projet mené avec les CFL pour la rénovation de la gare. Ces terrains sont essentiels, car ils permettraient d'aménager un nouveau passage offrant un accès direct depuis la nouvelle plateforme vers le centre de Differdange, avec une vue dégagée sur le parc, évitant ainsi l'enchaînement de tunnels.

Il demande au conseil d'approuver ces acquisitions.

ERNY MULLER (LSAP) prend ensuite la parole et souligne l'importance de ces deux acquisitions pour le développement de la ville, en particulier celle des garages. Il rappelle que cet emplacement n'est actuellement guère accueillant et doit être modernisé dans les années à venir, notamment pour améliorer l'accès au City Parking et aux quais des CFL. Constatant que la Commune possède déjà plusieurs garages et maisons dans ce secteur, ainsi que le passage évoqué, il demande que le collègue échevinal transmette au conseil communal un croquis ou un plan cadastral permettant d'avoir une vue d'ensemble des propriétés communales et de celles qui restent à acquérir. Il estime nécessaire d'associer progressivement tous les propriétaires de garages à la réflexion et de leur proposer une contrepartie adéquate.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond que ces informations seront transmises dès que l'urbaniste aura fourni un plan détaillé distinguant les propriétés communales et privées.

(Vote)

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Mer kënnen déi zwee och zesumme maachen, de 7a) an de 7b). Dat eent ass en Terrain an der Lonkecher Strooss, dat anert si Garagen an der Chemin de Fer.

Wann Der domadder d'accord wäert, da géife mer déi zwou Saache mateneen ofstëmmen. Här Ulveling, kënn Dir eis d'Detailer ginn zu deene Punkten?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo. Bei där enger Saach handelt et sech an der Rue de Longwy ëm en Terrain oder ëm zwee Terrainen, ee vun 9,99 Ar an deen aneren, donieft geleeën, vun 2,30 Ar. Am Ganzen 12,3 Ar, déi mer géife kafe fir 85.000 Euro. Dat wär dann e Präis vu 6.910 Euro pro Ar, hat ech emol ausgerechent, wann ech mech net geiert hunn.

An dat ass – waart, ech sichen hei grad a mengen Dokumenter –, hanner dem Spidol, déi Zoufaart vum Spidol, wann ee säitlech erakënnt, uewe vun der Hiel erof, dat sinn déi Terrainen, do, wou mer fir d'Livraisoune mol virgesinn hunn, wa mer dat hätten, dat wier net schlecht.

Dat anert si véier Garagen an der Rue du Chemin de Fer, wann Der aus dem Tunnel erauskommt, lénker Hand. Dat sinn déi véier Garagen, déi do parallel dozou sinn. Déi wollte mer kafen am Kader vun deem Projet mat der CFL vun der Renovatioun vun der Gare, fir do eventuell een neie Passage ze maachen.

Déi Terraine si relativ wichteg fir dee Projet, well mer do dann ee ganz aneren Zougang kréiche vun där ganz neier Plattform, déi do entsteet. Fir an den Zentrum vun Déifferdeng ze kommen, hätt een dann direkt Vue praktesch op de Park. Wat méi eng flott Vue wär an et bräicht een net erëm aus engem Tunnel erëm an een aneren Tunnel ze goen an esou weider. Dofir déi véier Garagen. Déi hu mer fir 160.000 Euro kaf. 1,6 Ar am Ganzen.

Ech wär frou, wann Der eis déi Acquisitioun kéint geneemegen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Déi zwou Acquisitioun si wichteg fir d'Weiderentwécklung vun eiser Stad, speziell awer déi zweet mat de Garagen. Ech mengen, mir sinn eis eens, dass deen Deel, wou déi Garagé stinn, dass dat op där Plaz net ganz flott ass an net grad aluedend. Dass mer deen Deel do mussen an den nächste Jore moderniséieren. An och, wéi gesot, speziell an Hisiicht fir en Accès fir déi aner Säit an de City Parking an op d'Quaie vun der CFL, wann déi sollten eventuell an déi Richtung verlängert ginn. Wat jo och envisagéiert ass.

Do wollt ech awer just froen, mir hu jo schonn eng Partie där Garagen, och Haiser. Hei ass och nach en Terrain derbäi. Hei ass och nach, wéi Der richtig gesot hutt, dee Passage, deen eriwwer féiert, dobäi, wann ech dat richtig gesinn op de Pläng, op de Kadasterpläng.

Dofir wär meng Fro: Kënn Der eis vläicht, dem Gemengerot, ee Croquis oder ee Plang schécken, fir dass mer en Iwwerbléck kréien, wat d'Gemeng do scho kaaft huet a wat do nach net kaf ginn ass?

Well, ech mengen, et misst ee jo awer elo kucken, lues a lues, alleguer déi Proprietäre vun esou Garagé mat an déi Iwwerleeungen anzebeziehen, dass mer do wëllen déi Situatioun verbessern an och kucken, wat een hinnen als Contrepartie do kéint offréieren.

Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Déi Informatiounen géife mer Iech noreechen, wa mer mat eisem Urbanist geschwat hunn. Da kréie mer e Plang, da kritt Der genau gezeechent, wat d'Proprietéit vun der Gemeng ass a wat d'Proprietéit vun de Privatleit ass. Mir wäerten Iech dat no-

7. Actes et conventions

reechen, soubal mer dat zur Verfügung hunn.

Wann et keng aner Wuertmeldung gött, géife mer iwwer déi zwee Punkten ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié relatif à l'acquisition de terrains sis à Niederkorn, au lieudit rue de Longwy, d'une superficie totale de 12,29 a.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié relatif à l'acquisition de quatre constructions légères/garages situées à Differdange, rue du Chemin-de-Fer.

Ech soen Iech Merci. De Punkt 7c) ass e Contrat de bail a Relatioun mat engem Logement abordable. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Villmoos merci. Am Kader vun eise kommunale Wunnraum si rezent dräi Logementer fräi ginn. D'Cellule huet sech mat alle concernéierten Acteuren, also Vertrieeder vum Logementsministerium, den zoustännegen Servicer souwéi jee engem Vertrieeder vun der Majoritéit an der Oppositioun, mat dësen Dossiere befaasst. Dat geschitt a voller Transparenz an no de Krittären, déi an der nationaler Gesetzgebung virgesi sinn, fir eng equilibréiert a gerecht Propos fir d'Vergab auszeschaffen.

Mir hätten hei zwee Logementer am Taux public an ee Studio am Kader vu Jugendwunnen.

Fir d'éischt déi zwee Appartementer, mat jeeweils zwou Schlofkummeren, am Taux public. D'Assistante-socialle krute méi Kandidatur-Dossiere presentéiert, wéi ëmmer anonym. Dat heescht déi, déi an der Cellule sëtzen, wësse keen Numm. Déi verschidde Kandidaten hunn natierlech all eng sozial Enquête duerchlaf.

No enger detailléierter Analys vun de verschiddene Situatiounen huet d'Cellule sech fir zwou Prioritéiten ausgeswat. Déi éischt Wunneng soll un eng jonk Koppel mat hirem ee Joer ale Kand goen. Dës Famill huet den 31. Januar eng Kënnegung vum Proprietär wéinst Eegebedarf zougestallt kritt. Woumat d'Urgence fir eng nei Wunneng besonnesch grouss ass, vu datt se elo zu all Moment kënnen erausgesat ginn.

Déi zweet Wunneng betrëfft e Relogement vun enger Famille monoparentale. Wéinst Familljenzouwuess ass déi aktuell Wunneng bei Wäitem net méi un d'Besoin vum der Famill ugepasst, soudatt eng méi adequat Wunnsituatioun néideg ass.

Zum Studio am Kader vu Jugendwunnen. Hei goufen och e puer Kandidatur-Dossiere presentéiert, déi och am Detail analyséiert goufen. No dëser Analys gouf proposéiert, dëse Studio enger jonker Kandidatin aus Déifferdeng zouzedeele. Si ass nach am Lycée, huet awer leider kee feste respektiv séchere Wunnkader méi. Dës Léisung soll hir erlaben, hir Schoul ënner stabille Konditiounen weiderzeféieren.

Dir gesitt an dësen Decisiounen déi konkret sozial Situatioun an Urgencen. Ech bieden Iech, déi Propose vun der Cellule esou matzestëmmen, fir datt mer dësen dräi Persounen respektiv Famill méi eng stabil a sécher Wunnsituatioun kënnen erméiglechen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen, Här Hartung. Wuertmeldungen? Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail établis conformément aux dispositions relatives au logement abordable pour des logements locatifs à Differdange.

Ech soen Iech Merci. Punkt 7d) si Contrat-de-bailen am 1535°. Op der Cloud respektiv an Ärem Dossier gesitt Der,

Guy Altmeisch arrive au point 7c), qui concerne un bail pour un logement abordable, et cède la parole à monsieur Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV) annonce que trois logements communaux se sont récemment libérés. La cellule compétente, composée de représentants du ministère du Logement, des services concernés et d'élus de la majorité et de l'opposition, a examiné les dossiers en toute transparence, conformément aux critères légaux nationaux. Deux appartements de deux chambres au taux public et un studio dans le cadre du logement pour jeunes sont disponibles.

Les candidatures anonymisées ont fait l'objet d'enquêtes sociales. Le premier appartement est attribué à un jeune couple avec un enfant d'un an, menacé d'expulsion à la suite d'une résiliation reçue le 31 janvier. Le second relève d'un relogement d'une famille monoparentale dont le logement n'est plus adapté à la suite d'un agrandissement. Le studio est attribué à une jeune Differdangeoise scolarisée, actuellement sans cadre de vie stable.

Il invite le conseil à valider ces propositions.
(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) introduit le point 7d concernant les contrats de bail au 1535°, évoquant la sélection de six nouveaux créateurs et l'avenant conclu avec une autre personne.

Il explique que le conseil s'en tient habituellement à l'avis de la commission chargée de sélectionner les candidats. Il précise avoir lui-même rencontré les personnes retenues et souligne leur motivation.

Il ajoute une information complémentaire importante : le 1535° est désormais complètement occupé, plus aucune cellule, aucun département, aucun espace n'étant disponible. Afin de rester dans l'esprit du Creative Hub, la Commune envisage d'investir différents lieux du centre de Differdange avec des artistes, afin de rapprocher la création du centre-ville, de la rendre davantage publique et de permettre

7. Actes et conventions

aux habitants de voir ce qui s'y crée et s'y travaille.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) *remercie le bourgmestre et soulève une interrogation : ce dernier évoque six contrats, alors que le rapport fait état de huit places ouvertes. Elle se demande s'il s'agit d'une erreur dans le rapport, puisque, selon celui-ci, deux places seraient encore disponibles. Elle se réjouit néanmoins d'apprendre que tous les ateliers sont complets.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *répond qu'il transmet les informations les plus récentes reçues du directeur. Il suppose que, parmi les six contrats, certains locataires ont bénéficié d'un agrandissement, occupant ainsi un espace et demi au lieu d'un seul. Le directeur lui a confirmé que le site est désormais complet, ce qui explique l'évolution du chiffre de 6 à 8.*

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) *le remercie.*
(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) *poursuit en discutant du septième point, qui concerne des accords de location signés avec des résidents de la rue Waterloo. Il s'agit de régulariser la situation de certains jardins agrandis sur un terrain communal.*

La Commune demeure propriétaire de ces terrains, malgré leur utilisation par les riverains. Cette formation vise à prévenir tout problème si la Commune venait ultérieurement à avoir besoin du terrain.

Les détails des contrats figurent dans le dossier mis à disposition dans le nuage.

(Interruption et discussions)

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *précise que le jardin de monsieur Aguiar ne fait pas partie du lot.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *plaisante sur le fait que monsieur Aguiar peut donc rester dans la salle, à moins qu'il ne doive aller aux toilettes.*

TOM ULVELING (CSV) *renchérit, avec humour, que le collègue échevi-*

dass do sechs nei Createuren zrëck-behale gi sinn. Dat ass opgrond vum Avis vun der Commission de sélection. An een Avenant gëtt do gemaach mat enger anerer Persoun. Déi Detailer hutt Der an Ärem Dossier.

Ech mengen, mir halen eis jo ëmmer un den Avis vun der Kommissioun, déi déi Leit do selektionéiert. Ech hunn déi Leit och selwer gesinn. Et si motivéiert Leit, déi mer do bäikréien.

Eng Informatioun zousätzlech ass nach déi heiten, dass mer elo am 1535° komplett sinn, dass keng Cellule méi fräi ass, dass keen Departement méi, näischt méi fräi ass. An dass mer elo kucken, fir awer an deem Sënn an dem Kreativhub ze bleiwen, dass mer do verschidden Èrtlechkeeten am Zentrum vun Déifferdeng wäerte mat Artiste besetzen. Fir do kënnen an deem Sënn awer dann déi Kreatioun méi an den Zentrum ze bréngen, fir dat méi public ze maachen, dass d'Leit vun Déifferdeng och gesinn, wat do geschaaft a wat do geschafft gëtt.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? D'Madamm Schütz, wannechgelift.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech hat mer d'Fro gestallt, Dir sot sechs Kontrakter, am Rapport steet awer, dass et eigentlech aacht oppe Plaze wieren. An Dir sot elo, et wär complet. Vläch ass e Feeler am Rapport oder keng Anung. Well laut deem wären nämlech nach zwou Plazen op. Mee wann Der eis sot, dass d'Atelieren all besat sinn, desto besser jo.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat sinn elo déi lescht Informatiounen, déi ech vum Direkter hunn. Et kann awer elo sinn, dass bei deene sechs, dass déi iergendeng Vergrësserung kritt hunn, dass dann een annerhallwen, een aneren annerhallwen ...

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Okay.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Hie sot zu mir: „Mir sinn elo komplett, da kanns de dat soen“. Dofir hunn ech déi Informatioun dann hei viruginn.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Tiptopp. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat war d'Ursaach, fir vu sechs op aacht vläch ze kommen.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Gär geschitt. Wann et keng weider Wuertmeldung gëtt, kéime mer zum Vott vun deene Kontrakter.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le troisième avenant concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub avec Burton Fletcher Jonathan.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un espace de création au 1535° Creative Hub avec Clio Van Aerde.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail relatif à un espace de création au 1535° Creative Hub avec Émilie Franco.

7. Actes et conventions

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail relatif à un espace de création au 1535° Creative Hub avec Joanna Hudyka.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail relatif à un espace de création au 1535° Creative Hub avec Peggy Dihé.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail relatif à un espace de création au 1535° Creative Hub avec Prodigio SÄRL-S (DS Visuals).

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail relatif à un espace de création au 1535° Creative Hub avec Yannick Iannelli.

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 7e), dat si Kontrakter, Locationskontrakter, déi mer mat Leit maachen, déi an der Rue Waterloo wunnen. Fir dat ze legaliséieren, dass do verschidde Gäert méi grouss gemaach ginn, an dass déi op Gemengenterrain sinn, an dass d'Gemeng awer Proprietär vun deenen Terraine bleift, trotz dass se genotzt gi vun deene Bewunner, déi do an där Strooss wunnen.

Et ass just, fir dat ze legaliséieren. Dass mer herno, wann den Terrain eng Kéier géif gebraucht gi vun der Gemeng, keng Problemer kréien. Déi Detailer, déi verschidde Kontrakter hutt Der op der Cloud oder an Ärem Dossier.

Et ass eng Formalitéit am Fong geholl. Wa keng Froen dozou wären, da géife mer do zum Vott kommen.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Dem Paulo säin?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Nee, him säin ass net méi dobäi. Dee war d'leschte Kéier dobäi.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nee, de Paulo kann heibanne bleiwen. Jo, dee war d'leschte Kéier.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Ech bleiwen?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo, jo, du muss bleiwen. Ausser du misst op d'Toilette.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir schécken dach kee fort ...

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nee. Mir schécke kee fort, dee wëll matschaffen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail visant la location de terrains situés aux abords de la rue de Waterloo à Differdange avec les conjoints Bozzet-Schildermans.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail visant la location de terrains situés aux abords de la rue de Waterloo à Differdange avec les conjoints Morhs-Essakhi.

nal ne vire personne qui veut travailler.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) présente le point 7f), une convention conclue avec l'exploitant d'une structure semi-fixe.

TOM ULVELING (CSV) précise qu'il s'agit d'un « food truck ».

GUY ALTMEISCH (LSAP) nuance : il s'agit plutôt d'un conteneur sans roues, soit d'un « food truck » sans « truck ». L'installation se fera sur le parking du Haneboesch afin de répondre aux besoins des travailleurs de la zone industrielle qui cherchent à se ravitailler à midi.

Il insiste sur les exigences de propriété garanties par l'exploitant et surveillées par la Commune, afin que le site demeure soigné.

(Vote)

Guy Altmeisch introduit le point 7g) relatif à une convention avec la Croix-Rouge et cède la parole à monsieur Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV) rappelle que la Commune prend en charge, par cette convention, le loyer du local abritant l'épicerie sociale à Differdange. Il souligne qu'il s'agit d'une structure sociale essentielle, qui ne peut ni ne doit être rentable, puisqu'elle vient en aide aux personnes en situation de précarité.

Avec la Croix-Rouge, la Commune a soutenu le changement d'emplacement des locaux au 33, rue Michel-Rodange, toujours centraux, mais plus spacieux. Cette superficie accrue permet désormais d'offrir deux services : l'épicerie sociale, réservée aux bénéficiaires de l'office social, et, nouveauté, une boutique de seconde main proposant des vêtements accessibles à tous.

Concrètement, en entrant, on se trouve d'abord dans la boutique de vêtements, puis, dans un espace séparé à l'arrière, dans l'épicerie sociale, ce qui garantit la vie privée des usagers.

La nouvelle convention prévoit un remboursement mensuel de 1800 € pour ce site, plus grand et plus coûteux.

7. Actes et conventions

ERNY MULLER (LSAP) se réjouit de la reconduction du contrat. Il rappelle que l'épicerie sociale de Differdange a ouvert ses portes en 2009, parmi les premières au niveau national. Face à l'explosion des prix alimentaires et aux difficultés croissantes de nombreuses familles, elle est devenue incontournable.

En 2024, on dénombre 6578 passages, soit environ 548 par mois. Un panier, dont le prix nominal s'élève à 30 €, représente un tiers du prix normal, soit un montant total de 192 323 € en 2024.

Il précise qu'il existe deux modes d'accès : le bon, intégralement financé par l'office social, et l'accès direct, accordé pour une période déterminée, qui permet de bénéficier d'une réduction de 30 % sur les denrées. Pour les articles indisponibles sur place, tels que les vêtements pour bébés et enfants, les produits d'hygiène, des bons pour des supermarchés sont également délivrés.

Il remercie le collège échevinal et le conseil communal pour leur soutien continu aux personnes défavorisées.

EMINA CEMAN (CSV) soutient clairement cette convention. Elle souligne que l'épicerie sociale constitue un appui important pour les familles en difficulté et que la Commune assume ainsi sa responsabilité. La prise en charge du loyer garantit la pérennité de cette structure.

Elle remercie la Croix-Rouge pour son engagement quotidien et annonce le vote favorable du CSV.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) soutient également la convention, tout en nuancant son propos : idéalement, une telle structure ne devrait pas être nécessaire. La priorité reste de combattre la pauvreté à la source, en garantissant des salaires permettant de vivre et de se nourrir dignement au Luxembourg. Les projets de dépannage, bien que louables, ne doivent pas faire oublier cet objectif de fond.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) rappelle qu'il s'agit de l'une des plus anciennes épicerie du pays et ap-

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail visant la location de terrains situés aux abords de la rue de Waterloo à Differdange avec les consorts Rruter-Welscher.

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 7f), dat ass eng Konventioun, déi mer maachen a Relatioun mat engem Exploitant vun enger Structure semi-fixe, nenne se dat hei am Text. Dat ass e Container.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

E Food Truck.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo, et ass am Fong geholl e Food Truck, ouni Truck ze sinn. Et ass am Fong geholl méi e Container. Et ass e Container ouni Rieder. Ech sinn elo net Fachmann an deem Secteur do, mee et si keng Rieder drun. Fir dass mer deem erlaben, sech um Parking vum Haneboesch do ze installéieren an dann de Besoine vun deene Leit, déi an där Zone industrielle do schaffen, nozekommen, déi sech mëttes wëlle ravitailléieren.

Déi Detailer vum Kontrakt hutt Der dran. Mir hunn och opgepasst, dass do d'Propretéit an esou viru muss garantéiert gi vum Exploitant. A mir wäerten dat och iwwerwaachen, dass dat e propperen Eck bleift, an dass dat och ënnerhale gëtt op där Plaz do an esou propper bleift, wéi et soll sinn.

Froen dozou? Nee. Mir kënnen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention relative à l'exploitation d'une structure semi-fixe à Niederkorn, au parking du Haneboesch, avec la société Real Consulting SÀRL-S, portant l'enseigne La Polpeteria beim Tun.

Ech soen Iech Merci. Punkt 7g) ass eng Konventioun a Relatioun mat der Croix Rouge. Här Hartung, wannech gelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Richtig. Mir hu jo eng Konventioun mat der Croix Rouge, wou d'Gemeng de Loyer vum Lokal fir d'Epicerie sociale hei zu Déifferdeng iwwerhëlt. D'Epicerie stellt jo eng wichteg sozial Struktur an eiser Gemeng duer a kann a soll jo net rentabel funktionéieren. Si ass wichteg, fir de Leit a Prekaritéit ze hëllefen.

Zesumme mat der Croix Rouge hu mir de Standuertwiessel aktiv ënnerstëtzt. Déi nei Raimlechkeeten op 33, rue Michel Rodange si weiderhin zentral geleeën a bidde vill méi Plaz. Méi Plaz, fir an Zukunft zwou Offeren unzebidden: zum Enge weiderhin d'Epicerie sociale, déi sech jo exklusiv un d'Beneficiairë vum Office social richt, zum aneren, an dat ass elo nei, ass um neie Standuert och e Secondhand-Buttek mat Kleeder, dee fir jiddereen zougänglech ass.

Sur place gesäit dëst dann esou aus, datt een, wann een an de Buttek erageet, een am Kleederbuttek ass a sech hannendrun, e bësse raimlech ofgetrennt, dann d'Epicerie sociale befënnt. Woumat dann och d'Privatsphär vun de Leit garantéiert wär.

Dohier dës nei Konventioun, wou mir hinnen net méi de Loyer vum ale Site, mee 1.800 Euro pro Mount vum neie Site rembourser, dee méi grouss a folglech méi deier ass. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Den Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Zu der Epicerie sociale. Do wollt ech soen, als LSAP awer och als President vum Office social sinn ech besonnesch frou driwwer, dass de Kontrakt mat der Croix Rouge, betreffend de Loyer vun der Epicerie sociale, nodeems dës aus der Grand-Rue an d'Rue Michel Ro-

7. Actes et conventions

dange gewiesselt ass, weiderhi Bestand huet.

Hei zu Déifferdeng huet d'Epicerie sociale am Joer 2009 hir Dieren opgebraacht a war domadder eng vun deenen éischten Epicerie-socialen op nationalem Plang. D'Epicerie sociale ass, bedéngt duerch d'Käschtenexplosioun vun de Liewensmëttelpräisser an der allgemeng schwiereger Situatioun vun allze ville Familljen, net méi ewechzedenken.

Sou weisen d'Zuelen aus dem Joer 2024 – déi aus dem Joer 2025 leien eis nach net vir – 6.578 Passagen an der Epicerie sociale. Dat sinn an der Moyenne 548 Passagë pro Mount. Gesitt Der emol, wat dat fir eng Envergure huet.

De Prix nominal vun engem Panier läit bei 30 Euro. Dat ass een Drëttel vum normale Präis. Dat ass dat, wann elo den Office Bongen ausstellt, wat do bezuelt gëtt. Dat mécht dann en totale Chiffer vun 192.323 Euro fir 2024. Ass liicht eropgaangen. Wéi gesot, mir hunn d'Zuelen nach net.

Et muss een awer och soen, et gëtt zwou Méiglechkeeten, fir an d'Epicerie sociale ze goen. Dat eent ass duerch e Bong, dat heescht komplett vum Office social finanzéiert. Mee et gëtt och nach de sougenannten Accès un d'Epicerie sociale, wéi een dat nennt, deen awer och iwwer den Office social ausgestellt gëtt. Do kënnen d'Leit dann higoen. Während enger gewëssener Zäit gëtt deen ausgestellt, iwwer e puer Méint oder esou, an do kréie se dann d'Liewensmëttel 30 % méi bëlleg.

Wann aner Artikelen, zum Beispill Bëbeenarung oder Kannerkleedung oder och Hygiènesartikelen net an der Epicerie sociale verfügbar sinn, ginn doniewent och nach Bonge fir d'Supermarchéen ausgestellt. Also wann ech elo hei schwätze vu Visitten an esou weider, da sinn déi Leit, déi an de Supermarché kafe ginn, nach net dobäi.

Also gesitt Der, wéi wichteg déi Epicerie nach ëmmer ass fir vill Leit, all déi Leit, deenen et net esou gutt geet, fir dass déi iwwer d'Ronne kommen. Duerfir e grouss Merci un de Schäfferot an och un de ganze Gemengerot, dass mer weiderhi wëllen déi Initiativ

ënnerstëtzen am Sënn vun deene manerbemëttelte Leit. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Madamm Ceman, wannechgelift.

EMINA CEMAN (CSV):

Här Buergermeeschter, merci fir d'Wuert. Am Numm vun der CSV wëll ech kloer ënnersträichen, dass mer dës Konventioun mat der Croix Rouge ënnerstëtzen. D'Epicerie sociale zu Déifferdeng ass eng wichteg Stütz fir Leit a Famillen, déi et net ëmmer einfach hunn an net iwwer d'Ronne kommen.

Mat dëser Konventioun iwwerhëlt d'Gemeng Verantwortung. D'Iwwerhuele vun de Loyerskäschten ass dobäi ee wichteg Bäitrag, fir datt dës Struktur laangfristeg funktionéiere kann an an Zukunft fir d'Leit do ass, déi drop ugewise sinn.

Ech wëll der Croix Rouge Merci soe fir hiren deeglechen Asaz. D'CSV stëmmt dës Punkt mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Ceman. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir ënnerstëtzen déi Konventioun. Et ass ganz wichteg, dass mer d'Epicerie sociale hunn. Et muss een awer och soen, dass mer se am léifsten net wëilten hunn, géif ech soen. Et ass ganz wäertvoll, dass déi Aarbecht gemaach gëtt, mee am beschte Fall hätte mer déi sozial Ongläichheeten net an deem Mooss, dass d'Leit mussen an eng sozial Epicerie goen, fir sech d'Lesse kënnen ze finanzéieren.

Dat heescht d'Prioritéit muss nach ëmmer dorop bestoen, d'Aarmut un der Source ze bekämpfen, déi Salairen ze bezuelen, déi et engem och erlaben, hei zu Lëtzebuerg ze wunnen a sech ze er-

porte son soutien. Elle salue particulièrement l'initiative récente concernant les vêtements : auparavant, ils n'étaient accessibles qu'au moyen d'un bon, mais ils peuvent désormais être achetés librement, comme dans une boutique de seconde main classique. Ce mix entre dimension sociale et commerce ordinaire est ainsi garanti.

Elle suggère davantage de publicité, à l'image de ce qui pourrait être fait pour le Butzebuttek, afin d'attirer une clientèle plus nombreuse, rappelant que les Luxembourgeois restent frileux face à la seconde main, contrairement aux grandes villes étrangères.

FRANÇOIS MEISCH (DP) intervient brièvement pour souligner qu'il existe, à Differdange et plus particulièrement dans le centre-ville, un réel besoin en ce contexte. Son groupe soutient pleinement l'initiative et votera en faveur de la convention.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) passe au point 7h) et cède la parole à monsieur Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV) aborde la bibliothèque de Differdange, qui fait déjà partie du projet MéNuLu, la médiathèque numérique du Luxembourg. Ce service offre aux abonnés un accès gratuit à une vaste sélection de films, de séries, de documentaires, de programmes pour enfants et de titres musicaux, disponibles en plusieurs langues et adaptés à tous les âges. Il suffit d'être inscrit à la bibliothèque, ce qui est gratuit. L'échevin présente ce projet comme une étape essentielle pour maintenir la bibliothèque au diapason de l'évolution numérique et pour répondre aux besoins actuels.

Jusqu'à présent, la Commune collaborait avec le Centre national de l'audiovisuel (CNA) et versait une modeste contribution financière. Désormais, le CNA prend entièrement en charge le coût des licences : la Commune n'a plus rien à déboursier, tout en continuant à offrir le service gratuitement à ses citoyens.

7. Actes et conventions

Jerry Hartung adresse un grand merci au CNA pour son engagement envers les communes et invite le conseil à approuver la nouvelle convention.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) passe au point 7i) et donne la parole à monsieur Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il s'agit d'une simple formalité déjà évoquée. Au lieu de recevoir deux subventions distinctes, la Commune en perçoit désormais une seule, légèrement revalorisée.

Cette dotation concerne la prise en charge des frais de fonctionnement de l'Aalt Stadhaus et l'accès à la culture dans la région. Le montant s'élève à 213 000 € pour l'Aalt Stadhaus et à 51 000 € pour le Sonotron, soit un total de 264 000 €. L'échevin se réjouit de ce résultat, obtenu après une longue lutte, et remercie le ministre pour cette revalorisation annuelle.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) introduit ensuite le point 7j), un avenant à un contrat de bail. Il rappelle qu'une nouvelle procédure a été élaborée et présentée afin de fixer le montant des loyers en fonction de la taille, de l'emplacement, de la situation, de l'état et de l'âge du bâtiment. Il s'agit du premier avenant appliqué à un contrat actif, celui de la maison Moderne, au 30, avenue de la Liberté.

L'exploitant bénéficie d'un loyer plus avantageux, conformément à la volonté d'instaurer une répartition plus équitable. Le nouveau contrat prend effet le 1er janvier 2026, avec un loyer fixé à 2453 €.

ERNY MULLER (LSAP) prend la parole et précise que le loyer du café culturel M-TISS, situé dans la maison Moderne, est recalculé selon une formule uniforme élaborée par le service de développement économique. Cette formule tient compte d'un prix au mètre carré dégressif en fonction de la surface, distingue la surface réellement utilisable pour le commerce des espaces annexes, tels que les couloirs, les cages d'escalier ou les toilettes, et intègre

nären. Dat däerf een ni aus dem Bléck verléieren. Och wann een esou Projets de dépannage souzesoe mécht, déi natierlech luewenswäert sinn, wou een déi Aarbecht muss begreissen, awer net aus dem Bléck soll verléieren, dass een déi wëll onnéideg maachen u sech. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Madamm Schütz, wannechgelift.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Den Här Muller huet et gesot, et ass eng vun deenen eelsten Epicerien am Land. Mir kënnen se oder wëllen eis se net méi ewechdenken. Mir ënnerstëtzen natierlech déi Konventioun.

Wat awer eng ganz flott Initiativ ass, dat ass elo mat de Kleeder. Virdrun hate se mol eng Zäit Kleeder, mee dat ass awer nëmmen och mat Bonge gaangen iwwer den Office social. Elo hu se awer vir e grouse Raum, ech war selwer och Kleeder dohinner droen. An do huet d'Madamm mer och gesot, dass ee kann als ganz normalen – also normal, dat ass elo net dat richtegt Wuert, mee als Client kann eragoen, ouni Bongen, an déi Secondhand-Kleeder wéi an engem ganz normale Secondhand-Buttek kafen.

Esou ass de Mix, mat enger Epicerie, déi méi op sozialem Niveau funktionéiert, an engem normale Secondhand Buttek garantéiert.

Vläicht kéint een e bësse Pub maachen. Ech denken do un eisen anere Buttek, de Butzebuttek, dass een heiansdo méi oft Pub mécht. Well ech fannen dat esou eng flott Initiativ, déi Secondhand-Butteker. Wann een am Ausland, a Grousstied ass, do wimmelt et ewell vun esou Vintage oder Secondhand-Butteker. De Lëtzeburger deet sech nach, mengen ech, do ëmmer schwéier, well alles muss nei sinn oder esou.

Vläicht e bësse Pub, dass et méi Leit unzitt. Well, wéi seet een esou schéin: „Een Af mécht der honnert.“ An da komme méi Leit.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Schütz. Den Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dann nach ganz kuerz als Leschten. Leider hu mer hei zu Déifferdeng ee grouse Besoin an deem dote Kontext, grad am Déifferdenger Zentrum. Dofir kënnen mer déi Initiativ nëmmen ënnerstëtzen. Mir wäerten déi Konventioun hei matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Wuertmeldungen. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de participation financière conclue avec la Croix-Rouge luxembourgeoise visant la prise en charge des frais de loyer de l'épicerie sociale à Differdange.

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 7h), do géif ech d'Wuert nach eng Kéier un den Här Hartung ginn, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Do gi mer an d'Bibliothéik vun Déifferdeng. Déifferdeng ass schonn Deel vum Projet MéNuLu, der digitaler Mediathek vu Lëtzebuerg. Dëst erlaabt den Abonentinnen an Abonnente gratis Zougang zu enger ganz grousser Offer: Filmer, Serien, Documentairen, Kannerprogramme a Musekstitlen. An dat a verschidde Sproochen a fir all Alter.

Et muss ee just Client vun der Bibliothéik sinn, wat jo och gratis ass.

Dëse Projet ass e wichtege Schratt fir eis Bibliothéik, fir mat der digitaler Entwécklung schrattzehalen an de Besoine

7. Actes et conventions

vun haut gerecht ze ginn. Bis elo hu mir als Gemeng scho mat dem Centre national de l'audiovisuel, dem CNA, méi bekannt ënner dëser Ofkierzung, zesumme geschafft an eng kleng finanziell Participatioun musse leeschte fir dëse Service kënnen unzebidden.

Elo gëtt et awer eng ganz positiv Entwécklung fir eis Finanzen: De CNA iwwerhëlt vun elo un déi komplett Käsche vun de Lizenzen. Dat bedeit konkret: kee finanzielle Bäitrag méi vun der Gemeng. Awer de Service bleift weiderhi komplett gratis fir eis Bierger.

Dofir wëll ech hei ee ganz grouse Merci un de CNA riichte fir dëst Engagement an d'Ënnerstëtzung vun de Gemengen. Dës Zesummenaarbecht weist, wéi wichteg et ass, Ressourcen ze bëndelen an zesummen innovativ Léisungen ze fannen.

Fir Déifferdeng ass dëse Projet eng kloer Plus-value fir eis Bibliothék an eis Bierger. Ech bieden Iech, dës nei Konventioun mam MéNuLu matzestëmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Eng Wuertmeldung dozou? Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention relative à la médiathèque numérique du Luxembourg (MéNuLu).

Ech soen Iech Merci. Punkt 7i). Ech géif d'Wuert dem Här Ulveling ginn, fir eis déi Konventioun ze erklären.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass am Fong eng Formalitéit, dat hate mer schonn eng Kéier. Amplaz dass mer soss ëmmer zwou Zouwendunge kritt hunn, kréie mer elo eng. An déi ass dann och liicht erhuewe ginn. Et geet ëm d'Zouwendung, déi mer kréie „pour la progression des frais de fonctionnement“ vun eisem Stadhaus, an och „l'accès à la culture en région“. Do

kréie mer engersäits fir d'Aalt Stadhaus 213.000 a fir de Sonotron 51.000 Euro. Soudass mer am Ganzen 264.000 Euro kréien.

Natierlech freeë mer eis doriwwer. Mir hu laang genuch gekämpft, fir dass mer iwwerhaupt eppes kréien. Dofir soe mer dem Här Minister Merci, fir dass en eis dat all Joer dann e bëssen erhéicht.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Et gëtt keng Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant à la convention avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg relative à la participation financière au centre culturel Aalt Stadhaus ainsi qu'au Sonotron à Differdange.

Ech soen Iech Merci. Punkt 7j) ass en Avenant zu engem Contrat de bail. Dir wësst, dass mer eng nei Prozedur ausgeschafft hunn an Iech déi presentéiert hunn, mat där Formel a mat där Formulatioun mat de Contrat-de-bailen, dat heescht, d'Héicht vun de Loyeren nei festleeën a Relatioun zu der Gréisst, zu der Lag an zu der Situatioun vum Haus an zum Zoustand vum Gebai, zum Alter vum Gebai an esou virun.

Hei wär een éischten Avenant, dee mer maachen, vun engem Contrat de bail, deen aktiv ass, de Contrat de bail vun der Maison Moderne, 30, avenue de la Liberté.

Den Exploitant kënnt do besser ewech. Dat ass och Sënn an Zweck gewiescht, dass mer do méi eng gerecht Opdeelung maachen a méi e gerechte Loyer maachen an deene Situatiounen, déi mer do begéinen. Dee géif ulafen den 1. Januar 2026 an de Loyer wier 2.453 Euro mat deem neie Kontrakt.

Gëtt et Froen dozou? Dir hutt de Kontrakt an Ärem Dossier an och op der Diffcloud.

l'état, l'emplacement et l'aménagement du local.

L'objectif est de proposer des loyers plus abordables et uniformes, sans traitement arbitraire, afin de permettre aux commerces de s'établir durablement.

Il souligne que le M-TISS payait auparavant le loyer le plus élevé, ce qui avait déjà été évoqué lors du vote initial, et qu'une meilleure transparence envers le conseil communal sera désormais assurée.

Erny Muller indique que le loyer du M-TISS, comme l'a déjà mentionné le bourgmestre, passe de 3600 € à 2453 € par mois, tout en demeurant indexé. Il exprime l'espoir que le café culturel M-TISS, après une année d'implantation près du parc, poursuive son développement positif.

Il précise que les montants des loyers des autres locaux encore vacants figurent dans le dossier et que des contrats seront prochainement conclus. Les dossiers sont déposés et les modèles économiques sont en cours d'élaboration autour du parc et, surtout, autour de la place du Marché, qui doit être considérée comme prioritaire afin de la revitaliser. Le processus prend un peu plus de temps en raison des travaux préparatoires nécessaires à l'installation des nouveaux commerces.

Il ajoute que la Commune souhaite généraliser ces tarifs et inciter les propriétaires privés à appliquer des loyers comparables, afin de maintenir durablement les commerces dans leurs emplacements actuels. Une communication publique sera lancée et des contacts seront pris avec les personnes disposant encore de locaux vacants, dans une logique globale couvrant l'ensemble du centre de la commune.

Il souligne que les commerçants et propriétaires qui acceptent cette démarche bénéficient du soutien communal par des actions spécifiques, à condition toutefois de respecter les critères fixés par la commune, afin d'éviter l'exploitation des locataires. Il annonce enfin la prochaine présentation d'une vidéo valorisant les commerces, une initiative qu'il juge très positive.

Il conclut en précisant que d'autres actions sont en cours au sein du CAE.

7. Actes et conventions

GUY ALTMEISCH (LSAP) donne ensuite la parole à madame Pregno.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) remercie monsieur Muller pour les compléments d'information apportés en sa qualité de président du comité d'accompagnement économique. Elle se réjouit que, à la suite de la demande formulée la veille par monsieur Aguiar, des informations supplémentaires aient été transmises et rendues accessibles sur le nuage, notamment le mode de calcul du loyer. Elle rappelle que, lors du vote du contrat initial de la maison Moderne, son groupe avait déjà estimé le loyer excessivement élevé, ce à quoi le bourgmestre avait répondu que l'excellente situation au parvis du parc Gerlache justifiait des loyers supérieurs à ceux de la place du Marché, tout en précisant que rien n'était gravé dans la pierre. Elle constate que les professionnels du terrain confirment aujourd'hui ce diagnostic.

Elle se réjouit que le café littéraire paie désormais environ 800 € de moins, mais elle s'étonne de voir des écarts de 2000 €, comme pour le Workzone.

Elle juge la méthode de calcul intéressante, notamment la différenciation selon la localisation, l'ancienneté du local et la surface commerciale.

Parmi les quatre commerces examinés, trois voient leur loyer révisé à la baisse. Elle s'interroge alors sur le cas du Happy Party, seul local à enregistrer une hausse de 102 €, ce qu'elle estime considérable pour un petit commerce dans un contexte difficile.

(Interruption)

ERNY MULLER (LSAP) précise que le contrat est signé.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) demande si un avenant est envisagé, si les autres contrats seront modifiés rétroactivement au mois de janvier de manière uniforme, et pourquoi la maison Moderne bénéficie en premier de cette révision plutôt qu'une application simultanée à tous.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond clairement qu'aucun contrat avan-

Den Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wéilt drop hiweisen, dass op Basis vun enger neier Evolutioun, wéi den Här Buergermeeschter scho sot, an enger neier – an do pochen ech drop – eenheetlecher Formule de calcul, déi vum Service de développement économique ausgeschafft gouf, de Loyer vun der Surface commerciale vum Café culturel M-TISS an der Maison Moderne nei berechent ginn ass.

Dës nei Formel berécksiichtegt de Meterkareespräis, deen degressiv gestaffelt ass, jee no Gréisst, a mécht och en Ënnerschied tëschent der Surface utilisable fir de Commerce an anerefalls fir Gäng, Trapenhaiser, Toiletten oder Raim, déi net oder net permanent am Kader vun der kommerzieller Aktivitéit benotzt ginn.

Doniewent, wéi och scho gesot, gëtt och den Zoustand, d'Lag an den Aménagement gekuckt. Dës nei Berechnung soll erméiglechen, ee méi abordabele Loyer fir déi Surfaces commerciales, déi am Besëtz vun der Gemeng sinn, ze froen an uniform an net à la tête du client vergi ginn. Si soll erméiglechen, dass déi nei Commercé sech dauerhaft kënnen etabléieren.

Wéi gesot, d'Iddi derhannert ass, dass ee wéi deen aneren ass, mat gewëssene Korrekturen, jee no Lag vum Commerce.

Mir maachen dat elo just fir d'Gemeng. Do gesi mer dann an där Tabell dat, wat Der alles nogereecht kritt hutt, wat ech och mam Här Raphaël Scheuren beschwat hunn. Mir solle versichen, awer do méi transparent ze sinn. Well déi ganz Aktioun, déi ass jo vum Schäferot guttgeheescht ginn, déi war am Comité d'accompagnement économique presentéiert ginn, awer de Gemenget, do hat nach keen déi Informatiounen, mengen ech emol. Oder héchstens déi, déi um Comité d'accompagnement deelhuefen.

An do gesitt Der dann och, dass den M-TISS, also d'Maison Moderne, deen héchste Loyer bezuelt huet. Ech mengen, dat wousste mer jo schonn, wéi

mer deen éischte Kontrakt hei gestëmmt hunn. Do war dat jo schonn ugeklongen, dass déi géife méi bezuele wéi zum Beispill e Gaïa, war jo deemools gesot ginn.

Elo gesitt Der dann, dass jiddwereen an déi selwecht Dénge kënnt. Do spillt nach d'Gréisst eng Roll; do hutt Der och gesinn, wéi dat evoluéiert. Dat heescht bis x Meterkaree ass de Präis dann ab – wann et méi héich gëtt, geet et liicht erof a wann et nach méi Meterkaree sinn, geet et nach eng Kéier liicht erof. An och, wéi gesot, gëtt nëmmen d'Surface utile gerechent.

De Loyer, hat den Här Buergermeeschter och scho gesot, vum M-TISS, geet vun 3.600 op 2.453 Euro pro Mount erof, ass awer indexéiert.

Mir hoffen dann, dass de Café culturel M-TISS no engem Joer, wou en elo beim Park geleeën an etabléiert ass, sech weiderhi positiv entwéckelt.

Wéi gesot, dat hutt Dir och gesinn an Ärem Begleitmaterial, wéi vill dann elo de Loyer géif gi fir déi aner Lokaler, déi nach opstinn. Wou dann deemnächst wäert e Kontrakt gemaach ginn. Den Här Buergermeeschter huet näischt gesot, mee dat geet virun an ass amgaangen. Déi Dossieren, déi sinn all erageerecht.

An déi Businessmodeller, wéi mer gesot haten, dass ronderëm de Park, ronderëm d'Maartplaz virun allem, dass mer d'Maartplaz prioritär solle gesinn, fir déi erëm ze beliewen, dat ass alles an der Maach. Et brauch, wéi gesot, e bैसे méi laang Zäit, well och nach verschidden Aarbechte gemaach ginn, en vu de préparation, fir deen neie Commerce do eranzekréien.

Ech wollt awer nach eppes soen. Déi do Präisser, déi wëlle mer verallgemengeren. Dat heescht, mir wëllen och, dass d'Privatleit, d'Propriétaire mat op dee Wee ginn, fir esou Loyereren ze froen, déi Tariffer ze froen. Fir dass mer dauerhaft kënnen d'Commercen hei behalen, op deene Plazen an deene Geschäftsaktivitéiten, wou se sinn.

An dat wäeren dann och déi, wou mer elo nach mussen no baussen e bैसे méi kommunizéieren, an dat och public maachen. An och Kontakt opzehuele

7. Actes et conventions

mat de Leit, wou elo nach Commerce fräi sinn, mee och net nëmmen déi. Dass mer allgemeng eng Formule kréien iwwer dee gesamte Beräich vun eiser Gemeng an eise Zentrum.

Allerdéngs muss ee soen, wa Commerçanten oder Propriétaires bereet sinn, dee Wee matzegoen, da géife mer déi och ënnerstëtzen als Gemeng. Dat heescht, mir géife mat extraen Aktiounen hëllefen, fir dat eidelt Lokal erëm ze besetzen an eis do engagéieren. Awer nëmme sous condition, dass do Konditiounen deenen ugepasst sinn, wéi mer dat als Gemeng och gesinn. Mir ginn elo net engem e Commerce besetzen, an da freet deen egal wat u Loyer, fir herno d'Leit auszebeuten, dass se keng Chance hunn, dass dee Commerce sech dauerhaft etabléiert.

Wat nach gemaach gëtt, dat wäert Der och deemnächst eng Kéier presentéiert kréien, dat ass de City Branding an d'Presentatioun vun alle Commercen, méi Visibilitéit fir eis Geschäftsleit. Do ass eng Initiativ amgaangen, déi ganz flott ass, an och e Video fir de City Branding, dee wierklech ganz positiv ass.

Domat hunn ech alles gesot, wat um Niveau vum CAE fir de Moment leeft. Do leeft nach vill méi, mee ech hunn dat Weesentlecht gesot. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Madamm Pregno, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. An och villmools merci, Här Muller, fir déi complémentaire Informatiounen, déi Dir jo als President oder als Virsteeër vum Comité d'accompagnement économique aus éischter Hand hutt. Et ass ëmmer ganz interessant, do nach méi Detailler ze kréie wéi déi, déi vum Schafferot kommen.

Mir si ganz frou, dass mer gëschter nach op eis Nofro hin – den Här Aguiar hat do nogefrot – weider Informatiounen kruten, an déi Informatiounen dann och méttlerweil op der Cloud ze fanne

sinn. Well mer eis gefrot hunn: Wéi kënnt de Calcul vum deem Loyerspräis zesummen?

Ech ka mech gutt erënneren, dass, wou mer deen éischte Kontrakt vun der Maison Moderne hei gestëmmt hunn, schonn deemools gesot hunn, dass et een enorm héije Loyer wier. An ech ka mech erënneren, dass den Här Buergermeeschter mer geäntwert hat, dat wär eng exzellent Lag zu Déifferdeng um Parvis vum Parc Gerlache, an dofir géif dat rechtfäerdeg, dass een do méi héich Loyerspräisser géif bezuele wéi op der Maartplaz.

En hat awer och herno a senger Äntwert gesot, et wär jo näischt a Stee gemeesselt. Mee dat héiere mer jo ëfters hei, dass ee kann ëmmer erëm eng aner Route aschloen, wann een dat dann esou brauch.

Ech mengen, et sinn d'Leit vum Terrain, Professioneller, déi dat dann hei och definitiv bestätegt hunn, wat mir scho gesot hunn, dass dee Loyer einfach ze héich ass.

An ech si frou, dann ze gesinn, dass de Café littéraire elo ronn 800 Euro mander Loyer bezilt. Ech sinn erstaunt oder och e bëssen erschreckt, awer ze gesinn, dass aner Commercen do en Ënnerschied vum 2.000 Euro hunn, wéi de Workzone. Dat si jo richtig, richtig vill Suen, also 800 Euro sinn och scho vill Suen, mee 2.000 Euro sinn nach eng Kéier méi Suen.

Ech fannen dee Calcul, deen opgestallt ginn ass, ganz interessant. Ech fannen et flott, dass do eng gewëssen Differenzéierung gemaach gëtt, wou een ass, wéi al d'Lokal ass oder wéi nei et ass, wéi vill Surface commerciale een huet.

Mir gesinn am Dossier, dass vun deene véier Commercen, déi dann elo gekuckt gi sinn, der dräi hire Loyer à la baisse revidéiert kréien. Elo virdrun, wou mer iwwer d'Personal geschwat hunn, ass gesot ginn, et ass ëmmer schwéier, engem eppes ewechzehuelen, deen een Acquiescent huet.

Elo hunn ech mech da gefrot, wat geschitt da mam Happy Party? Well dat ass dat eenzegt Lokal, wat 102 Euro méi u Loyer huet. Wat awer fir esou ee klengt Lokal – wou mer awer wëssen,

tagé par le nouveau calcul n'est ignoré, tandis que ceux désavantagés conservent leur ancien tarif, ce qui explique la situation du commerce évoqué.

Il maintient que le M-TISS bénéficie d'un emplacement remarquable, reconnaît que le loyer initial était trop élevé, ce qui justifie l'ajustement opéré, et confirme que rien n'est figé, la Commune restant disposée à améliorer les conditions offertes aux commerçants pour dynamiser le centre.

Guy Altmeisch interroge madame Pregno sur un point qu'elle vient d'évoquer et dont il ne se souvient plus précisément.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *précise alors sa question : elle souhaite savoir si l'ensemble des contrats fera l'objet d'un nouveau calcul rétroactif au mois de janvier, à l'image de ce qui est prévu pour le M-TISS, dont l'application rétroactive remonte effectivement à janvier.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *confirme ce point d'un bref acquiescement.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *poursuit son raisonnement en soulignant qu'il s'agit tout de même d'un gain cumulé sur trois mois. Elle prend l'exemple du commerce dont elle cherche le nom, Workzone, en estimant que trois mois multipliés par 2000 € représentent déjà une somme non négligeable. (Interruption)*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *précise que personne n'occupe plus cette adresse. Il explique que plusieurs adresses ont été citées par la conseillère, mais que l'une d'entre elles est désormais vide et qu'un nouveau locataire doit s'y installer.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *exprime sa surprise, indiquant qu'elle avait vérifié sur Internet et que le commerçant y figurait encore.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *lui répond qu'il s'agit probablement d'une photographie ancienne et que les images disponibles en ligne ne sont pas toujours à jour. Il insiste sur le fait que le local est aujourd'hui in-*

7. Actes et conventions

occupé et que cela reflète fidèlement l'état réel de la situation.

Il ajoute que, lorsqu'un nouveau locataire s'installera, il sera naturellement pris en compte dans le calcul du loyer selon la nouvelle formule.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *accueille cette réponse favorablement et estime que sa question est dès lors sans objet.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *complète en précisant que si d'autres cas similaires à ceux existants existent, ils seront également recalculés rétroactivement à partir de janvier.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *conclut que sa seconde interrogation, portant sur la raison pour laquelle le M-TISS bénéficierait d'un traitement différent des autres, se trouve, elle aussi, résolue. Elle reconnaît qu'elle n'est pas allée vérifier sur place, au centre.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *la rassure en indiquant que tout est en ordre.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue l'initiative présentée. Il rappelle que le dossier a été discuté en long et en large au sein du CAE et qu'il s'agit d'une excellente proposition, élaborée avec beaucoup de soin par le service communal, et pertinente pour le développement économique de Differdange.*

Il estime que la Commune peut sincèrement se réjouir que l'exploitant concerné ait tenu aussi longtemps avec le loyer qui était le sien, tant il lui paraît difficile d'imaginer comment cela a pu être supportable sur la durée. Il se félicite de la présence de ce lieu, qui accueille également diverses activités culturelles et sociales.

Il espère que cette démarche permettra de maintenir durablement les exploitants et de redynamiser le centre de Differdange, aujourd'hui insuffisamment animé.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *remercie le conseiller pour ses remarques et confirme que la Commune s'efforce d'intégrer autant que possible d'activités communales dans ces bâtiments, lorsque la taille et l'infra-*

dass d'Commercen et schwéier hunn hei zu Déifferdeng –, denken ech, awer vill Augmentatioun ass. Ech weess et net, ech denke mer, dass dat vill ass. Et géif mech elo awer interesséieren, wéi dann do gekuckt gëtt. Oder ob mer dann elo soen, okay, vu datt et en Acquis ass, loosse mer dat sinn.

ERNY MULLER (LSAP):

De Kontrakt ass ënnerschriwwen.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ma jo. Mee et ass d'Fro, wéi mer dann do virginn. Ob do en Avenant geschitt. Dat géif mech interesséieren.

Wat mech och nach géif interesséieren: Kritt elo all anere Commerce, deem an deem Listing ass, säi Kontrakt geännert, retroaktiv op Januar? Dass et fir jiddereen d'nämmlecht ass. Oder ginn do Ënnerscheeder gemaach? Ech denken, mir wäerte jo dann elo no an no déi Kontrakter hei ze gesi kréien.

An da géif mech och nach interesséieren, firwat elo d'Maison Moderne deem Éischten ass a se net all d'un jet gemaach ginn, fir dass mer wierklech wäissen, dass mer eng nei Politik hunn, wou mer wëllen d'Commercë gläichstellen. Mee Dir wësst do bestëmmt, mir ze äntworten. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Eng Fro ass emol ganz kloer. Dat ass, dass mer decidéiert sinn, dass mer kee Kontrakt héijen. Een, deem elo en Avantage kritt duerch déi nei Berechnung, deem huele mer a Consideratioun. Een, deem en Desavantage kritt duerch déi nei Formule, bleiwe mer bei deem ale Präis. Dat emol gesot zu der Situatioun vun engem Geschäft, wat Der virdru genannt hutt.

Ech bleiwen och weider bei menger Ausso, dass den M-TISS eng wonnerbar Lag huet. Ech bleiwen och bei menger Ausso, dass de Loyer ufanks ze héich war, dofir hu mer jo déi Upassung gemaach. A wéi gesot, dat ass jo eng Bestätegung, wat ech gesot hunn, et ass näischt a Stee gemeesselt a mir sinn em-

mer bereet, e bessere Wee an eng besser Ouverture ze maache fir eis Geschäftsleit, fir eisen Zentrum sou gutt wéi méiglech ze beliewen.

Wat hat Der nach ugeschwat, Mammadamm Pregnò? Ech weess net méi genau, wat war dat anert, wat Der nach gefrot hat?

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ob all Kontrakt géif retroaktiv op Januar nei ausgerechent ginn? Den M-TISS ass jo retroaktiv op Januar.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Dat ass jo dann awer e Gain mëttlerweil fir dräi Méint. Wann ech dat kucken op de Workzone, dräi Méint mol 2.000 Euro, dat sinn der e puer.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Do ass keen dran. Et si verschidden Adressen, wou Der elo genannt hutt, do ass kee méi dran. Do kënnt een neie Locataire dran. Deen ass eidel.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

A, do ass kee méi dran. Well ech hat nach gekuckt um Internet, do war en nach dran. Okay. Nee, dann ass et gutt.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo, dat ka sinn, dass dat nach en aalt Bild war. Déi Biller sinn net ëmmer aktuell. Mee et ass kee méi dran.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Okay. Nee, et ass gutt. Dann eriwwegt sech déi Fro.

7. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Et ass den Istzoustand. A wann deen neie kënnt, dee gëtt dann natierlech a Consideratioun gezu bei der Ausrechnung vum Loyer mat där neier Formule.

Wann elo nach Prezedenzfäll do sinn, déi ginn natierlech och da zrëckberechent op de Januar, mee ech gleewen elo net, dass ...

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Okay. Dann eriwweert sech jo och meng Fro, firwat den M-TISS an net déi aner. Ech sinn net an den Zentrum kucke gaangen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nee, nee, et ass alles okay. Den Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt begrëssen, dass mer dat heite maachen. Mir hunn dat jo am CAE en long et en large diskutéiert. Dat war eng ganz gutt Propos, déi do aus eise Service och komm ass, déi mat vill Méi awer ausgeschafft ginn ass a sënnavoll ass fir den Développement économique vun Déifferdeng.

Ech mengen, mir kënnen, éierlech gesot, frou sinn, dass deen doten Exploitant esou laang duergehalen huet mat deem Loyer, deen en awer hat. Well ech ka mer bal net virstellen, wéi en dee konnt droen, esou laang.

Ech sinn awer frou, dass mer déi Plaz hunn. Do fannen och eng Rei kulturell, sozial Saache statt. Dofir ass et gutt, dass mer elo dës Schrëtt ginn an hoffentlech mol weider esou Exploitanten och wierklech op länger Zäit halen an eise Kär vun Déifferdeng esou beliest halen a weider méi staark beliewen, wéi dat, wat am Moment de Fall ass. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci fir déi Bemierkungen. Ech kann Iech just confirméieren, dass mir vu kommunaler Säit och probéieren, esou vill wéi méiglech Aktivitéiten, wann dann d'Gréisst an d'Infrastruktur vum Gebai et zouléisst, och kommunal Aktivitéiten do dra maachen, fir dass een Exploitant dat och besser packt a besser iwwe d'Ronne kënnt.

Keng weider Wuertmeldung méi, da komme mer zum Vott iwwe deen Avenant vum Contrat de bail.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le deuxième avenant au contrat de bail commercial d'un local situé dans l'immeuble connu sous la dénomination maison Moderne, au 30, avenue de la Liberté, à Differdange, avec la société Le M-Tiss café culturel SÀRL.

Ech soen Iech Merci. Punkt 7k) ass en zweeten Avenant zu enger Konvention. Do géif ech d'Wuert der Madamm Charlé ginn. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. En Avenant zur Konvention, wat mer schonn eng Kéier duerchgaange sinn, et geet em d'Elektrobornen, déi an eiser Gemeng sinn. Zu Lasauvage kënnt eng duebel Borne bäi, well bis elo do nach keng war. Fir de Rescht, ass nach ëmmer alles d'selwecht, wéi et och scho virdrun an deem Kontrakt war, mat all deenen anere Bornen.

Wann et dozou eng Fro gëtt, oder vläicht wëll den Här Ulveling och nach do eppes bäifügen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Nee. Mir kommen zum Vott iwwe deen Avenant.

structure le permettent, afin d'aider les exploitants à mieux boucler leurs fins de mois.

(Vote)

Le bourgmestre Guy Altmeisch aborde le point 7k), qui concerne un deuxième avenant à une convention, et laisse la parole à madame Charlé.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) explique que cet avenant concerne les bornes électriques installées dans la commune, un dossier déjà abordé. Elle précise qu'une borne double sera ajoutée à Lasauvage, localité qui n'en disposait pas jusqu'à présent. Pour le reste, les conditions demeurent identiques à celles prévues dans le contrat initial applicable aux autres bornes. Elle invite les conseillers à poser leurs questions et suggère que monsieur Ulveling pourrait compléter son intervention.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) passe ensuite au point 8, relatif aux règlements d'urgence de la commune, et redonne la parole à madame Charlé.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) explique le contenu des règlements temporaires. Ceux-ci couvrent un ensemble varié de situations : les conteneurs, les échafaudages, différents chantiers privés, quatre emplacements PMR réglementés temporairement à la suite de demandes introduites par des particuliers, divers travaux d'élagage nécessitant des fermetures provisoires de rues, l'aménagement d'un arrêt de bus au Haneboesch ainsi que la réorganisation de la place Nelson-Mandela, où l'emplacement de livraison est transformé en stationnement pour un véhicule communal.

Elle évoque également l'arrêt de bus d'Aquasud, où une place est aménagée pour un minibus afin de permettre notamment aux services de soins à domicile, qui accompagnent leurs patients à la piscine, de stationner à proximité.

Elle mentionne enfin l'instauration d'un C18 rue Xavier-Brasseur, côté gauche en descendant, le long des maisons, en raison des nombreux abus constatés : les automobilistes

8. Règlements communaux

s'y garent n'importe comment, empêchant les riverains de sortir de leurs garages. Cette mesure, qui fait suite à une demande des habitants, ne concerne pas toutes les habitations de la rue, mais elle répond à un problème manifeste de circulation lorsque des voitures y stationnent.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) intervient au sujet de la rue Metzkimmert. Elle souligne que le chantier communal y est clôturé de telle manière qu'en montant la rue, du côté gauche, il devient impossible de marcher ou de stationner.

Au-delà de l'aspect visuel peu esthétique, le problème quotidien tient à la présence d'une crèche sur le côté droit, devant laquelle les automobilistes se garent sur le trottoir. Les piétons, notamment les nombreux habitants du quartier qui rejoignent le centre à pied, se voient ainsi contraints d'emprunter la chaussée. Elle demande qu'une solution soit trouvée pour améliorer la sécurité des piétons.

GUY ALTMEISCH (LSAP) prend note de la remarque et s'engage à informer les agents municipaux afin qu'ils contrôlent la situation et, le cas échéant, mettent en place une nouvelle signalisation permettant aux piétons de longer le chantier en toute sécurité.

FRANÇOIS MEISCH (DP) signale à son tour un problème concernant le café de l'Usine, situé près de la gare de Differdange. Un important chantier de rénovation a débuté à côté de l'établissement, entraînant la fermeture complète du trottoir d'un côté, tandis que de l'autre côté, près du pont, un panneau d'interdiction aux piétons a été installé. En conséquence, plus personne ne peut, théoriquement, accéder au café, ce qui lui paraît inacceptable.

GUY ALTMEISCH (LSAP) reconnaît que la réglementation concernant l'accès aux cafés est stricte et promet d'intervenir immédiatement pour que la situation soit contrôlée et régularisée.

TOM ULVELING (CSV) précise qu'il faut emprunter le croisement, car

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le deuxième avenant à la convention de service en matière de mobilité électrique avec PC-Tank SÀRL (Bestcharge).

Ech soen Iech Merci. Punkt 8, Drénglechkeetsreglementer vun der Gemeng. Do géif ech d'Wuert nach eng Kéier un d'Madamm Charlé ginn. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci. An eisen temporäre Reglementer fanne mer e ganze Koup Saachen: Container, Steeën, verschidde Chantiere vu Privatleit, véier PMR-Parkplazen, déi temporär reglementéiert gi fir Leit, déi do Demandé gemaach hunn.

Verschidde Bam-Aarbechten, wou Stroosse mussen temporär gespaart ginn, en Amenagement vun engem Busarrêt am Haneboesch, d'Reorganisatioun op der Place Nelson Mandela, wou d'Liwwerplaz an eng Plaz fir e Mengenauto gemaach gëtt.

Den Aquasud-Busarrêt, wou elo eng Plaz fir e Minibus amenagéiert gëtt, fir datt d'Leit, virun allem d'Soins à domicile, déi zum Beispill mat hire Patienten an d'Schwämm ginn, eng Plaz no bäi hunn, fir mam Minibus stoen ze bleiwen. Déi fënnt een och elo schonn do uewen.

An dann hu mer nach den C18 an der Rue Xavier Brasseur, wann een eroffiert, lénker Säit, laanscht d'Haiser, well do immens vill Abus gedriwwen gëtt, wou d'Leit egal wéi do stinn an d'Leit net aus de Garagen eraus kommen. Do kouw eng Demande vun de Leit, déi do wunnen. Deemno gouf dat festgehalten hei.

Dat ass net fir alleguerten d'Haiser, déi an der Xavier Brasseur sinn, mee wann Der duerchfuert, da mierkt Der schonn, wou de Probleem ass. Wann do Autoe stinn, da kommen déi aner fuerend Autoen net méi laanschteneen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Madamm Pregno, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Ech hätt eng Fro zu der Reglementatioun an der Rue Metzkimmert, elo net onbedéngt hei vun de Reglementer. Mee do ass et jo esou, dass de Chantier vun der Gemeng esou ofgespaart ass, wann Der d'Rue Metzkimmert eropgitt, de lénken Deel, do Chantier ass an ee weeder dierf do goen nach do parken.

Wat net ganz flott ass, einfach als Vue fir d'Strooss, mee wat awer virun allem am Quotidien net flott ass, well do rietser Hand dann nach eng Crèche ass an d'Leit sech um Trottoir stationéieren. Dat heescht, de Piéton, deen gegebenefalls wëllt eropgoen – an do sinn awer an deem Quartier vill Leit, déi ze Fouss erof an den Zentrum ginn –, huet ee quasi als Piéton net méi oder net méi vill Méiglechkeeten ze goen an ass quasi obligéiert, zu ville Momenter am Dag op der Strooss ze goen. Vlächent kënnt Der do eng Léisung fannen, fir dat iergendwéi méi flott ze gestalten fir de Foussgänger. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Bemierkung. Ech géif eisen Agents municipaux an deem Sënn da Bescheid soen, fir do mol ze kontrolléieren respektiv eng nei Bëscheldung ze maachen. Maache mer eis Gedanken, wéi mer dat besser hiekréien, fir de Foussgänger och ze erméiglechen, laanscht dee Chantier do ze kommen, ouni dass se a Gefor sinn.

Dat gesot, géife mer zum Vott kommen – pardon, Här Meisch, ech hat Iech elo bal net gesinn.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech hunn nach eppes, wat un eis eruge-droe ginn ass. De Café de l'Usine zu Déifferdeng bei der Gare, dat ass dee leschte Café, éier ee bei d'Bréck do kënnt.

8. Règlements communaux

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo, lénks.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Lénks niewent dem Café ass elo ee grouse Chantier opgaangen. Do gëtt alles renovéiert. Dofir ass den Trottoir komplett gespaart. Riets niewendrun, nieft dem Café, bei der Bréck oder ënner de Bréck, do steet awer e Verbuetschëld fir Foussgänger. Also déi eng Säit ass den Trottoir komplett gespaart, an déi aner Säit steet dann e Verbuetschëld fir d'Foussgänger.

Soudatt iwwerhaupt kee Mënsch méi kann an dierft theoreetesch an de Café goen. Dat kënne mer jo net esou si loosse. Do muss een awer iergendeng Léisung fannen.

Zumindest vun där Säit misst de Foussgänger jo awer bei de Café kommen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Also do si mer zwar ganz streng, wat d'Entrée bei d'Café ubelaangt. Do ruffen ech awer elo direkt un, dass dat kontrolléiert gëtt, dass dat reguléiert gëtt, well do ass eppes schiefgelaft.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Déi eng Säit ass komplett zou. Dat ass jo normal, do gëtt geschafft.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech hunn dat do nach net gesinn. Dat ass awer och vun de Moien dat do, vläicht.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nee, dat war gëschter. Du muss dann direkt um Croisement iwwer goen, well du kënns jo do net – do si jo iwwerall déi Dénger, déi aner Säit. Do

kannst du net einfach esou eriwuer iwwer d'Strooss goen. Et muss een direkt am Ufank bei der rouden Luucht ee Schëld setze „sauf café“ an dann do eriwuer goen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Mee et ass och esou, wann esou Schëlter opgestallt ginn – just eng Erklärung, ech weess awer net, ob dat an där doter Situatioun de Fall ass –, et muss jo en Drénglechkeetsreglement ugefrot ginn. Ech weess awer net, ob do elo en Drénglechkeetsreglement ugefrot ass. Dat kann ech mer virstellen, ouni awer elo wëllen ze wäiten ze goen, dass den Entrepreneur dat do selwer opgestallt huet. Dat do ka jo net vun engem Reglement hier kommen, well dat do ass jo eng Histoire pour rire.

Ech ka mer virstellen, dass dat do just esou opgestallt ginn ass à convenance vum Entrepreneur. Mir kucken dat awer no. Mir wäerten eis do vergewësseren, ob do iwwerhaupt en Drénglechkeetsreglement ugefrot ginn ass. A wann, da gi mer dat kontrolléieren, dass dat awer à jour gesat gëtt. Well dat do ass awer eng komesch Situatioun.

Jo, Madamm Charlé.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Mir kënnen och d'Schëld séier ewechhuelen, mee ech ginn einfach emol Bescheid, dass ee sech dat soll ukucken, an dass dat uerdentlech erëm soll gemaach ginn. Ech mengen, do ass iergendeng Feeler oder iergendwellech Leit, déi awer vläicht net richteg kommunizéiert hunn. Ech kucken, dass dat haut nach behuewe gëtt.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Soss gi mer een dohin huelen.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Jo.

(Gelaachs)

Elo net. Well elo kënnt een net dohin!

des dispositifs empêchent la traversée directe de la rue. Il suggère avec humour qu'il faudrait installer directement au feu rouge un panneau indiquant « sauf café » afin de pouvoir passer outre.

GUY ALTMEISCH (LSAP) explique que, lorsque de tels panneaux sont installés, un règlement d'urgence doit normalement être demandé, mais il ignore si cela a été fait dans ce cas précis. Il imagine plutôt que l'entrepreneur a posé ces panneaux de sa propre initiative, à sa convenance, car, selon lui, la situation relève d'une blague.

Il assure que l'administration vérifiera si un règlement d'urgence a bel et bien été sollicité. Dans le cas échéant, elle veillera à ce que la situation soit mise à jour, car elle demeure étrange.

FRANÇOIS MEISCH (DP) précise que cela remonte à la veille au soir.

TOM ULVELING (CSV) ajoute que deux panneaux sont installés.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) indique qu'il est possible de retirer rapidement le panneau, mais elle préfère d'abord signaler la situation afin que quelqu'un vienne l'examiner et que tout soit remis en ordre. Elle suppose qu'il y a eu une erreur ou un défaut de communication de la part de certaines personnes, et s'engage à ce que le problème soit résolu dans la journée.

FRANÇOIS MEISCH (DP) propose, en plaisantant, d'aller y prendre un verre.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) répond par l'affirmative, avant d'ajouter que ce n'est pas le moment, puisque personne ne peut accéder à l'endroit. (Rires)

GUY ALTMEISCH (LSAP) conclut en promettant de tenir les conseillers informés dès que les panneaux seront retirés, moment auquel ils pourront s'y rendre ensemble. Il remercie les conseillers pour les remarques, les présentations intéressantes et les belles photos, puis invite au vote.

(Vote)

9. Commissions consultatives / Questions

Guy Altmeisch passe ensuite au point 9, consacré aux changements intervenus dans les différentes commissions, dont la liste figure déjà dans le Diffcloud et dans les dossiers, ce qui lui évite d'en donner lecture. Il précise que des modifications ont été apportées par le LSAP, le CSV et les Verts, puis donne la parole à monsieur Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) demande s'il peut soumettre oralement deux changements supplémentaires et transmettre le reste ultérieurement.

GUY ALTMEISCH (LSAP) accepte cette manière de procéder.

Gary Diderich (déi Léng) annonce alors que madame Fio Spada représentera désormais son groupe au sein de l'équipe du Pacte climat et de la Commission de l'environnement.

GUY ALTMEISCH (LSAP) confirme qu'elle sera ajoutée à la liste des réception de la demande écrite, ce qui évite une lecture à voix haute et permet de gagner du temps sans apport réel.

(Vote)

Guy Altmeisch enchaîne avec le point 10, les questions introduites par les conseillers, et donne la parole à monsieur Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP) pose deux questions. La première concerne la situation actuelle du local situé en face de la place du Marché de Niederborn, qui était autrefois occupé par le supermarché Carrefour. Il rapporte qu'un potentiel intéressé a tenté à plusieurs reprises de prendre rendez-vous avec la cellule économique, sans succès.

Les interrogations portent sur les autorisations et le fameux fonds de commerce. Il souligne l'intérêt communal à voir ce local réoccupé, notamment par un commerce alimentaire.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond qu'à sa connaissance, la situation n'a pas évolué. Il affirme qu'il recevrait volontiers tout intéressé, même à 23 h, mais qu'aucune nouvelle demande ne lui est parvenue.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Also, mir soen Iech Bescheed, wann d'Schëlter erëm ewech sinn, da kënne mer erëm een huele goen dohinner zesammen.

Merci fir déi Bemierkungen an déi interessant Duerstellungen an déi flott Fotoen. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 9, dat sinn d'Changementer an deene verschiddene Kommissiounen. D'Lëscht hutt Der an Ärer Diffcloud an d'Lëscht hutt Der och an Ären Dossieren, da bräicht ech se net virzeliesen.

Et si Changementer, déi erakomm si vun der LSAP, vun der CSV a vun deene Gréngen.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Kéint ech do nach zwee Changementer weider eraginn, mëndlech, an de Rescht noreechen?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo, dat maache mer esou. Dat ass okay fir mech. Da kënne mer noreechen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et ass einfach, dass d'Madamm Fio Spada eis am Klimapaktteam an an der Ëmweltkommissioun vertritt an Zukunft.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Mir stelle si da mat op. Schéckt eis et eran.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Da setze mer si mat op déi Lëscht. Da muss ech déi Lëscht net virlesien. Dat spuert eis awer Zäit.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications apportées aux commissions consultatives et aux groupes de travail.

Mer brauchen dat net ze votéieren. Da wäre mer beim Punkt 10 ukomm, dat sinn d'Froen, déi Der eragereecht hutt.

Ech géif da mam Här Meisch ufänken, him d'Wuert ze ginn, fir eis seng Fro matzedeele. Här Meisch, wannechgeeft.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech hätt der zwou. Déi éischt: Wéi ass déi aktuell Situatioun mam Lokal vis-à-vis vun der Nidderkuerer Maartplaz, wouriwwer mer d'leschte Kéier scho rieds haten, wou de Supermarché Carrefour dra war? Gëtt et do een neie Moment? Un eis gouf erugedroen, dass ee potenziellen Interessent e puermol bei eiser Cellule économique ugeklappt hätt, fir ee Rendez-vous ze froen, awer bis haut kee kritt gehat hätt. Selon ses dires.

Et geet do haaptsächlech ëm Froen zu den Autorisatiounen an ëm de berüchtigte Fonds de commerce. Et wär jo och an eiselem Interêt, wann dat Lokal nei besat wär, speziell wann et och nach ee Geschäft am Beräich vun der Alimentatioun ass. Gëtt et do nei Informatiounen vläicht, déi Dir eis kéint an deem Kontext ginn?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Menges Wëssens gëtt et keng nei Situatioun. Ech ka mer wierklech net virstellen, dass een – mir wiere frou, wa mir muer een Interessent hätten. Ech géif dee souguer nuets um eelef Auer empfänken, wann et deem Mann net éischter géif goen. Mee ech weess net, dass een neien Interessent do wier, soss hätt ech deen empfaangen an ech géif eng Foto hei ronderëm reechen, wéi Är Foto elo vum Bistro, géif ech déi ronderëm reechen.

Mee leider hu mer do keng Neiegkeeten. A mir hunn dem Här Poullig schrëftlech matgedeelt, wéi eis Situatioun ass. Also et gëtt keen neie Punkt vis-à-vis vum Gemengerot vum leschte Mount. Do hu mer leider keng besser Neiegkeete wéi déi, déi mer Iech do matgedeelt haten.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech ginn dann dem eventuell potenziellen Interessenten d’Kontakter weider.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo. Dir kënnt him roueg meng Telefonsnummer ginn, also e ka mech roueg selwer uruffen, da maachen ech e Rendez-vous mam Service aus, wann dat de Problem sollt sinn. Maachen ech gären.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

An dann déi aner Fro: Am Februar huet den Hotel-Restaurant Le Presbytère vu Lasauvage e Bréif un d’Gemeng adresséiert, fir d’Resiliatioun vum Bail ze froe fir spéitstens de leschte Juli. Bis elo ouni schrëftlech Reaktioun vun der Gemeng.

Ee vun den Haaptproblemer ass d’Parksituatioun, wéi den Exploitant eis sot. Virun der Aféierung vum Parking résidentiel ware se schonn am Austausch mam Service mobilité, do koume Mail-Äntwerten, wéi: „Je suis désolé, mais je n’ai pas que ça à faire“. Dat läit eis emol schrëftlech vir. Mee dat ka jo awer absolutt net esou sinn.

No der Aféierung vum Parking résidentiel ass säi Chiffre d’affaires agebrach, sot en eis, virun allem, wat d’Mëttestonn am Restaurant ugeet. Problematesch ass dat natierlech, virun allem fir den Hotel oder d’Gäsch am Hotel.

Fir ze vermeiden, dass mer ee weidere Commerce verléieren an aus der Gemeng verbannen, froe mer, ob et net méiglech wär, sech zesummenzesetzen an no Léisungen ze sichen. Dat war am Fong d’Froestellung bis gëschter Owend, well do krute mer d’Bestätigung vum Exploitant, datt en definitiv wéilt ophalen. An dat wär seng Decisioun, seng definitiv Decisioun.

Dofir geet et elo manner ëm eng Fro, éischter ëm e Statement oder eng Matdeelung: Ee Betrib, dee fonctionéiert huet, mécht ënner den aktuelle Gegebenheeten dann elo seng Dieren zou. Ganz onglécklech – och wa sécherlech fir esou een Objet aner Interessenten do sinn. Mee déi Problematik musse mer an de Grëff kréie fir futur Exploitanten op där Plaz. Datt mer eng Léisung zesumme mat hinne fannen, fir Parkplaze fir den Hotel, zum Beispill, oder fir de Restaurant.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Et ass ganz richteg, wéi Der sot, Här Meisch, dass mir schrëftlech ugeschriwwe gi sinn iwwer d’Situatioun vum Presbytère. Seng Haaptursach, firwat den Exploitant ophale wëll, dat wëll ech awer net hei an enger Séance publique kloerstellen, ech soen Iech dat herno an der Non-publique, dat sinn, kann ech Iech awer confirméieren, net d’Parkplazen.

Ech hu selwer mam Mann telefonéiert. Ech war och selwer op d’Plaz, fir mam Mann ze schwätzen iwwer seng Situatioun. Ech hunn dann och do giess, dat war jo dann eng flott Niewenerschënnung, mee niewent dem Iessen hunn ech mer awer och nach Zäit geholl – neen, net ze fëschen, Här Aguiar, mee e Kaffi ze drénken a mam Exploitant ze schwätzen.

Also d’Situatioun, déi de Mann momentan huet, ass net glécklech an ass och garantéiert net flott. Ech erklären Iech et herno an der Non-publique. Et

Il rappelle qu’une réponse écrite a été transmise à monsieur Poullig et qu’aucun élément nouveau n’est à signaler.

FRANÇOIS MEISCH (DP) propose alors de transmettre les coordonnées à l’intéressé potentiel.

GUY ALTMEISCH (LSAP) accepte volontiers et invite même la personne à l’appeler directement afin de fixer un rendez-vous avec le service concerné.

FRANÇOIS MEISCH (DP) explique qu’en février, l’hôtel-restaurant Le Presbytère de Lasauvage a adressé un courrier à la Commune pour demander la résiliation du bail au plus tard fin juillet, sans avoir reçu à ce jour de réponse écrite. Selon l’exploitant, l’un des principaux problèmes tient à la situation de stationnement.

Avant l’introduction du parking résidentiel, des échanges avaient déjà eu lieu avec le service mobilité, avec des réponses par courriel jugées inacceptables, comme « Je suis désolé, mais je n’ai pas que ça à faire », qu’il dit avoir en sa possession. Depuis la mise en place du parking résidentiel, le chiffre d’affaires s’est effondré, surtout à midi, ce qui est particulièrement problématique pour l’hôtel et ses clients. Pour éviter de perdre un commerce supplémentaire, il proposait initialement une concertation, mais, la veille au soir, l’exploitant a confirmé l’arrêt définitif du commerce. Il souhaite donc que la Commune trouve, pour les futurs exploitants, des solutions concrètes en matière de places de stationnement.

GUY ALTMEISCH (LSAP) confirme la réception du courrier. Il précise que la cause principale de l’arrêt n’est pas liée au stationnement et qu’il l’expliquera en séance non publique, s’agissant d’une situation familiale.

Il a lui-même téléphoné à l’exploitant et s’est rendu sur place pour y manger et discuter autour d’un café. Il indique qu’après l’introduction du parking résidentiel, les places sont désormais nombreuses à midi, car les places de stationnement

ment de longue durée et les deux autocaravanes permanentes ont disparu. Même si certains clients doivent marcher cinquante à cent mètres depuis le parking du centre, près de l'école, trente places restent disponibles à une distance raisonnable.

La Commune restera en contact avec l'exploitant et l'aidera à résilier son contrat dans de bonnes conditions avant de chercher un remplaçant.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) rappelle que la Commune est en contact avec l'exploitante depuis plusieurs mois, qui avait évoqué des difficultés de stationnement lors de grands événements. Elle souligne qu'il est impossible de créer des places supplémentaires, mais que nettement moins de voitures stationnent désormais toute la journée à Lasauvage, notamment celles utilisées pour le covoiturage.

Des vignettes ont été accordées à l'exploitant, proportionnellement au nombre de chambres louées, afin que les clients de l'hôtel puissent stationner sans recevoir de contravention au-delà de 90 minutes.

Elle s'étonne donc que l'on présente la situation comme si la commune n'avait rien entrepris, et trouve énigmatique la mention d'une réponse écrite désobligeante.

FRANÇOIS MEISCH (DP) précise alors que, selon l'exploitant, ces vignettes supplémentaires étaient payantes : dix badges pour 600 € par an.

TOM ULVELING (CSV) estime que ce montant est négligeable.

GUY ALTMEISCH (LSAP) annonce que les informations complémentaires seront communiquées en séance non publique.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) demande qui pratique le covoiturage à Lasauvage.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) répond qu'il s'agit de personnes venant de l'autre côté de la frontière, qui se retrouvent sur place, laissent leur voiture et poursuivent ensemble le

ass eng familiär Situatioun, déi him net méi erlaabt, do virunzefueren. Mee et ass awer net a Relatioun mam Parking.

Ech kann Iech och just soen, nodeems de Parking résidentiel agefouert ginn ass – ech war zweemol do –, Parkplaze fir déi Leit, déi an der Mëttesstonn do wëllen iesse goen, sinn der en masse do. Well mer elo d'Situatioun esou berengt hunn, dass d'Dauerparker an déi zwee Campingcaren, déi ëmmer do stounge während x Méint, während der Wanterzäit an esou virun, net méi do sinn. Dass méi Plazen do sinn.

An och, wann ee muss 50 Meter goen, awer nach Parkplazen op enger räsonabler Distanz ewech si vum Exploitant vun deem Restaurant. Am Zentrum, bei der Schoul oder esou viru sinn 30 Parkplazen. Wann een do duerch de Park geet, dann ass een op honnert Meter vum Restaurant ewech, ass een awer op deem Restaurant, wou ee wëll ukommen.

Mir sinn a Kontakt mat him. An ech wäert Iech herno erklären, wat d'Ursaach ass vu sengem Ophalen. Eis deet et och leed, dass e wierklech wëll ophalen. Mir wäerten alles maachen, fir dee Kontrakt, wann en da muss resiliéiert ginn, fir deen dann ze resiliéieren zum Wuel vum Exploitant. An da siche mer, fir erëm e Remplaçant ze fannen. Well bis dato weess ech net, dass e säi Kontrakt wëll viruféieren. Mee ech erklären Iech d'Ursaach herno an der Non-publique.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo, Madamm Charlé. Selbstverständlich.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Mir waren effektiv mam Exploitant oder mat der Madamm a Kontakt. Dat sinn awer schonn e puer Méint hier. Do huet si eis och iwwer Verschiddenes a Kenntnis gesat, wat d'Park-Situatioun ugeet. Wa si effektiv grouss Eventer hunn, wou si da mat all deene Leit hingginn, wa se keng Parkplaz fannen. Bon, mir kënne jo och keng Parkplazen erfannen, soen ech elo mol.

Mee am Fong doduerch, dass daitlech manner Autoen am Dag zu Lasauvage just sti fir ze stoen, net well se do wunnen oder eppes do maachen, mee d'Leit stelle sech dohinner, fueren da mam Covoiturage weider, dat hu mer net méi. Deemno sinn an der Mëttesstonn eigentlech méi Plazen do. Owes ass jo souwisou fräi, dat heescht, do ännert sech näischt.

An den Exploitant krut, ofhängeg vu sengen Zëmmeren, déi e verlount, och Vignetten, déi d'Leit sech konnten an de Pare-brise leeën, datt se dierfen do stoen. Dat heescht, dat war awer schonn eppes, wou mer do gemaach hunn.

Dofir sinn ech e bëssen erstaunt. Also ech sinn och a Kenntnis driwwer, wisou den Här ophält, mee ech sinn awer elo iwwerrascht, dass dat do kënnt, wéi wa mir do näischt gemaach hätten, well mer hinnen – also dat gouf et virdrun net, dat huet jo déi lescht Jore keen hinne proposéiert. Si hunn eng Vignette, wou d'Leit, déi am Hotel iwwernuechten, kréien an esou kee Protokoll kréien, wa se méi wéi 90 Minutten do op der Strooss stinn.

Also mech erstaunt dat elo e bëssen. An och déi Äntwert do, dass mir esou eppes geschriwwen hätten, dat ass mir awer elo e Rätsel.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Den Exploitant huet mir erkläert, déi zousätzlech Vignetten, déi e proposéiert krut, déi hätten en awer misse bezuelen. 600 Euro, huet e mir geschriwwen. Mir kënne dat jo herno nach eng Kéier ...

ENG STÉMM:

Fir se alleguer?

FRANÇOIS MEISCH (DP):

10 Badges fir 600 Euro d'Joer, jo.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Déi Zousaz-Informatioun ginn ech Iech an der Non-publique. Jo, Mardamm Pregnó.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ech hätt eng Fro: Wie mécht Covoiturage zu Lasauvage? Dat hunn ech elo net verstanen.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Et si Leit vu baussen, déi iwwer der Grenz wunnen, déi sech do treffen. Déi loossen den Auto do stoen, zwee, dräi Leit, an een hält déi Leit da mat. Dat si guer keng Leit, déi zu Lasauvage wunnen. D'Leit hu konsequent Lasauvage genotzt, well et läit praktesch, a fueren dann op Lëtzebuerg. Dat gouf iwwer Jore gemaach. Also, dat ass massiv.

A säitdeem sinn och daitlech, et mierkt een an de Stroossen. Et ass net jiddwereen zu Lasauvage zefridden, well d'Schëlter goufe schonn zweemol vandaliséiert an erausgerappt a besprayt, dat heescht d'Zefriddenheet ass net à cent pour cent fir jiddwereen. Mee deen do Probleem, deen ass awer daitlech verbessert.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech ginn eng zousätzlech Erklärung dozou. Et ass och net esou, dass déi Leit vu Lonkech op Lasauvage kommen, sech do treffe mat Leit, déi zu Zoune wunnen, fir do Covoiturage ze maachen. Dat ass et net. Mee et si Leit vun Zoune, déi iwwer engem Privatmann seng Strooss kommen, déi Accès hunn do vum Piipert, iwwer d'Barriär. Déi komme vun Zoune op Zowaasch, maache Covoiturage fir dann Zoune – Lasauvage – Lëtzebuerg ze fueren. Dat ass d'Erklärung vum Covoiturage vu Lasauvage.

Et huet och e bësse gedauert, bis ech et richteg verstanen hat. Et ass och net esou evident.

Dann hätte mer den Här Cillien, deen nach eng Fro ugemellt hat. Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Här Buergermeeschter, merci. Ech hunn eng Fro oder eng Umierkung. Wann een dagdeeglech am Stau steet zu Nidderkuer, Richtung Rondpoint Nidderkuer, also vu Suessem aus, do ass d'Rue de Sanem, déi eng Strooss ass, wou een am Fong nëmmen als Awunner dierf erafueren, déi ass méttlerweil jo eng Einban. An de Stau ass ëmmer an déi dote Richtung. An natierlech notzen eng ganz Partie Leit déi Strooss systematesch fir duerchzufueren, fir eng 20 Autoen ze iwwerhuelen.

Éischtens ass dat net nëmmen eng Incivilitéit u sech, mee u sech ass et eng Strooss, déi jo am Fong nëmme fir d'Awunner ass. D'Awunner si genervt doduerch, wat ech och verstoe kann. Ech weess elo net, ob et besser gëtt, wann den Haneboesch erëm op ass. Dat ka jo sinn. Da steet ee vläicht nëmme méi eng hallef Stonn do, bis een derduerch ass.

Eng Reflexioun wier: Hätt een net besser, déi Einbanstrooss deen anere Wee ze maachen? Well an déi Richtung steet ni een. Esou géif een op d'mannst ëmgoen, datt d'Leit déi Strooss géifen notzen, fir e bëssen Zäit/Sputt ze gewannen.

Dat als Suggestioun. Merci.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Mir haten d'lescht Joer Rendez-vous mat verschiddenen Awunner sur place. Do gouf eng Ëmfro gemaach, wéi sech d'Leit Verschiddenes do virstellen. Dorphin hate mer e Plang ausgedeelt gehat, well dat war jo d'Demande vun de Leit, dass dat zur Einbahn gëtt. An do war och d'Diskussioun fir se ze dréien. Dat gouf awer net zréckbehalen. Dat awer vun den Awunner, wëll ech awer festhalen.

Mir hunn awer där Vitessentschleuneger, also där roudere Këssen, nennen ech se, do installéiert, fir datt manner Vitess an der Strooss ass. A säitdeem den Haneboesch zougemaach ginn ass, ass de

trajet, profitant de la situation géographique avantageuse du village. Elle explique que, pendant des années, un trafic massif s'est développé vers le Luxembourg. Depuis la mise en place de mesures, une amélioration nette se fait sentir dans les rues, même si la satisfaction n'est pas totale : les panneaux de signalisation ont déjà été vandalisés et arrachés à deux reprises. Le problème, néanmoins, est sensiblement réduit.

GUY ALTMEISCH (LSAP) apporte une précision sur le phénomène de covoiturage. Il ne s'agit pas d'habitants de Longwy rejoignant des résidents de Saulnes à Lasauvage, mais bien de personnes venant de Saulnes empruntant le chemin privé d'un particulier, passant par Piipert et la barrière, pour rejoindre Lasauvage, puis effectuer le trajet Saulnes – Lasauvage – Luxembourg en covoiturage. Il reconnaît que la compréhension du mécanisme lui a pris du temps, tant la situation est peu évidente.

ERIC CILLIEN (DP) aborde ensuite le problème de la rue de Sanem à Niederkorn. Cette voie, théoriquement réservée aux riverains et désormais à sens unique, est systématiquement empruntée par les automobilistes coincés dans les embouteillages quotidiens en direction du rondpoint, afin de doubler une vingtaine de véhicules. Au-delà de l'incivilité, cela exaspère les habitants.

Il s'interroge sur l'évolution de la situation lorsque le Haneboesch rouvrira et suggère, à titre de réflexion, d'inverser le sens de circulation, étant donné que l'autre sens n'est jamais embouteillé. Cela dissuaderait les conducteurs qui cherchent à gagner du temps.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) répond qu'une rencontre avec les riverains a eu lieu l'an dernier, accompagnée d'un sondage et de la distribution d'un plan. La mise en sens unique répondait à une demande des habitants, mais l'inversion du sens n'a finalement pas été retenue. Des coussins ralentisseurs rouges ont été installés pour réduire la vitesse.

Avec la fermeture du Haneboesch, le problème de raccourci s'est aggravé, mais cette situation prendra fin le 1er avril.

Un autre problème subsiste dans la rue, ce qui justifiera un nouveau sondage auprès des habitants dans un ou deux mois afin qu'ils participent à la décision. Elle reconnaît que les coussins rouges ne font pas l'unanimité : les déplacer ne ferait que mécontenter d'autres riverains, mais ils restent efficaces pour réduire la vitesse.

ERIC CILLIEN (DP) précise que l'enjeu central reste de stopper le trafic de transit, qui n'a pas sa place dans cette rue.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) annonce avoir plusieurs questions.

(Interruption de M. Ulveling)
Elle aborde d'abord l'espace vert de la route de Pétange, propriété d'une société immobilière, dont l'entretien a été reconduit pour deux ans. Le fauchage a été effectué rapidement, mais les deux buts promis ne sont jamais arrivés l'été dernier, et la barrière censée limiter l'accès à la rue git désormais dans l'herbe. Avec l'arrivée des beaux jours, elle souhaite que le projet soit relancé.

GUY ALTMEISCH (LSAP) assure madame Pregno que la Commune fera de son mieux.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) évoque ensuite une discussion lancée sur Facebook au sujet de la symbolique du drapeau rouge accroché à la commune depuis un certain temps, avant d'apprendre qu'il a déjà été retiré.

GUY ALTMEISCH (LSAP) fait remarquer que les images dont parle madame Pregno sont déjà anciennes, puisque le drapeau qui y figure a depuis été retiré. Il glisse, avec une pointe d'humour, que la commune, elle, est bel et bien toujours là.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) réagit en se réjouissant, non sans ironie, de cette permanence institutionnelle, soulignant que, parmi les trois éléments visibles à l'image, deux ont déjà disparu, ce qui lui

Problème opkomm, dass d'Leit se geholl hu fir ofzekierzen. Dee Moment ass jo elo geschwënn eriwwer, den 1. Abrëll.

Et ass awer och esou, dass en zousätzleche Problem do an der Strooss besteet a mer och dat ganz gär nach eng Kéier kënnen uschwätzen, wouwéinst mer nächste Mount oder an zwee Méint eng aner Ëmfro bei de Leit starten, fir datt se kënnen matentscheeden, wat do geschitt. Gären, wann do nach ëmmer de Problem sollt si vun der Vitesse, da kënnen mer dat nach eng Kéier uschwätzen.

Mee natierlech och déi rout Këssen, déi maachen net jiddweree frou, well deejéinegen, dee se virun der Dier huet, deen ass manner frou; déi aner sinn da frou. Mir kënnen se da versetzen, dann ass erëm iergendeen aneren net frou. Mee et hëlleft awer, fir Vitess erausze kréien.

ERIC CILLIEN (DP):

Et geet einfach drëm, fir den Duerchgangsverkéier ze stoppen, deen am Fong net dohinner gehéiert. Dat ass am Fong dee grouse Problem bei där ganzer Saach.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Madamm Pregno, Dir hat nach eng Fro ugemellt. Madamm Pregno, wannech gelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ech hunn net just eng Fro, ech hunn e puer Froen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Oh Gott!

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Jo, Här Ulveling, et deet mer leed. Et ass och eng dobäi fir Iech, mee ech hale mer déi fir de Schluss.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Courage! Courage!

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ech hunn eng Fro, wat d'Gréngfläch an der Route de Pétange ugeet. D'lescht Joer hat Der d'Propos ugeholl, fir déi Gréngfläch, déi u sech enger Immobilière gehéiert an u sech sollt bebaut ginn, erëm fir zwee Joer ze ënnerhalen. Dat gouf och ganz gutt lancéiert d'lescht Joer, d'Gemeng war schnell méie gaan-gen.

Et war nach versprach ginn, dass Der zwee Goler fanne géift, fir déi erëm do ze placéieren. Déi sinn awer leschte Summer ni komm. Mëttlerweil ass d'Paart oder d'Gelänner, wat vir den Zougang zur Strooss e bësse soll hënnere, ëmgefall, läit do an der Wiss. Déi schéin Deeg annoncëiere sech jo, et wär flott, wann Der de Projet erëm géift ophuelen an da vläicht dëst Joer zwee Goler fannt. D'Méien hat jo mol scho geklappt. Ech denken, do si mer an der Kontinuitéit. Vläch kann een do nach eng Kéier drop agoen.

Dat war elo manner eng Fro wéi eng Remark. Et deet mer leed. Packt Der bestëmmt.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Mir maachen eist Bescht.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Super.

Dann ass op Facebook an esou enger Grupp eng Diskussioun lancéiert, wat d'Symbolik vum Fändel op der Gemeng wier. Op der Gemeng hänkt zënter geraumer Zäit e roude Fändel.

ENG STËMM:

Deen ass fort.

Questions

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ass en elo fort? Gutt.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Hutt Der do erëm Biller gesinn? Dat sinn dann och erëm méi al Biller, well de Fändel ass fort.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

D’Gemeng ass awer nach ëmmer do!

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Gott sei Dank! Gott Sei Dank.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Gutt. Dann ass schonn ...

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

De Mëtten ass se och nach do.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Zwou vun dräi war scho schnell. Da meng Fro fir den Här Ulveling: Wou si mer dru mat den Actes notariés fir d’Montée du Wangert?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Weess ech net, Madamm.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Jo, dat war allerdéngs och schonn d’Äntwert déi leschte Kéier.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Déi si beim Nottär normalerweis. Mir si jo mat jiddwerengem eens, souwäit ech weess.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Mee déi musse jo awer iergendwann ënnerschiwwen ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ma jo, mee mir si jo mat de Leit alleguerten eens a mir hunn dem Nottär, souwäit ech weess, déi Dossieren all ginn. A wann deen nach net fäerdeg mat der Dénge ass, dann – mir hu se nach net ënnerschiwwen, dat weess ech.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ma jo, d’Leit jo och net.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mee dat läit um Nottär. Et läit um Nottär, fir den Dossier ze preparéieren an eis en da virzeleeën.

GUY TEMPELS (CSV):

Ech kann Iech do eng Hëllef ginn: Also wann e Compromis geschriwwen ass, „Compromis vaut acte“. Dat heescht de Compromis ass gëltig wéi en Akt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

GUY TEMPELS (CSV):

Dat ass per Geriicht esou.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Jo, jo, mee d’Gemeng schafft mëttlerweil op deem Terrain, also scho länger Zäit, op Privatterrain.

paraît être un changement bien rapide.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *confirme par ailleurs que le bâtiment, lui, est encore là à l’heure actuelle.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *enchaine par une question de fond qu’elle adresse à monsieur Ulveling. Elle souhaite savoir où en est le dossier des actes notariés relatifs à la montée du Wangert.*

TOM ULVELING (CSV) *lui demande de répéter.*

(Interruption)

Tom Ulveling reconnaît ne pas être en mesure de lui fournir une réponse précise.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *fait alors remarquer, avec une certaine lassitude, que cette même réponse lui a déjà été donnée lors de la dernière séance.*

TOM ULVELING (CSV) *tente de préciser sa pensée : les actes se trouvent normalement chez le notaire, et, à sa connaissance, la Commune est parvenue à un accord avec l’ensemble des parties concernées.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *objecte que ces actes doivent, malgré tout, être signés à un moment donné.*

TOM ULVELING (CSV) *maintient sa position en expliquant que les dossiers ont été transmis au notaire et que, si la signature n’a pas encore eu lieu, la responsabilité en incombe à ce dernier, qui doit préparer le dossier et le soumettre à la Commune.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *réplique que, dans ces conditions, les administrés ne peuvent évidemment pas non plus signer.*

GUY TEMPELS (CSV) *intervient alors pour apporter un éclairage juridique. Il rappelle l’adage « compromis vaut acte » : dès lors qu’un compromis est signé, il a, sur le plan judiciaire, la même valeur qu’un acte authentique.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *reconnaît ce principe, mais souligne que*

la Commune travaille déjà depuis un certain temps sur ce terrain, lequel demeure une propriété privée tant que les actes ne sont pas régularisés.

GUY TEMPELS (CSV) concède qu'il serait effectivement préférable que la situation soit clarifiée.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) renchérit en estimant qu'il serait plus correct, sur le plan formel, que les actes soient effectivement signés.

TOM ULVELING (CSV) indique alors qu'il interrogera maître Metzler, le notaire responsable du dossier, afin d'obtenir des précisions.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) l'en remercie.
(Discussions)

TOM ULVELING (CSV) confirme qu'il s'agit bien de maître Metzler.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) rappelle qu'une loi prévoit qu'à partir du 1er mars, les grands élagages d'arbres ne sont plus autorisés, sauf lorsque les arbres gênent la circulation ou mettent des personnes en danger.

Or, la veille, dans le parc de la Chiers, où des travaux avaient déjà été effectués il y a environ un mois (tonte, taille des haies, abattage d'un ou deux arbres imposants), elle a constaté que des troncs épais gisaient au sol après une intervention à la tronçonneuse. Elle souhaite savoir pourquoi cette opération a lieu si tardivement, alors qu'on approche de la fin mars.

Elle enchaîne par une seconde question concernant la route de Pétinge, où un nouvel accident s'est produit il y a deux jours. Elle considère ces axes comme de véritables circuits de course.

En traversant récemment la commune de Bascharage, elle a remarqué que des coussins ralentisseurs ont été installés partout, à Oberkorn, à Bascharage et à Linger.

Differdange a toujours invoqué le statut de voirie d'État pour justifier son inaction concernant la route de Pétinge et les routes sortant des localités. Elle se demande comment Bascharage est parvenue à installer

GUY TEMPELS (CSV):

Jo. Mee et wär natierlech scho besser.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Et wär schonn awer méi propper, wann déi ënnerschriwwen wieren. Vlächent kënnt Der eng Kéier duerno kucken.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech kann de Maître Metzler froen.

Laura Pregno (déi gréng):

Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

D'Madamm Schütz hat nach eng Fro ugemellt. Madamm Schütz, wannech-gelift.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Et ass e Gesetz, wat virgesäit, dass ab 1. März net méi grouss Bamschnëtter dierfe virgeholl ginn, ausser et si Beem, déi de Verkéier beaflossen oder wa Persounen a Gefor sinn.

Gëschter sinn awer am Parc de la Chiers, wou virun engem Mount ongeféier, virun engem Mount, wierklech all d'Aarbechte gemaach gi sinn: geméit ginn, d'Hecke geschnidde ginn, een oder zwee Beem gefällt ginn, riseg Beem. Ech war laanscht gaangen, si hu mat schwéierer Motorsee do geschafft. De Moien hunn ech gesinn do déck Bamstämme leien.

Ech wollt froen, firwat dat eréischt elo geschitt ass, well mir si jo awer elo eigentlech scho Mëtt respektiv ginn op Enn März zou? Dat ass meng éischt Fro.

Soll ech déi Zweet direkt hannendru stellen? Jo. Da wollt ech froen, am Péitenger Wee, do ass jo elo virun zwee Deeg schonn erëm en Accident geschitt. Do sinn des Ëftere schonn Accidenter geschitt, dat sinn eis Rennstrecken. Wéi

ech d'leschte Kéier duerch d'Käerjenger Gemeng gefuer sinn, hunn ech gesinn, dass Uewerkäerjeng – Käerjeng – Lénger, iwwerall där Këssen do opgestallt gi sinn.

Mir hunn als Gemeng ëmmer gesot, dat si Staatsstroossen, Péitenger Wee oder all déi Stroossen, déi aus eisen Uertschaften erausféieren. Ech froe mech, wéi d'Käerjenger Gemeng dat dann hi-kritt huet, well si hunn nämlech och Këssen op Stroosse gemaach, déi aus hiren Uertschaften erausféieren. Wat, denken ech, och Staatsstroosse sinn.

Et ass eigentlech eng Sécherheet fir eis Bierger, eis geparkten Autoen, well déi Accidenter si meeschtens mat Leit, déi um Trottoir waren, respektiv si sinn a geparkten Autoe gerannt.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat ass richteg, Péitenger Wee, Käerjenger Wee, all déi Stroossen, déi aus der Stad erausféieren, dat si Staatsstroossen. Et ass elo net, dass du op Staatsstroosse keng Ralentisseuren autoriséiert kriss, mee du muss se als Gemeng ufroen.

Mir kënnen elo net hei decidéieren, mir maachen elo Ralentisseuren an de Péitenger Wee oder d'Verkéiserskommission decidéiert dat. Dat muss fir d'éischt ugefrot ginn. Iwwer Ponts et chaussées gëtt dat autoriséiert oder refuséiert an esou virun. Et schwätzt näischt dogéint, fir där Ralentisseuren an de Péitenger Wee ze maachen. Ech weess awer elo net – d'Madamm Charlé kann eis do den Detail soen, wéi den Ist-Zoustand ass.

Dat anert, wat Der gefrot hutt mat de Beem, do weess ech just, dass de Fierschter alt emol spontan bei mech kënnt, well ech da muss ënnerschreiben. Dat si Beem – ech wëll awer elo net soen, dass dat doten där Beem sinn –, ech wëll Iech just soen, dass och nach no März ka gehae ginn oder Beem ewechgemaach ginn oder deelweis Beem ewechgemaach kënnen ginn. Wa se eng Gefor duerstelle fir Gebai-lechkeeten oder fir Leit, déi an engem Park oder déi Accès bei déi Beem hunn, dierfen déi och no där Zäit ewechgemaach ginn, trotzdem et, laut Natur-

schutzgesetz, verbueden ass, fir Beem ëmzעהen.

Ech kann Iech net soen, elo hei spontan, firwat déi ewechgemaach gi sinn am Parc de la Chiers. Mee mir wäerten dat awer nofroen an Iech déi Informatioun noreechen.

Ech géif awer der Madamm Charlé d'Wuert ginn, fir déi Detailer aus dem Péitenger Wee respektiv mat deene Ralentisseurs Iech do ze ginn. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Péitenger Wee. Do schwätze mer am Fong vun der Entrée fir an Uewerkuer eran. Et sinn zwou Plazen, souwéi och d'Héisenger Strooss, fir mech ass dat e bëssen esou een Ensembl vun deene selwechte Probleemer, just op verschiddene Plazen.

Mer haten d'lescht Joer – dat ass scho wierklech e Strapp hier, ech ka keen Datum soen – d'Permissions de voirie ugefrot. Déi si scho wierklech laang ugefrot, fir op breede Stroossen där roudere Këssen ze maachen. Dat géif näischt ginn, dat heescht, dat musse wierklech baulech Mesurë sinn, wou et e Stéck eropgeet. Dat dierf dann och net ze vill sinn.

An do hate mer eppes ugefrot, do war awer, wann ech mech net ieren, op enger Plaz dat dann dräi Zentimeter ze héich, dat heescht déi Pente geet dann ze vill. Da gëtt dat net ugeholl, da muss dee Plang nach eng Kéier iwwerschafft ginn, an da waarde mer erëm sechs Méint.

Dat Ganzt ass wierklech eng immens Prozedur, fir dass eppes geschitt, wat oft ganz, ganz komplizéiert ass, dass mer et duerchréien. Mee ech mengen, säit engem Joer sinn déi ugefrot, säit bal engem Joer. Dat heescht, mir hoffen, dass mer elo deemnächst Retoureréieren.

Vun enger Plaz hu mer e Retour, vun där anerer nach guer näischt. Mee soubal dat de Fall ass, wär d'Iddi, dass am Fong esou Schlenker matagebaut ginn. Dat heescht net nëmmen Erhéijungen, mee Schlenker, wou d'Vitesse erausgeholl gëtt. Wéi gesot, et ass leider sou.

Ech mengen, wann et op anere Plaze vläicht méi séier geet oder Saache gemaach ginn – et ass och net ëmmer alles esou ugefrot, wat ech kengem wëll ënnerstellen, mee verschiddener bauen a froe gläichzäiteg un. Mee wann elo do e Problem wär, da misst een et eigentlech ewechhuelen.

Mir fleegen awer och eng ganz gutt Entente mat Ponts et chaussées a mam Ministère, soudass mir dat awer net wëlle maachen an eis do natierlech wëllen un déi gegeebe Reegelen halen. Dofir da vläicht e bësse méi Zäit muss beusprocht ginn.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Et war och emol eng Zäit vun esou Luuchten, intelligente Luuchte rieds gaangen, déi dann op rout sprangen, wann een iwwer eng gewësse Vitesse fiert. Ass elo guer net méi ugeduecht, fir esou eppes vläicht dohinner ze setzen an déi Stroossen? Well wann ech un de Péitenger Wee denken – déi aner hunn elo keng, d'Héisenger Strooss huet keng Luucht, mee de Péitenger Wee huet jo eigentlech zwou rout Luuchten, enne bei der Maison de soins a bei der Cité.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Ech kann Iech elo net méi auswennege soen, wat mer alles an de Permissions de voirie ugefrot hunn, ob déi Luuchten do ugefrot gi waren oder net. Ech denken awer, dass déi Schlenker eleng schonn esou vill Vitess wäerten eraushuelen, dass jiddefalls déi viischt rout Luucht, wou Der sot beim Servior, warscheinlech net méi esou misst gereegelt ginn.

Dat anert kann ech gären nofroen, wéi gesot, weess ech net auswennege. Soubal mer do och Feedback hunn an déi Pläng eenegermoossen accordéiert sinn, wäert dat natierlech och an d'Kommissioun kommen. Mee soulaang een net emol hallefwee en Okay huet, dass een et ka maachen ... Mee mäin Zil war et ëmmer, dass mer dës Joer nach mat deene Chantiere kënnen ufänken. Dat heescht, hoffentlech kréie mer séier Feedback, da gëtt et séier besser.

ces dispositifs sur des routes pourtant similaires.

Il s'agit d'une question de sécurité pour les citoyens et les voitures stationnées, car les accidents impliquent généralement des piétons sur le trottoir ou des véhicules garés.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *confirme que ces axes sont des routes étagées, mais précise que des ralentisseurs y restent autorisables, à condition d'en faire la demande. La décision revient à la Commission de la mobilité et à l'Administration des ponts et chaussées.*

Concernant les arbres, il explique que le garde forestier vient parfois spontanément lui faire signer des autorisations, et que des abattages restent possibles après mars en cas de danger pour des bâtiments ou des personnes, malgré l'interdiction prévue par la loi sur la protection de la nature. Il ne peut pas fournir d'explication immédiate concernant le parc de la Chiers, mais s'engage à transmettre l'information.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) *évoque deux endroits à l'entrée d'Oberkorn ainsi que la rue de Hussigny, qu'elle considère comme un ensemble de problèmes similaires. Les permissions de voirie ont été demandées il y a près d'un an. Les coussins rouges sont refusés sur les routes larges; il faut donc des aménagements bâtis, avec une légère élévation, sans excès. Une demande a été rejetée parce que la pente dépassait trois centimètres, ce qui impose une révision et six mois d'attente supplémentaires. Un retour a été obtenu pour l'un des emplacements, mais non pour l'autre.*

L'idée est d'intégrer des chicanes plutôt que de simples surélévations afin de réduire la vitesse. Elle souligne les bonnes relations avec l'Administration des ponts et chaussées et avec le ministère, ce qui implique le respect des règles en vigueur.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) *évoque les feux intelligents qui passent au rouge en cas d'excès de vitesse, et demande si cette piste est abandonnée, la route de Pétange disposant déjà de deux feux rouges.*

Questions

ZENIA CHARLÉ (LSAP) *ne se rappelle pas si ces feux figurent dans les demandes, mais estime que les chicanes suffiront à réduire la vitesse, notamment près de Servior. Elle promet de vérifier et espère démarrer les chantiers cette année.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *clôt la séance publique.*

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

War nach een eng Fro hätt, kéinte mer déi elo nach traitéieren, dann huele mer déi nach mat? Wann dat net de Fall ass, géife mer an d'Séance non-publique iwwergoen

TOUS LES CLUBS DE SPORT DE DIFFERDANGE D'UN SEUL COUP D'ŒIL !

Adresses, contacts et présentations en vidéo
des clubs et associations sportives sur :


differdange.lu/clubs



ATTENTION AUX PICKPOCKETS !

EN GÉNÉRAL : Méfiez-vous si des inconnus s'approchent trop de vous. Les pickpockets et escrocs utilisent divers moyens de distractions pour s'emparer discrètement de vos objets de valeur.

LE DISTRACTEUR



Ne vous laissez pas distraire par des personnes étrangères qui demandent votre attention. Gardez toujours un œil sur vos objets de valeur et gardez-les près de votre corps.

LE BOUSCULEUR



Faites attention aux personnes qui vous bousculent ou qui s'approchent trop de vous. Gardez toujours vos sacs fermés.

LE DANSEUR



Gardez une distance entre vous et des personnes inconnues qui vous serrent dans les bras ou qui dansent près de vous.

LE SOLLICITEUR



Faites attention aux personnes qui s'approchent trop près de vous pour vous demander p.ex. de la monnaie ou des cigarettes.